



DEMOKRATESCH
PARTEI

ZUKUNFT OP LËTZEBUERG

LËSCHT
6

WALPROGRAMM 2018



#dp2018



Demokratesch Partei

148-150 boulevard de la Pétrusse
L-2330 Luxembourg
Tel. (+352) 22 10 21
Fax. (+352) 22 10 13
Email: secretariat@dp.lu

www.dp.lu

 [demokrateschpartei](https://www.facebook.com/demokrateschpartei)
 [dp_lu](https://twitter.com/dp_lu)
 [demokratesch_partei](https://www.instagram.com/demokratesch_partei)
 621 37 2018

Inhalt

Inhalt	3
Zukunft op Lëtzebuergesch	13
Steierpolitik: d'Bierger gerecht entlaaschten an d'Entrepreneariat fërderen	15
Steiererliichterunge fir de Bierger a méi e gerechte Steiersystem	15
Keng Ierfschaftssteier an direkter Linn a keng weider Upassungen an indirekter Linn	15
Mat enger Grondsteuerreform fir méi Gerechtegkeet suergen.....	16
Superreduzierten TVA-Taux op de Renovatioune vun Immobilien vun iwwer 10 Joer	16
Reparatioune an elektresch Autoe steierlech bevirdelegen	16
Lues a lues aus dem Tanktourissem erausklammen	16
Steiercompetitioun op EU-Niveau zouloossen	16
Keng Digital- oder Finanztransaktionssteuer	16
Eng Steierpolitik, déi Innovatioune ënnerstëtzt an Aarbechtsplaze schaaft	17
Kleng a mëttelgrouss Betriber steierlech entlaaschten	17
D'Besteuerung vun „avantages en nature“ vereinfachen	17
Investitioune vu Privatleit a Start-uppen steierlech avantagéis maachen	17
D'Steierverwaltung weider moderniséieren	17
Bildung: Fair Zukunftschancë fir ons Kanner.....	18
Kannerbetreung a Klengkanner	19
E wëssenschaftleche Conseil institutionaliséieren	19
Service fir Innovatioun a Qualitéitsentwécklung an der net-formaler Bildung schafen.....	19
Unerkannt Agencen an der Weiterbildung schafen	19
Nei a spezialiséiert Formatioune fir de Beräich vun der Kannerbetreung entwéckelen	19
„Chèque-Service“ reforméieren	19
Maison Relais zu Familljenzentren ausbauen	19
De Bau vu Bildungshaiser fërderen	20
Projet „Quartierseltern“ a Quartiere mat enger héijer Immigratioun lancéieren.....	20
Kannerveräinsbus aféieren	20
National Elterevertriebung fir net-formal Bildung aféieren	20
Gesond Ernierung ënnerstëtzen.....	20
Echange tëscht den Elteren an de Betreier aus de Crèche a Maisons Relais ausbauen ..	20
Staarkkanner.lu ausbauen	20
Gratis Kannerbicher offréieren.....	20
Iwwerbléck iwwert d'Offer an der Kannerbetreung schafen	21
Jugend	21
Offer u betreitem Wunnen an u Jugendwunnengen ausbauen	21
Jugendtreffen am Secondaire developpéieren	21
Jugendlecher duerch Jugendarbecht a Workshop-Programmer aktivéieren.....	21
Internater ausbauen an e Gesetz fir d'Qualitéit schafen	21
Jugendhëllef	21
Qualitéitskader fir Jugendlecher entwéckelen.....	21
National Responsabilitéit iwwerhuelen	21
Gouvernance vun der Bildungspolitik	21
„Lëtzebuerger Modell“ fir eist Bildungswiese stäerken	21
Grondschoul.....	22
Regional Direktiounen entwéckelen	22
„Guichets Uniques“ vun der Bildung schafen.....	22

Weider beruflech Perspektive fir d'Léierpersonal schafen	22
Zesumme mat der Uni.lu Master-Formatiounen an der Bildung ausschaffen	22
Spezialiséiert Enseignante fir „Compétences numériques“ (I-CM) engagéieren	22
Formation continue ECTS-konform gestalten	22
De „Coding“ spilleresch an der Grondschoul aféieren	22
Digitale Programm fir de Sproochenunterricht entwéckelen	23
Digital Übungsplattform fir Schüler opbauen	23
Generelle Support bei den Hausaufgaben duerch d'Léierpersonal.....	23
De Fonctionnement a Schoulzykle bewäerten	23
D'Berechnung vum Contingent evaluéieren an eventuell iwwerdenken	23
Efforten a Richtung Inclusioun an der Grondschoul weiderféieren	23
Therapie-Zentre fir schwéier verhalensopfälleg Kanner	23
Beräicher fir d'Elteren an de Grondschoulen	23
Mat Bewegung léieren: Projet „Beweegt Schoul“ ausbauen.....	24
Administrativen Opwand reduzéieren	24
D'Methode vun der Evaluatioun bewäerten an harmoniséieren	24
Secondaire a Berufsausbildung	24
Gestaltungs- an Entscheedungsfräiheet vun de Schoule garantéieren	24
„Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler“ garantéieren.....	24
Offer u Klasse mat engem europäesche Programm ausbauen	24
Thematesch Schwéierpunkten an de Schoule fërderen.....	25
Kompetenze fir Problemer ze léisen an de Mëttelpunkt stellen	25
Pilot-Schoul am Süden etabléieren	25
De Fokus op d'Entwécklung vum Unterricht leeën	25
Didaktesch Formatioun fërderen	25
Schoulesch Defiziter zilorientéiert ugoen.....	25
Sproochekolonië fir d'Schüler aus dem Secondaire organiséieren.....	25
„Equipes socio-éducatives“ an Offere vu baussent der Schoul ausbauen	26
Stonnen ouni Schoul ofschafen	26
Inclusioun ass och am Secondaire méiglech	26
Mediekompetenz vun de Schüler stäerken	26
En Tablett fir all Schüler.....	26
Informatik-Sektioun ausbauen	26
„Coding“ – D'Sprooch vun der Zukunft léieren	27
MINT-Fächer fërderen, Innovatiounssite festegen	27
„Luxembourg Science Center“ ausbauen	27
Berufsausbildung opwäerten	27
Deelzertifikatioun a Berufsbildungswierk schafen.....	28
Gratis Accès fir d'Meeschterprüfung aféieren	28
Erwuessenebildung an Héichschoulen	28
Offer u BTS-Coursen erweideren a Partnerschaften ofschléissen	28
„Digital Learning Centers“ an e Bildungsscheck an der Erwuessenebildung aféieren	28
„Digital Learning Hub“ –en digitale Kompetenzzenter fir Lëtzebuerg schafen	28
D'Qualitéit vun der Formation professionnelle continue sécherstellen.....	28
Erwuessenebildung stäerken	28
Zentrum fir politesch Bildung ausbauen.....	29
D'Lëtzebuerger Sprooch: Geziilt fërderen an hire Stelleväert stäerken	30
Strategie fir d'Förderung vun der Lëtzebuerger Sprooch ëmsetzen	30
D'Lëtzebuerger Sprooch op EU-Niveau stäerken.....	30
Online- a Biergerforume notzen.....	30

Obligatoresch Lëtzebuergesch-Coursen a Privatschoulen aféieren	31
D'Lëtzebuurger Sprooch am virtuelle Raum stäerken	31
Lëtzebuergesch-Coursen am Gesondheetswiese fërderen an ausbauen	31
„vergiessen“ Wieder dokumentéieren	31
„Lëtzebuerg-Haus“ als zentral Plaz, fir sech ze begéinen schafen	31
Héichschoul a Fuerschung: den Innovatiounsstanduert Lëtzebuerg ausbauen ...	32
D'Uni Lëtzebuerg stäerken, Exzellenz fërderen	32
Uni.lu a staatlech Recherchezentren extern evaluéieren.....	33
Besoinen vun der Gesellschaft a vun der Wirtschaft an der Fuerschung berücksichtegen	33
Öffentlech Finanzéierung u Leeschtungskontrakter knäppen	33
Qualitativ Fuerschungsergebnisser belounen	33
Zesummenaarbecht vu Fuerschungsinstituter ënnerstëtzen	33
Öffentlech-Privat Partnerschaften an der Fuerschung fërderen.....	33
„Matching-Fund-Prinzip“ aféieren	33
Offer u BTS-Coursen erweideren a Partnerschaften ofschléissen	33
Zesumme mat der Uni.lu Master-Coursen am Beräich Bildung ausschaffen	33
Ausbau vun de Medezinstudien hei am Land bewäerten.....	34
Investitiounen vu Privatleut a Start-uppen steierlech avantagéis maachen	34
Infrastruktur vun Entwécklungs- a Recherchesiten ausbauen.....	34
„Open Access“ zu staatlech finanzierte Fuerschungsprojete garantéieren	34
Virtuell Unissäll	34
Wunnumraum fir Studenten schafen.....	34
Familljepolitik: Eng besser Verknäppung vu Beruff a Famill	35
Congé parental PLUS aféieren	35
D'Aarbechtszäiten am Interessi vun de Salariéen a vum Patronat méi flexibel gestalten ...	35
Aarbechtszäitkonte generell aféieren	35
Den „Télétravail“ fërderen	36
Pappecongé fir Selbstständige aféieren	36
Kannerveräinsbus aféieren	36
D'Opnam vu Fleegekanner a Fleegefamillje weider ënnerstëtzen	36
Gesetz iwwer d'Relatiounen tëscht dem Staat an den Organisatiounen an de Beräicher Soziales, Famill an Therapie reforméieren.....	36
Zesummeliewen an der Gesellschaft: oppen, tolerant, solidaresch an inklusiv	37
Gesellschaftspolitik	38
D'Rechter vun de Kanner a Jugendleche stäerken.....	38
Individuell Risikobewäertung bei Blutt- a Plaque-Spenden	38
De Benevolat stäerken	38
D'Auswierkunge vum neie Scheedungsgesetz préiwien	38
Lutte géint Gewalt am Stot ausbauen	38
Gläichstellung vu Mann a Fra garantéieren.....	39
Rechter vun Transgender a vun intersexuelle Mënsche stäerken	39
Gesetzleche Kader fir „Mères porteuses“ („Leihmütter“) schafen.....	39
Kontrolléiert Legaliséierung vum Cannabis.....	39
Stroosseprostitutoun evitéieren	39
Verjürungsfrist fir Vergewaltigungen ofschafen	40
De Prinzip vun der Mediatioun ausbauen.....	40
Äschendispertioun am Bier oder a Flëss erlaben	40
Senioren	40

Eng modern Seniorenpolitik: Ënnerstëtzung fir aktiv al ze ginn	40
All Bierger e Senioren- a Fleegeheim erméiglechen	40
Upassung vun der Fleegeversicherung am Sënn vun de Patienten	40
Gratis ëffentlechen Transport aféieren	41
Inclusioun	41
Barrièrefräiheet weider fërderen	41
Selbstbestëmmt Liewen aktiv ënnerstëtzen	41
Efforten a Richtung Inclusioun an der Grondschoul weiderféieren	41
Inclusioun ass och am Secondaire méiglech	41
Inclusioun op der Aarbechtsplaz fërderen	41
D'Capacitéite vun de „Centres de propédeutique“ ausbauen	41
Gebäerdesprooch als offiziell Sprooch: Praktesch Ëmsetzung garantéieren	41
Ouni Barrière kommunizéieren, duerch déi einfach Sprooch	42
Solidaritéit	42
Obdachlosegkeet bekämpfen	42
D'Verwaltung vu soziale Locatiounswunnengen („gestion locative sociale“) weider ausbauen	42
Opnam an Integratioun	42
Demandeurs d'asile mënschewierdeg ophuelen	42
Kompetenze fir Flüchtlingen zesummeleeën	42
Séier, ma gerecht Asylprozedure garantéieren	42
Auslännesch Matbierger integréieren	43
Kulturpolitik: Geziilt Fërderung vun de Kënschtler a vun enger kultureller Participatioun fir all d'Leit	44
En neit Gebai fir d'Nationalarchiven	44
E modernt Denkmalschutzgesetz ëmsetzen	44
D'Wäertschätzung vum kulturellen Ierwen ofsécheren	44
„Lëtzebuerg-Haus“ als zentral Plaz, fir sech ze begéinen schafen	45
Eng Galerie fir zäitgenëssesch Lëtzebuerger Konscht an e Lëtzebuerger Kënschtlerlexion	45
Oppe Kreativitéitssite schafen	45
D'Digitaliséierung fir d'Vermëttlung vun der Kultur profitéieren	45
Integratioun a sozial Kohäsioun duerch d'Kultur fërderen	45
D'Kooperatioun tëscht de Bibliothéike verdéiwen	45
„Bicherbus“ ausbauen	46
Gratis Museksunterrecht aféieren	46
Lëtzebuerger Konscht am Ausland ënnerstëtzen	46
Ateliere fir Kënschtler an Acteure vun der Kreativwirtschaft schafen	46
Eidel Plaze fir kulturell Aktivitéite mobiliséieren	47
Europäesch Kulturhauptstad „Esch/Uelzecht 2022“ als Chance fir d'Kultur an d'Kreativwirtschaft notzen	47
Eng regional ausgeglache Kulturpromotioun sécherstellen	47
Op d'mannst 1% vum Staatsbudget an d'Kultur investéieren	47
De Kulturentwécklungsplang ëmsetzen a mat den „Assises culturelles“ weiderfueren	47
Digitaliséierung a Medien: Digital denken an d'Onofhängegkeet an d'Villfalt vu de Medie garantéieren	48
Digitaliséierung	48
Eng Koordinatiounsplaz am Staatsministère fir d'Digitaliséierung schafen	48
Strengen Dateschutz garantéieren	48
Digital Administratioun ëmsetzen	48

„Digital Learning Centers“ an e Bildungsscheck an der Erwuessenebildung aféieren	48
„Coding“ –d’Sprooch vun der Zukunft léieren	48
Spezialiséiert Enseignante fir „Compétences Numériques“ (I-CM) astellen	49
Digitale Programm fir de Sproochenunterricht entwéckelen	49
Digital Übungsplattform fir Schüler opbauen	49
Mediekompetenz vun de Schüler stäerken	49
En Tablett fir all Schüler.....	49
Informatik-Sektioun ausbauen	49
„Digital Learning Hub“ – en digitale Kompetenzzenter fir Lëtzebuerg schafen	49
Qualitative Wuesstem duerch déi digital Wirtschaft ofsécheren	49
D’Attraktivitéit vum ICT-Standuert Lëtzebuerg ausbauen	49
Start-up-Natioun Lëtzebuerg ausbauen	49
Méi e séieren Internet iwwer Glasfaserleitungen a 5G-Technologie.....	49
Lëtzebuerg soll Spëtzt fir nei Technologie ginn	50
„Cyber-Security“ verstärken.....	50
Bezuelen ouni Pabeier fërderen.....	50
En digitale Bannemaart fir Europa schafen.....	50
Intelligent, digitaliséiert Verkéiersleetsystemer aféieren	50
E gesetzleche Kader fir autonoomt Fuere.....	50
Eis Uertschaften zu „Smart Cities“ entwéckelen	50
D’Neutralitéit vum Netz sécherstellen.....	50
„eSanté“ am Interessi vum Patient notzen.....	50
Vun der Digitaliséierung an der Landwirtschaft profitéieren	51
D’Justiz digitaliséieren	51
D’Digitaliséierung fir d’Vermëttlung vun der Kultur profitéieren	51
Medien a Mediastanduert.....	51
Onofhängegkeet a Villfalt vun der Press garantéieren	51
Filmstanduert Lëtzebuerg ofsécheren	51
Aarbecht: Beruff a Privatliewe matenee verbannen	52
D’Aarbechtsrecht op negativ Auswierkunge fir d’Salariéen an d’Patronat iwwerpräiwen ..	52
D’Aarbechtszäiten am Interessi vun de Beschäftegten a vum Patronat flexibel gestalten...	52
Aarbechtszäitkonte generell aféieren.....	53
Den Télétravail fërderen	53
Dezentral Aarbechtsplaze schafen an den „Télétravail“ an der Groussregioun fërderen.....	53
Congé parental PLUS aféieren.....	53
Um Index festhalen	54
Keng Sozialbäiträg op den Iwwerstonnen	54
Mindestlounempfänger gezielt ënnerstëtzen, ouni Aarbechtsplazen ze riskéieren	54
D’Qualitéit vun der Formation professionnelle continue sécherstellen.....	54
Weiderbildungsoffensiv fir schwéier vermëttelbar Aarbechtsloser lancéieren.....	54
Perspektive fir motivéiert Aarbechtsloser schafen.....	54
De Chômage fir Leit opmaachen, déi gekënnegt hunn.....	54
Öffnungszäite liberaliséieren	54
Kloer Reegele fir d’Sozial- an d’Solidarwirtschaft ausschaffen	54
Sozialdumping konsequent bekämpfen	55
Déi europäesch Entsendedirektiv reforméieren	55
Deelzäit-Krankeschäin aféieren	55
De Sozialdialog an de Betriber stäerken.....	55
Gesond Staatsfinanzen: de Fong vum Erfollegmodell Lëtzebuerg	56

Virufuere mat der responsabeler Budgetspolitik.....	56
En ambitionéierten Investitiounsprogramm fir Lëtzebuerg ëmsetzen	56
Joresdotatioune fir den Zukunftsfong erhéijen.....	56
Ëffentlech-Privat-Partnerschafte fërderen	57
AAA-Rating ofsécheren	57
Déi national Budgetsmethod un den europäesche Berechnungssystem (SEC) upassen	57
Wirtschaftspolitik: de Standuert stäerken an de Mëttelstand fërderen	58
Wirtschaftspolitik	58
Aktiv Standuertpolitik a wirtschaftlech Diversifikatioun konsequent weiderentwéckelen..	58
De Sozialdialog an de Betriber stäerken.....	58
Dezentral Aarbechtsplaze schafen	59
„Zones franches“ déi Säit vun de Grenze schafen	59
Fuerschung an Innovatioun als Standuertfaktor betruechten	59
D’Aarbechtszäiten am Interessi vun de Salariéen a vum Patronat flexibel gestalten.....	59
D’Prozedure fir Aarbechtsautorisationen a fir Visae méi séier maachen.....	59
D’Bürokratie konsequent ofbauen	59
Déi europäesch Entsendedirektiv reforméieren	59
E moderne juristesche Kader fir modern Geschäftsmodeller garantéieren	59
Ateliere fir Kënschtler an Acteure vun der Kreativwirtschaft schafen.....	60
Branchespezifesch Aktivitéitszone schafen	60
Energieversuergung sécherstellen	60
Méi e séieren Internet iwwer Glasfaserleitungen a 5G-Technologie.....	60
D’Wirtschaft vu muer aktiv gestalten	60
Kreeslafwirtschaft lancéieren	60
Ëffnungszäite liberaliséieren	60
Fräie Choix vun de Fournisseuren am Handel	61
Sammelkloe méiglech maachen	61
Finanzplaz weider stäerken	61
D’Attraktivitéit vum ICT-Standuert Lëtzebuerg ausbauen	61
Mëttelstand	61
Kleng a mëttelgrouss Betriber steierlech entlaaschten	61
De Mëttelstand bürokratesch entlaaschten	61
Plaz fir mëttelstänneg Betriber schafen	61
Kleng a mëttel Betriber um Wee zu méi Energieeffizienz begleeden	61
Nationalen Aktiounsplang fir kleng a mëttel Entrepreneuren ëmsetzen.....	62
Finanziell Ënnerstëtzung regelméisseg upassen.....	62
Nei Marchéë fir kleng a mëttel Betriber opmaachen	62
Start-up-Entrepreneuren	62
Grënnerkultur stäerken	62
Investitioune vu Privatleit a Start-uppen steierlech avantagéis maachen	62
Digital Administratioun ëmsetzen	62
Tourismus	62
D’Vermaartung vum Tourismus professionaliséieren	62
Den Tourismus un d’Besoine vun de Clienten upassen	63
D’Investitiounsprogrammer an déi touristesch Infrastrukturen optimiséieren.....	63
De Standuert fir Aktivvakanzen stäerken	63
De Wäibau fërderen	63
E klore Kader fir „Airbnb“ schafen	63
Finanzplaz: gutt reglementéiert a international kompetitiv	64

„Haut Comité de la Place financière“ stäerken	64
Identesch Reglementatioun fir alleguerten d’Fournisseure vu Finanzservicer	64
Reglementatioun fir nei Servicer a Produkter aféieren	64
„Cyber-Security“ verstäerken	64
D’Attraktivitéit vum ICT-Standuert Lëtzebuerg ausbauen	64
D’Virreiderroll am Beräich vun den nohaltege Finanzen a vun der „green finance“ stäerken	65
Europäesch Reegelen an international Ofkommenes séier ëmsetzen	65
Lëtzebuerg als Entréedier fir den europäesche Maart ausbauen	65
Keng Digital- oder Finanztransaktionssteuer aféieren	65
E juristesche Service fir ekonomesch „affaires pénales“ schafen	65
D’Finanzverwaltung personell opstocken	65
Diversifikatioun virundreiwen	66
Kader fir Blockchain-Technologie schafen	66

Land- an Ernierungswirtschaft: am Interessi vun de Baueren, de Konsumenten a vun der Ëmwelt 67

D’Lëtzebuerger Landwirtschaft laangfristeg ofsécheren	67
Jongbauere weider prioritär ënnerstëtzen	67
De Landwirtschaftsdësch weiderféieren	67
Vun der Digitaliséierung an der Landwirtschaft profitéieren	67
Planzeschutz nei gestalten	68
Fuerschung an Innovatiounen virundreiwen	68
E kooperative Waasserschutz garantéieren	68
Entbürokratiséierung puschen	68
Flexibiliséierung an de Krisenjore bäibehalen	69
Landwirtschaftleche Buedem fir d’Produktioun vu Liewensmëttelen reservéieren	69
Ländlech Flächen nohaltege notzen	69
Lokal Nischeprodukter féieren	69
Regional Produite féieren	69
Luucht an de Marken-Dschungel bréngen	70
Bei Liewensmëttelskandalen konsequent reagéieren	70
D’Bewosstsi fir regional Produite schäerfen	70
Biolandwirtschaft féieren	70
E Ministère fir d’Ernierung, de Konsumenteschutz, d’Landwirtschaft an de Wäibau	70
De ländleche Raum entwéckelen	70
Déi gemeinsam Agrarpolitik (GAP) no 2020 gestalten	71
De Wäibau féieren	71
Weider fir e staarken Déierschutz asetzen	71
Weider géint d’Verbëtze vu Liewensmëttelen virgoen	71

Natur- an Ëmweltschutz: Nohaltegkeet als Leetfuedem 72

Gréngflächen an den Uertschaften erhalen an ausbauen	72
D’Effikassitéit vu Flächepoolen bewäerten	72
Biologesch Statiounen ausbauen	72
Ländlech Flächen nohaltege notzen	73
E schounenden Ëmgang mat eise Ressource sécherstellen	73
Offall vermeiden	73
Eng nohaltege Offallwirtschaft féieren	73
E kooperative Waasserschutz garantéieren	73
Planzeschutz neigestalten	73

Aktiv Roll vun der Juegd am Naturschutz stäerken	73
De Bësch schützen an nohalteg bewirtschaften	74
De ländleche Raum entwéckelen	74
Reparatiounen an elektresch Autoe steierlech bevirdelegen	74
Lues aus dem Tanktourissem erausklammen	74
Der Virbildfunktioon vum Staat an der Nohaltegkeet gerecht ginn	74
„Cahier de charges“ fir ëmweltschounend Acquisitiounen ausschaffen	74
Regional Produite fördern	74
Biolandwirtschaft fördern	74
D'Virreiderroll am Beräich vun den nohaltege Finanzen a vun der „green finance“ stäerken	74

Klima- an Energiepolitik: Erneierbar Energien an Energieeffikassitéit am Fokus

.....	75
Nohalteg Energietechnologë privilegiéieren	75
Dialog mat Frankräich weiderféieren, fir Cattenom zouzemaachen	76
Wandenergie-Anlagen am Dialog mat den Awunner fördern	76
Lues a lues aus dem Tanktourissem erausklammen	76
Energieverbrauch reduzéieren	76
Der Virbildfunktioon vum Staat an der Nohaltegkeet gerecht ginn	76
„Cahier de charges“ fir ëmweltschounend Acquisitiounen ausschaffen	76
Klimabank ausbauen	76
Kreeslafwirtschaft an der Bau- an Immobiliëbranche fördern	76

Wunnensbau a Landesplanung: Wunnraum schafen a Lëtzebuerg kohärent weiderentwéckelen

Wunnensbau	77
Bauperimeter mat Hëllef vun de Baulandverträg erweideren	77
Méi dicht bauen	77
Analys iwwert de Wunnbesoin an Optrag ginn	78
Mat enger Grondsteuerreform fir méi Gerechtegkeet suergen.....	78
Staatlech a kommunal Terrainen direkt mobiliséieren	78
Gemenge méi staark beim Bau vu Wunnengen ënnerstëtzen	78
Geneemegungsprozedure beschleunegen	78
All Kompetenze fir de Wunnensbau an engem Ministère verankeren	78
Keng nei Enteenungsinstrumenter schafen	78
Nationale Biergerfong fir Finanzéierung vu staatlechen Immobiliëprojete schafen	79
Investitiounen vum Pensiounsfong a bezuelbare Wunnraum ënnerstëtzen.....	79
Net bebaute Bauland lounen.....	79
Wunnraum fir Studente schafen.....	79
Wunggemeinschaften a Wunngauegenossenschaftë fördern	79
Verwaltung vu soziale Locatiounswunnengen („gestion locative sociale“) weider ausbauen	79
Klimabank ausbauen	80
Wunnengsbäihëllef iwwerschaffen	80
Ëffentlech Bauträger besser opstellen.....	80
„Guichet unique“ fir Demandeurinnen op eng Sozialwunneng schafen.....	80
Sozial Mixitéit an de Wunnquartiere garantéieren	80
Superreduzierten TVA-Taux op de Renovatiounen vun Immobilien vun iwwer 10 Joer	80
Zesummenaarbecht mat privaten Acteuren ausbauen.....	80
Landesplanung	80

Eist Land nohalteg plangen	80
„Zones franches“ déi Säit vun de Grenze schafen	81
Gemeengefusiounen nëmmen op fräiwëlleger Basis	81
Gemengenautonomie stäerken an de Gemenge méi finanziell Mëttel zougestoen	81
Mobilitéit: modern Verkéiersinfrastrukture fir haut a muer	82
Verkéiersinfrastrukturprojete méi séier ëmsetzen an Investitiounen däitlech erhéijen	82
Nei Finanzéierungsmodeller fir Verkéiersinfrastrukturen	83
Mobilitéitsberoder fir Gemengen aféieren	83
Mobilitéitskonzepter fir Betriber fërderen	83
Nei innovativ Verkéiersmëttel studéieren	83
D'Qualitéit vum Stroossenetz an d'Liewensqualitéit vun den Awunner erhéijen	83
D'Capacitéit vun de Stroossen duerch eng flexibel Notzung vun de Fuerbunnen a vun de Säitesträifen ausbauen	83
Intelligent, digitaliséiert Verkéiersleetsystemer aféieren	84
Gratis ëffentlechen Transport	84
Mobilitéit grenziwwerschreidend denken	84
Tram ausbauen	84
Expressbuslinnen a Verbindungen tëschent den Uertschafte stäerken	84
Vereelzten Zich konsequent ersetzen	84
D'Horairë vu Bus an Zuch besser openeen ofstëmmen	84
D'Mobilitéé douce fërderen	85
Verkéiers- a Foussgängersécherheet verbesseren	85
Fräien Accès am ëffentleche Raum garantéieren	85
Séier Vëlosweeër an de Vëlosreseau konsequent ausbauen	85
D'Elektromobilitéit fërderen	85
Covoiturage fërderen	85
Carsharing-Offere mateneen vernetzen	85
Méi bëlleg Taxien duerch komplett Liberaliséierung vum Marché	86
Gesetzleche Kader fir autonoomt Fieren	86
Sport a Bewegung: E gesond Liewe fërderen	87
Laangfristeg 1% vum Staatsbudget an de Sport investéieren	87
Dem Bewegungsmanktem bei klengen Kanner entgéintwierken	87
Mat Bewegung léieren: Projet „Beweegt Schoul“ ausbauen	87
Bei der Trainerformatioun op Qualitéit setzen	87
Sportsverbänn administrativ entlaaschten an d'Professionaliséierung virundreiwen	88
Leeschtings- a Spëtzesport fërderen	88
Sportfërderungsprogramm vum COSL ëmsetzen	88
De „Congé sportif“ evaluéieren	88
Sport huet eng gesellschaftlech Virbildfunktoun	88
Gesondheet a Sécurité sociale: e séieren Accès zu enger qualitativ héichwäerteger Medezin an d'sozial Systemer laangfristeg sécheren	89
Gesondheet	89
Digital Gesondheetskaart aféieren	89
Präventioun a Fréierkennung fërderen	90
Lëtzebuergesch-Coursen am Gesondheetswiese fërderen an ausbauen	90
Waardezäit fir IRM-Ënnersichung verkierzen	90
Telemedezin ausbauen	90
Medezinesch Versuergung am ländleche Raum stäerken	90

Gesondheitsversuergung doheem fërderen	90
Remboursement am Fall vu Liewensmëttelallergien iwwerpräiwen	91
Kloerheet bei de Patienteverfügungen a bei den Organspende schafen	91
Entschiedegungsfong fir „aléa thérapeutique“ aféieren	91
Ausbau vun de Medezinsstudien hei am Land bewäerten	91
Ausbildung a Beruff vum Krankfleegpersonal opwäerten	91
Dokteren a Flegepersonal weiderbilden	91
Zäitopwand fir administrativ Tâchë reduzéieren	92
„Programme de recherche en nursing“ (PRN) ofschafen	92
Konzept vum Referenzdokter bewäerten	92
Budgetiséierung no Qualitéit amplaz no Quantitéit	92
Zentralen Informatiks- an Informatiounssystem aféieren	92
Qualitéits- a Käschteeffizienz vun de Spideeler duerch Synergie fërderen	92
Spezialisatioun puschen	93
All de spezialiséierten Dokteren den Zougang zu den nationale Kompetenzzentren erméiglechen	93
D'Sitë vun de regionalen Urgencen ofsécheren an ausbauen	93
De SAMU muss op de Leescht geholl ginn	93
D'Geriatric verstärken	93
Mënsche mat e puer Krankheete gläichzäiteg, besser ophuelen a versuergen	93
Privatioun vun der Fräiheet bei demenzzranke Leit ganz streng reegelen	94
Schmerzlinik („Clinique de la douleur“) schafen	94
Cannabis fir medezinesch Zwecker notzen	94
Palliativ Strukture fir Kanner	94
Transparent Kontrollkritären a kloer Qualitéitsnormen aféieren	94
D'Effikassitéit vun der Gesondheetskeess verbessern	94
D'Nomenclature grondleeënd iwwerschaafen	95
Upassung vun der Flegeversécherung am Sënn vun de Patienten	95
Liberal Infirmieren ënnerstëtzen	95
Den „Tiers payant“ iwwerdenken a méi flexibel halen	95
D'Collaboratioun tëschent de Recherchezentren am Santésberäich fërderen	95
Kaderbedéngunge fir déi bioethesch Recherche schafen	95
Sozial Sécherheet	95
D'Situatioun vun de Renten all 3 Joer iwwerpräiwen	95
D'Generatiounegerechtegkeet bäibehalen	95
Méi flexibel Schaffen am Alter erméiglechen	96
Betriebs- a Privatpensioun ënnerstëtzen	96
Rechtlech Barrière fir de Rentessplitting eliminéieren	96
Staat an ëffentlechen Déngscht: modern an effizient	97
Eng Offensiv am ëffentlechen Déngscht starten	97
Keng Sozialbäiträg op den Iwwerstonnen	97
De Sozialdialog am ëffentlechen Déngscht ënnerhalen	97
Wiessel tëschent Privatsecteur an ëffentlechem Déngscht méi attraktiv maachen	97
Méi Ausbildungsplazen am ëffentlechen Déngscht schafen	97
Administrativ Prozedure vereinfachen	98
Digital Administratioun ëmsetzen	98
Kommunizéieren ouni Barrière duerch déi einfach Sprooch („leichte Sprache“)	98
Constitutioun, Justiz a Sécherheet: e friddlecht a gesellschaftlecht Matenaner fërderen	99

Constitutioun	99
Referendum iwwert d'Constitutioun organiséieren	99
Vollzäitbuergermeeschter aféieren	99
Justiz.....	100
Strofdote konsequent verfollegen a bestrofen	100
„Comparution immédiate“ aféieren	100
Verjärungsfrist fir Vergewaltigungen ofschafen	100
Alternativ Strofen aféieren	100
Mediatioun an zivilrechtliche Froe fërderen.....	100
Tutelle-Gesetz reforméieren	100
Personal an der Justiz massiv opstocken	100
D'Justiz digitaliséieren	100
D'Kompetenze vun de Pecherten („Agents municipaux“) erweideren	101
Stroosseprostitutioun evitéieren	101
Police	101
Policereform: déi territorial Organisatioun evaluéieren	101
D'Polizisten entlaaschten.....	101
Der Police méi Moyenen zur Verfügung stellen	101
Platzverweis aféieren	101
D'Aféierung vu Kierperkameraen („Body-Cams“) a vun „Dashcams“ a Policegefierer iwwerpräiwen	101
Kontrolléiert Legaliséierung vum Cannabis.....	101
Rettungswiesen	102
D'Reform vum Rettungswiesen an der Praxis begleeten an de Benevolat fërderen	102
De SAMU muss op de Leescht geholl ginn	102
Arméi	102
Moderniséierung vun der Arméi virundreiwen	102
Sécherheet a Verdeedegung vun der EU garantéieren.....	102
D'Carrière bei der Arméi méi attraktiv gestalten.....	102
Europa an international Politik: Lëtzebuerg als zuverlässige Partner	103
Europäeschen Noriichtendéngscht schafen	103
Eng kohärent aussepolitesch Vetriedung vun der EU garantéieren	104
Sécherheet a Verdeedegung vun der EU garantéieren.....	104
Regulär Migratiounsweeër ausbauen	104
Déi gemeinsam europäesch Entwécklungskolaboration an Entwécklungshëllef stäerken	104
Déi international Strukture stäerken	105
Nei Mechanismen aféieren, wann e Memberstaat europäesch Wäerter verletzt.....	105
D'Bezéiunge mat den EU-Partner reegelen	105
National Intressien an Europa verrieden	105
Den europäesche Bannemaart stäerken	105
Kohäsions- und Solidaritéitspolitik ënnerstëtzen.....	106
Transatlantesch Bezéiunge fleegen	106
Mobilitéit vun de Studente fërderen	106
Europa als Wäertegemeinschaft stäerken	106

Zukunft op Lëtzebuergesch

D'Situatioun zu Lëtzebuerg huet sech déi lescht Jore spierbar verbessert. No enger laanger Zäit vu gesellschaftlechem Stëllstand a vu finanzieller Onsécherheet, ass d'Land haut vill besser op d'Erausforderunge vun der Zukunft preparéiert. D'DP huet zanter 2013 e gudden Deel zu dëser Entwécklung bäigedroen. Mir hunn dréngend noutwenneg Reformen ugepaakt a mir hunn an d'Zukunft vun de Mënschen investéiert.

Eisem Land geet et haut spierbar besser: 2012 hate mer nach e Staatsdefizit vun 350 Milliounen Euro. 2017 hate mer e Plus vun 850 Milliounen Euro. An dat bei gläichzäitege Rekordinvestissementer vun 10 Milliarden Euro während dëser Legislaturperiod. 2013 louch d'Aarbechtslosegkeet bei 7,1%. Haut hu mer e Chômagetaux vun nëmmen nach 5,5%.

D'DP ass fest decidéiert, fir weider Responsabilitéit fir d'Land z'iwwerhuelen. Mir wäerten dofir suergen, datt alleguerten d'Leit e gutt Liewe kënnen féieren. D'Basis vun eiser Demokratie sinn eng staark Verfassung an Institutiounen, déi gutt fonctionnéieren: Si sinn d'Eckpilliere vun eiser Demokratie.

Déi responsabel an zukunftsorientéiert Politik vun der DP ass duerch 5 Kärtheme gezechent.

AARBECHT & LIEWEN

Mir wäerten dofir suergen, datt d'Mënschen hire privaten Alldag an hirt Beruffsliewen nach besser kënnen matenaner verknäppen. Zentral Punkten dovunner sinn den Ausbau vum Congé parental an d'Reorganisatioun vun der Aarbechtszäit am Sënn vun de Salariéen. An och d'Chancë vun der Digitaliséierung musse fir e méi flexibel Schaffe profitéiert ginn, onofhängeg dovunner, vu wou ee schafft. Mir wëllen, datt d'Mënsche méi Zäit hu fir hir Famill, hir Frënn a hir Fräizäit – an nawell Succès am Beruff kënnen hunn. Zu guddem Liewe gehéiert och bezuelbare Wunnraum. Mir wäerten an den nächste Jore méi bezuelbare Wunnraum schafen. Och d'Wuel vun eisen eelere Matbierger läit eis weider um Häerz.

KANNER & ZUKUNFTSCHANCEN

D'Bildung ass déi wichtegst Ressource vun eisem Land. Den Accès zu gudder, universeller Bildung ass e Mëscherecht, datt net nëmmen essentiell ass fir ons Wirtschaftskraaft a fir eis Innovatiounsfäegkeet, ma och fir déi perséinlech Entwécklung vu jidder Eenzele vun eis. Mir setzen an eisem Programm e besonnesche Fokus op déi nächste Generatiounen. Mir sinn dovunner iwwerzeegt, datt d'Bildung de Schlëssel fir besser Zukunftschancë vun all de Kanner an eisem Land ass. D'Qualitéit vun der Bildung huet dofir déi héchste Prioritéit fir eis, an der Schoul an och soss. Dobäi ass et wichteg, datt d'Bildungs- an d'Betreiungsoffer méi grouss gëtt, well mer nëmmen op déi Manéier de villfaltegen Talenter an Interessie vun eise Kanner kënnen gerecht ginn. Ënnerschiddlech Kanner brauchen ënnerschiddlech Schoulen.

IDENTITÉIT & KULTUR

Lëtzebuerg huet eng räich a villfältig Kultur. Eis Gesellschaft ass am Laf vun hirer Geschicht ëmmer nees vu Kulturen a Mënsche mat ganz ënnerschiddleche Wuerzele beräichert ginn. Et ass dës Mëschung aus nationaler Verbondenheet a relaxer Weltoffenheet, déi d'Identitéit vun eisem Land markéiert an ausmécht. E wichtegt Fundament vum Erfollegsmooll Lëtzebuerg ass seng Sproochkompetenz: Mir si villsproucheg – a gläichzäiteg spillt d'Lëtzebuergesch eng ëmmer méi grouss Roll an eisem Alldag a bei der Integratioun vun neie Matbierger. D'DP wäert weider op d'Lëtzebuerger Sprooch an op d'Méisproochegkeet setzen. Mir wëllen déi villfältig

Identitéit vun eisem Land fleegen an ausbauen, well si kënn alle Mënschen zegutt, déi zu Lëtzebuerg wunnen a schaffen.

MOBILITÉIT & INFRASTRUKTUREN

D'DP ass dovunner iwwerzeegt, dass d'Mobilitéit zu Lëtzebuerg muss däitlech méi effikass ginn. Den Nohuelbedarf, deem eis déi viregt Regierungen an deem Beräich hannerlooss hunn, ass ze grouss. Dat gëllt fir den Individualverkéier a fir den ëffentlechen Transport. Mir loosse eis bei der Verbesserung vun der Mobilitéit net vun Dogme leeden, well et geet net ëm den Tram oder den Auto. Déi beschte Léisunge leien – nieft engem schätzegen Ausbau vun den Infrastrukturen – éischter an enger intelligenter Verknäppung vun der Offer an an der Verhënnerung vun onnéidegem Verkéier. Et ass eis extra wichteg, dass den Ausbau vun den Infrastrukturen muss méi finanziell Moyene kréien a muss méi séier ëmgesat ginn. Lëtzebuerg ka sech et net leeschten, fir weider Joren am Stau ze stoen.

WIRTSCHAFT & FINANZEN

D'DP steet fir gesond Staatsfinanzen a fir eng responsabel Budgetspolitik. An engems leien d'Investissementen antëscht op Rekordniveau. D'DP ass dovunner iwwerzeegt, dass Lëtzebuerg eng staark Wirtschaft als Garant fir en ëmfaassende Sozialsystem brauch. Fir d'DP ass de Mëttelstand d'Reckgrat vun eiser Ekonomik, deem net nëmmen Aarbechtsplaze schafft, ma och fest an eisem Land verwuerzelt ass. An der Wirtschaftspolitik setze mir op innovativ a kreativ Modeller, mat deene mir jonk Entrepreneuren, de klassesche Mëttelstand an Investisseuren an zukunftsfaege Beräicher ënnerstëtzen. Dobäi gesi mir d'Digitaliséierung als Chance, déi mer responsabel an am Sënn vun de Mënschen notze wëllen.

Et gëtt ëmmer méi däitlech, dass eis Politik dovunner geleet gëtt, fir déi ënnerschiddlech Besoinen am Liewe vun de Mënsche matenaner ze verknäppen. Famill oder Beruff? Déi Fro stellt sech fir eis net: Mir wëllen, dass d'Eltere kënne méi Zäit mat hire Kanner verbréngen an an engems kënne Succès am Beruff hunn. Mir hunn och bewisen, dass et kee Widdersproch ass, fir méi a Beräicher wéi Bildung, Mobilitéit a Logement z'investéieren – a gläichzäiteg d'Staatsfinanzen am Grëff ze behalen. Mir wäerten d'Ekonomik an d'Ekologie net géintenaner ausspillen. Well mir sinn dovunner iwwerzeegt, dass een déi zwee muss intelligent matenaner verknäppen, fir eist Land nohalteg a responsabel weider z'entwéckelen.

Net „entweder ... oder“, ma „esouwuel wéi och“. Dës pragmatesch Positionéierung ass zanter jeehier e Stéck vun der Identitéit vun eisem Land, z.B. fir d'Interessie vun de Salariéene a vum Patronat ze berécksiichtegen oder beim Ëmgang mat eiser Sproochevillfalt. Dat ass d'Basis vum Erfollegsmoell Lëtzebuerg, mat deem mir eist Land wëllen an eng sécher Zukunft féieren.

Well dat ass: Zukunft op Lëtzebuergesch.

Corinne Cahen

Partei-presidentin

Xavier Bettel

Nationale Spëtzekandidat

Steierpolitik: d'Bierger gerecht entlaaschten an d'Entreprenariat fërderen

Déi steierpolitesch Entlaaschtung vun de Mëttelschichte bleift en zentraalt Uleies vun der DP. D'DP-gefouert Regierung huet d'Staatsfinanzen an der lafender Legislaturperiod Schrack fir Schrack sanéiert an huet esou fir den néidege Sputt fir steierpolitesch Entlaaschtunge gesuergt. Esou konnt eng ëmfaassend Steuerreform gemaach ginn, déi fir méi Steiergerechtegkeet a fir eng Entlaaschtung vun de klengen a mëttleren Akommes gesuergt huet. D'Bierger goufen an Héicht vun iwwer 300 Milliounen Euro d'Joer entlaascht.

De Saz vun der Kierperschaftssteuer ass vun 21% op 18% erofgesat ginn, fir op e verännert internationaalt Ëmfeld ze reagéieren an d'Konkurrenzfähigkeit vun den Entrepreneuren z'erhéijen. Kleng Betriber hunn esouguer vun enger Steuerbaisse vun 20% op 15% profitéiert. E konkurrenzfähige Steuerëmfeld fir d'Entrepreneuren stärkt de Wirtschaftsstandort, schafft Aarbechtsplazen a suergt fir Recetten, déi schlussendlech kënnen fir de Bierger agesat ginn. D'DP steet fir eng ugemessene Besteuerung vun den Entrepreneuren, fir datt si kënnen hire Bäitrag zum Staatsbudget leeschten an och genuch Mëttel hunn, fir an Innovatiounen an an d'Weiderentwécklung vun hire Betriber kënnen z'investéieren.

D'DP wäert och an Zukunft d'Bierger an d'Entrepreneuren iwwer Steuerentlaaschtungen um Succès vun eisem Land bedeelegen. Duerch déi verantwortlch Budgetpolitik kënnen mir weider Entlaaschtungen am Sënn vun de Bierger ëmsetzen. An och d'Entrepreneuren – zemol déi kleng a mëttelgrouss – sollen zousätzlech steuerlech entlaascht ginn, fir hir Konkurrenzfähigkeit ze stäerken.

Steuererliichterunge fir de Bierger a méi e gerechte Steuersystem

D'DP ass dovunner iwwerzeegt, datt de Bierger muss iwwer Steuererliichterungen um Succès vum Land bedeelegt ginn. Wéinst der versichteger Finanzpolitik vun der DP-gefuerten Regierung konnt zousätzlech budgetäre Sputt fir eng nei Reform vun der Einkommensteuer geschafe ginn, mat där d'Mëttelschichten an d'Famillje wäerten zousätzlech entlaascht ginn.

D'DP wäert de Steuersystem op de Leescht huelen, vun deem den Ament d'Allengverdienger profitéieren. De Splitting kënnt nach aus Zäiten, an deenen d'Roller tëscht Mann a Fra anescht verdeelt waren. Während de Mann fir d'Einkommen zoustänneg war, huet sech d'Fra meeschtens op de Stot an op d'Kanner konzentréiert an hat dacks emol keen eegent Einkommen.

Dës traditionell Verdeelung vun de Rollen an engem Bestietnis entsprécht net méi der gesellschaftlecher Realitéit vun haut. D'DP setzt sech fir en neutrale Steuersystem an, onofhängeg dovunner, op wéi eng Manéier d'Leit zesummeliewe wëllen. D'DP wëll Steuerverdeeler dofir no an no vun engem Trau- oder engem Pacschäin lassléisen an dofir un d'Kanner koppelen. Déi fräiwëlleg Individualiséierung vun 2017 ass eng éischten Etapp um Wee zu engem System, an deem déi individuell Besteuerung och bei bestueten a gepacste Koppele Schrack fir Schrack verallgemengert gëtt. D'DP wäert de Wee zu enger individueller Besteuerung konsequent weidergoen an dofir suergen, datt kee méi schlecht ewech kënnt. Dat dréit och duerzou bäi, datt et mëttelfristeg net méi zu Ëmklasséierungen kënnt, wann de Partner stirft.

Keng Erbschaftssteuer an direkter Linn a keng weider Upassungen an indirekter Linn

D'Erbschaftssteuer huet sech an de leschte Joerzéngte kaum verännert, während d'Lounsteuersatz regelméisseg no ënnen ugepasst gi sinn. 2018 huet d'DP scho Bestietnisse an agedroen

Partnerschaften – och ouni direkt Nokommen – vun der Ierfschaftssteier liberéiert. D'DP wäert och d'Ierfschaftssteier an der indirekter Linn no ënnen upassen an zwar entsprechend der Inflation aus der Vergaangenheet. Doriwwer eraus ass d'DP géint eng Ierfschaftssteier an der direkter Linn.

Mat enger Grondsteuerreform fir méi Gerechtegkeet suergen

D'DP wäert mat de Gemengen eng Reform vum vereelzte Grondsteiersystem ëmsetzen. D'DP wäert en Abatement aféieren, wann de Proprietär selwer a senger Wunneng oder a sengem Haus wunnt.

Superreduzéierten TVA-Taux op de Renovatiounen vun Immobilien vun iwwer 10 Joer

D'Albausanéierung ass essentiell, fir dat nationaalt Klimazil z'erreechen. Et ass besonnesch déi energetesch Sanéierung, déi et de Bewunner erlaabt, mëttelfristeg Käschten ze spueren. D'DP wäert dofir de superreduzéierten TVA-Taux vun 3% op de Renovatiounen vun Haiser a Gebaier vun iwwer 10 Joer applizéieren, amplaz vun iwwer 20 Joer, wéi dat bis elo de Fall ass.

Reparatiounen an elektresch Autoe steuerlech bevirdeelegen

Op europäeschem Niveau gëtt den Ament d'TVA-Taxatioun iwwerschaaft, fir de Memberstaate méi Sputt ze loosse. Nom Motto „Reparéieren amplaz Ewechgeheien“ wäert d'DP de superreduzéierten TVA-Taux vun 3% op alle Reparaturaarbechten applizéieren. Domadder solle Gebrauchsgéigestänn méi laang am Gebrauch bleiwen an d'Kreeslafwirtschaft gefërdert ginn.

Elektresch Fortbewegungsmëttel sinn e wichtegen Deel vun der emissiounsarmer Mobilitéit vun der Zukunft. Fir d'Elektromobilitéit méi staark z'ënnerstëtzen, wäert d'DP de superreduzéierten TVA-Taux vun 3% op elektresche Fortbewegungsmëttel (E-Auto, E-Bike, Pedelec, elektresch Trotinetten) aféieren.

Lues a lues aus dem Tanktourissem erausklammen

De luesen Austritt aus dem Tanktourissem ass scho vun der DP-gefouerter Regierung ageleet ginn. D'DP wäert och an Zukunft keng iwwerstierzte Mesuren decidéieren, déi zu engem séieren Ofhuele vun den Akziserecette géinge féieren, ma um Wee vun engem luesen a kontinuierlechen Ausstieg weiderfueren.

Steiercompetitioun op EU-Niveau zouloossen

D'DP setzt sech fir eng fair Steiercompetitioun op EU-Niveau an. Fir ons solle sech d'Harmoniséierungspläng vun der EU awer op d'Steierbemiessungsgrondlag beschränken an net d'Fräiheet vun de Memberstaaten a punkto eenzel Steiertaxe reduzéieren.

Mir sinn och fir eng gerecht Besteuerung vun den Internetkonzerner. Mat enger iwwerstierzter Léisung op EU-Niveau riskéiert een awer, onser Meenung no, innovativ Entreprisen ofzeschrecken. Mir wëllen dofir en internationale Kompromëss um Niveau vun der OECD.

Keng Digital- oder Finanztransaktionssteuer

D'Iddi vun enger Finanztransaktionssteuer gëllt als Wonnermëttel géint iwwerdriwwe Spekulationsgeschäfte. Déi Steuer géng awer virun allem op Käschte vun de klengen Investisseuren goen, well d'Finanzinstituter hir Käschte géngen un d'Clienten weiderginn. Eng Besteuerung vu Finanzgeschäfte ass nëmmen acceptabel, wann allegueren d'Staate matmaachen, fir e „Level Playing Field“ z'erreechen.

Am Beräich vun der Digitalbesteuerung huet d'EU-Kommissioun e Virstouss fir eng Steuer op den digitalen Déngschtleeschtunge gemaach. D'DP ass kritesch vis-à-vis vun där Initiativ, well

esou en europäesche Virstouss géing der Kompetitivitéit vun Europa am internationalen Ëmfeld schueden.

Eng Steuerpolitik, déi Innovatiounen ënnerstëtzt an Aarbechtsplaze schafft

Déi international Reegele fir d'Besteuerung vun Entreprisë wäerte wahrscheinlech weider Upassungen an der Steuerlandschaft mat sech bréngen. D'DP wäert d'Verhandlungen op europäeschem Niveau intensiv begleeden a sech fir d'Erhale vun der Kompetitivitéit vun der EU géintwärt Drëttlänner asetzen.

D'DP wäert sech dofir asetzen, datt de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg steuerlech attraktiv bleift, fir den Entrepreneuren d'Schafe vun Aarbechtsplazen a vun Innovatiounen z'erlaben. Well d'Besteuerungsbasis vun Entrepreneuren am Kontext vun internationale Reegelen erweidert gëtt, wäert d'DP de Betriebs-Steuersatz an d'Besteuerung vun Dividenden no ënnen upassen. D'DP wäert de globale Steuertax vu 26,1% un d'Moyenne an Europa an an den OECD-Länner upassen.

Kleng a mëttelgrouss Betriber steuerlech entlaaschten

D'Steuerreform an dëser Legislaturperiod huet d'Steuerlaascht vu klengen Betriber mat engem begrenzten Ëmsatz däitlech reduzéiert. Domadder sollte besonnesch déi jonk an innovativ Betriber gefördert ginn. Esou wéi an dësem Modell, wäert d'DP mëttelstännegen Entrepreneuren, mat enger begrenzter Zuel u Personal a mat engem begrenzten Ëmsatz, ënnert d'Ärem gräifen an den IRC („Impôt sur le revenu des collectivités“) fir kleng a mëttel Entreprisë weider ofbauen.

D'Besteuerung vun „avantages en nature“ vereinfachen

Vill Entreprise bidden hire Mataarbechter zousätzlech Sachleeschungen un. D'DP wäert déi steuerlech Reegele fir Privatleit weider vereinfachen, besonnesch a Relatioun mat der Besteuerung vun „avantages en nature“.

Investitioune vu Privatleit a Start-uppen steuerlech avantagéis maachen

Fir jonk Start-uppen, och am Commerce an am Handwerk, den Zougang zu Finanzmëttel ze vereinfachen an déi Lëtzebuerger Wirtschaft ze stimuléieren, wäert d'DP Steuererliichterunge fir Privatleit aféieren, déi a jonk, innovativ Entrepreneuren investéieren. Dës Measure erlaabt et jonke Lëtzebuerger Start-uppen, op Investitioune vu Privatleit zeréckzegräifen. Am Fall vun enger Participatioun vun dräi Joer hannerenaner, kritt de privaten Investisseur e Steierkredit an Héicht vun engem festgeluechten Deel vu sengem Invest. Déi Zomm muss e Minimum pro Entreprise erreichen an de Steierkredit gëtt pro Persoun a pro Joer gedeckelt. Zu Lëtzebuerg gëtt et schon en éischte Mikrofinanzfond fir déi lokal Ekonomik. D'DP wäert de Prinzip vun de Mikrokreditter fir lokal Betriber verstärkt fördern.

D'Steuerverwaltung weider moderniséieren

D'DP wäert mat der entaméierter Moderniséierung vun der Steuerverwaltung virufueren. D'Virdeeler vun de modernen Technologien (z.B. d'Schafe vun enger Smartphone-App) solle genotzt ginn, fir d'Servicer vun der Steuerverwaltung nach méi userfrëndlech ze maachen.

Bildung: Fair Zukunftschancë fir ons Kanner

D'Bildung ass déi wichtegst Ressource vun eisem Land. Si hëlleft ebe just jonke Leit, fir hiren eegene Wee ze fannen. Den Accès zu gudder, universeller Bildung ass e Mënscherecht an ass net nëmme wichteg fir ons Wirtschaft a fir ons Innovatiounscapacitéit, ma virun allem fir déi perséinlech Entwécklung vu jidder Eenzelen. D'Bildung ass virun allem d'Viraussetzung fir déi aktiv Bedeelegung vun erwuessenen a responsabele Bierger um berufflechen, politeschen a gesellschaftleche Liewen.

D'Bildung steet domadder am Déngscht vun de Leit a vun der Gesellschaft a muss sech ëmmer nees upassen. Déi lescht Joer huet sech de Bildungssystem erëm géintwärt der Gesellschaft opgedoen. Nei Bildungsangebote sinn den ënnerschiddlechen Talenter a Sproochbiographien ugepasst ginn, ma och den neien Uspréich vun der Wirtschaft a vun der Gesellschaft. All Schüler soll eng fair Chance op eng gutt Qualifikatioun an e gudden Ofschloss kréien.

D'Qualitéitsoffensiv an der Kannerbetreuung, 20 Stonne gratis Sproochefréiförderung fir all Kand, d'Schafe vu regionalen Direktiounen an de Grondschoulen, eng iwwerfällleg Reform vun der „Education différenciée“, eng schrittweis Upassung vun der Berufsausbildung, d'Lycéesreform, dat neit Fach „Liewen a Gesellschaft“, den neien Iwwergang vun der Grondschoul an de Secondaire an nach villes méi. Nach ni sinn an enger eenzeger Legislaturperiod esou déifgräifend Bildungsreformen decidéiert an ëmgesat ginn, fir de Bildungssystem ze moderniséieren a méi sozial duerchlässeg ze maachen.

D'Politik vun der DP am Bildungsberäich baut op fënnef Prinzipien op, déi an den nächste Joren all de Kanner besser Zukunftschancë garantéiere wäerten:

1. Kontinuitéit a Qualitéit vun de Reformen

D'DP wäert sech déi nächst Joren op d'Ëmsetzung, d'Evaluatioun an op d'Weiderentwécklung vun dese Reformen konzentréieren. Et ass wichteg, dass d'Reforme genuch Zäit kréien, fir ze wirken. Broseleg Upassungen oder esouguer d'Ofschafe vun de Reformen géingen eise Bildungssystem ëm Joren zeréckgeheien a wäeren irresponsabel vis-à-vis vun de Schüler, den Elteren an de professionellen Acteuren.

2. D'Kand am Mëttelpunkt

Mam Schafe vun engem Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend, huet d'DP alleguerten d'Beräicher ënner engem Dag regroupéiert, déi sech mat der Fërderung an der Ënnerstëtzung vun de Kanner a Jugendleche beschäftegen. Doduercher konnt eng Politik ëmgesat ginn, an där d'Kand am Mëttelpunkt steet an déi net duerch administrativ Barrière behënnert gëtt. A ville Beräicher hunn de konzeptuellen Austausch tëschent formaler a net-formaler Bildung zu enger géigesäiteger Beräicherung an zu Progrès gefouert. D'DP wäert eise Bildungssystem och weider op de Saile vun der formaler a vun der net-formaler Bildung entwéckelen.

3. Ënnerschiddlech Bildungsangebote fir ënnerschiddlech Talenter

An de Bildungsdebatten déi lescht Joerzénge ass vill iwwert deen eenzeg richteg Schoulmodell gestridde ginn. D'DP huet sech dofir agesat, dass d'Bildungslandschaft zu Lëtzebuerg den Talenter an den Interessien vun de Kanner a vun de Jugendlechen entsprécht.

4. Vertrauen an Autonomie

Reforme vun uewen erof hunn nach kee Bildungssystem nohalteg verbessert. D'Politik muss Qualitéitsziler virginn, ma de Wee dohinner ass verschidden, jee no Regioun oder Institutioun. D'Villfalt vun den Demarchen a vun de Konzepter ass eng Beräicherung vun eise Bildungswiesen. D'DP setzt op e Partenariat mat den Direktiounen, den Enseignanten an den Educateuren, fir eist Bildungswiese weiderzëntwéckelen. Déi Vertrauensbasis muss an den nächste Jore weider ausgebaut ginn.

5. Innovatioun a Moderniséierung

D'DP huet déi lescht fënnef Joer vill an d'Innovatiounskraaft vun eise Bildungssystem investéiert. Z.B. an déi nei Medien an an d'Digitaliséierung, ma och an de Beräich vum Entrepreneuriat oder vun der nohalteger Entwécklung. Nei Technologien a nei Medie stinn haut als Fach um Schoulprogramm, ginn awer och gebraucht fir Schoulmatière ze vermëttelen. D'DP schafft mat dësen an anere Reformen e laange Retard an eise Bildungssystem op. Dës Efforte musse virugoen, fir kënnen mat de gesellschaftlechen Entwécklungen matzehalen.

Kannerbetreuung a Klengkanner

E wëssenschaftleche Conseil institutionaliséieren

Bei der Aféierung vun der méisproocheger Frëifërderung huet d'DP e wëssenschaftleche Conseil mat renomméierte Wëssenschaftler aus Lëtzebuerg an aus dem Ausland zesummegeat, fir de Projet wëssenschaftlech ze begleeten.

Service fir Innovatioun a Qualitéitsentwécklung an der net-formaler Bildung schaffen

D'DP wäert den SNJ („Service National de la Jeunesse“) an d'Richtung vun engem Service fir Innovatioun a Qualitéitsentwécklung an der net-formaler Bildung ausbauen. Déi zwee Servicer sollen an Zukunft enk zesummeschaffen.

Unerkannt Agencen an der Weiterbildung schaffen

D'DP wäert, als weidert Element vun der Qualitéitsentwécklung am net-formale Bildungsberäich, d'Qualitéit vun de gesetzlech virgeschriwwene Weiterbildungsoffer garantéieren. Dofir sollen unerkannt Agencen an der Formation continue geschafe ginn, déi eng qualitativ héichwärtig Offer sécherstellen.

Nei a spezialiséiert Formationen fir de Beräich vun der Kannerbetreuung entwéckelen

D'DP wäert nei Formationen um Niveau vum DAP („Diplôme d'Aptitude Professionnelle“) entwéckelen an esou d'Zuel u forméiertem Personal an de Strukturen erhéijen. D'Formation vun den Educateuren soll bewäert a wann néideg ugepasst ginn.

„Chèque-Service“ reforméieren

De System fir déi finanziell Ënnerstëtzung vun der Kannerbetreuung erweist sech als schwéierfällig an ontransparent. D'DP wäert de System duerch en neien ersetzen. En Auditservice vum Ministère wäert déi nächste Jore garantéieren, datt déi finanziell Ënnerstëtzung vum Staat och wierklech bei den Elteren ukënnt.

Maison Relais zu Familljenzentren ausbauen

D'Aktivitéiten vun de Maisons Relais konzentréieren sech den Ament virun allem op Offere baussent der Schoul während der Zäit virum an nom Unterrecht. D'DP wëll d'Maisons Relais och zu Plaze fir d'Elteren ausbauen, wou e generellen Echange vun den Elteren an de Professionelle méiglech ass. Niewent dem Kulturzentrum, soll dee Familljenzenter eng méi

staark Roll am Liewe vu der Gemeng spillen, andeems Aktivitéiten ëm d’Kand, d’Kanner an d’Roll vun den Elteren offréiert ginn.

De Bau vu Bildungshaiser féideren

D’DP wäert een integréiert Baue vu Schoulen a vu Maisons Relaisen ënnerstëtzen, an deenen d’Raim kënnen zesummegegestalt a profitéiert ginn. Dat erlaabt et, fir d’Raim méi grouss ze gestalten an e Fonctionnement vun deenen zwou Institutiounen, wou d’Kanner kënnen am Mëttelpunkt stoen.

Projet „Quartierselteren“ a Quartiere mat enger héijer Immigration lancéieren

D’DP wäert d’Konzept vun de Quartiersmammen a -pappen, esou wéi dat schonn deels an Däitschland, an Dänemark, an Holland an an der Schwäiz fonctionnéiert, an engem Pilotprojet ausprobéieren. Quartierselteren hu meeschtens selwer e Migratiounshannergrond a si Multiplicateurs, déi aneren Elteren am nämmlechte Fall, Informatiounen a punkto Education, Bildung a Gesondheet vermëttelen.

Kannerveräinsbus aféieren

A Collaboratioun mat de Gemengen, wäert D’DP e Busservice aféieren, fir d’Schüler aus der Grondschoul tëschent der Schoul/Maisons Relaisen a sportlechen oder kulturellen Aktivitéite baussent der Schoul ze transportéieren.

National Elterevertriebung fir net-formal Bildung aféieren

D’DP wäert eng national Elterevertriebung aféieren, fir Elteren eng Stëmm ze ginn, deenen hir Kanner vu staatlech unerkannte Betreiuungsoffere profitéieren. Engersäits sollen déi Elteren doduercher systematesch an d’Qualitéitsentwécklung agebonne ginn. Anerersäits soll déi Vertriebung d’Eltere stäerken an eng Plaz si fir Elteren, déi Problemer mat de Services hunn. Doriwwer eraus wäert d’DP d’Zesummenaarbecht vun de Maisons Relais mat de lokale Sport- a Kulturveräiner ënnerstëtzen.

Gesond Ernierung ënnerstëtzen

D’DP wäert sech weider fir eng gesond Ernierung vun de Kanner an de Kannerbetreuungsstrukturen asetzen. Eng kannergerecht an equilibréiert Ernierung an eng deementspreechend Formatioun vun de Leit an deene Strukturen muss garantéiert bleiwen.

Echange tëscht den Elteren an de Betreier aus de Crèches a Maisons Relaisen ausbauen

D’DP wäert den Echange tëscht de Elteren an de Betreier weider féideren. D’Crèches an d’Maisons Relais sollen Informatiounsmaterial kréien, fir datt d’Eltere sech kënnen besser iwwert d’Education vun hire Kanner informéieren.

Staarkanner.lu ausbauen

D’Internetplattform staarkanner.lu gëtt als virtuellen Elteren-Eck ausgebaut. D’Eltere kënnen sech do gratis Informatiouns- a pädagogesch Material bestellen.

Gratis Kannerbicher offréieren

Et ass bewisen, datt eng intensiv Kommunikatioun –wéi z.B. Kannerbicher zesumme liesen– eng enorm wichteg Roll bei der Entwécklung vun der Sprooch a vun de kognitive Kapassitéite vun de Kanner spillt. Dofir wäert d’DP all de Kanner aus dem Precoc 1 Kannerbuch d’Joer fir näischt zur Verfügung stellen. An engems sollen d’Eltere sensibiliséiert ginn. Doriwwer eraus wäert d’DP Mini-Kannerbibliothéiken an de Quartiere féideren, z.B. duerch d’Ariichte vu Mini-Bibliothéisschief op Spillplazen. Esou soll de fréizäitege Kontakt vun de Kanner mat Bicher ënnerstëtzt ginn, wat hir Lieskapassitéit féiert.

Iwwerbléck iwwert d'Offer an der Kannerbetreierung schafen

An enger Schoullandschaft, an där sech d'Offer déi lescht Jore staark entwéckelt huet, gëtt et ëmmer méi schwéier, fir den néidegen Iwwerbléck ze behalen. Dofir huet de Bildungsministère kierzlech d'Internetsäit menschoul.lu presentéiert: eng Zort Orientatiounsinstrument, dat de Schüler an hiren Eltere bei der Sich no där richteger Offer hëlleft. D'DP wäert en ähnleche Portail schafen, fir déi verschidde Strukturen an der Kannerbetreierung. Déi Plattform soll Informatiounen iwwert d'Maisons Relais, d'Crèchen an d'Mini-Crèchen an der Géigend liwweren.

Jugend

Offer u betreitem Wunnen an u Jugendwunnengen ausbauen

D'DP wäert d'Offer u Jugendwunnengen an u betreitem Wunnen op nationalem Niveau ausbauen, fir Jugendlech a jonk Erwuessener beim Iwwergang an den Erwuessenenalter punktuell z'ënnerstëtzen.

Jugendtreffen am Secondaire developpéieren

D'Schoul ka vun den Erfahrungen aus der oppener Jugendaarbecht léieren. Fir datt d'Schoul méi oppe gëtt an och zu enger lieweger Plaz vun de Jugendleche gëtt, solle Jugendtreffen an alle Schoule vum Secondaire ageriicht ginn. Déi Jugendlech sollen sech hir Fräizäit hei onofhängeg gestalte kënnen.

Jugendlecher duerch Jugendaarbecht a Workshop-Programmer aktivéieren

De Pilotprojet „Outreach Youth Work“ huet nei Impulser ginn, fir déi sougenannten NEETs („Not in Education, Employment or Training“) z'aktivéieren. D'DP wäert deen Usaz weiderentwéckelen, fir eng enk Vernetzung vun alle Mesuren aus der Jugendgarantie z'erreechen. D'DP wëll och eng Koordinéierung vun all den Offeren am Kader vun der Jugendgarantie.

Internater ausbauen an e Gesetz fir d'Qualitéit schafen

D'DP wäert d'Offer un Internater ausbauen an e Qualitéitskader schafen. D'Roll vun den Internater huet sech an de leschte Joerzénge gradesou verännert, wéi hir Zilclientèle. Deen neie Kader soll där Entwécklung Rechnung droen.

Jugendhëllef

Qualitéitskader fir Jugendlecher entwéckelen

D'DP wäert e Qualitéitskader entwéckelen – esou wéi an de Beräicher vun der Kannerbetreierung a vun der Jugendaarbecht – déi d'Basis fir d'Entwécklung vun der Qualitéit vun der Jugendhëllef duerstellt.

National Responsabilitéit iwwerhuelen

D'DP wäert d'Offer an der Jugendhëllef ausbauen an esou d'Zuel vun de Jugendleche reduzéieren, déi am Ausland ënnerbruecht ginn. Nëmmen op déi Manéier kann eng spéider Integratioun an d'Lëtzebuerger Gesellschaft garantéiert ginn.

Gouvernance vun der Bildungspolitik

„Lëtzebuerger Modell“ fir eist Bildungswiese stäerken

D'DP wäert e „Lëtzebuerger Bildungsdësch“ asetzen. Dëst onofhängegt Gremium soll hëllegen, fir d'Debatte ronderëm d'Bildung ze versachlechen, fir e gesellschaftleche Konsens an de wichtegste bildungspolitesche Projeten auszuschaffen an esou fir déi noutwenneg Kontinuitéit

an der Bildungspolitik, iwwer e puer Legislaturperioden ewech, ze suergen. Fir dee gréisstméigleche Konsens ze fannen, sollen alleguerten déi betreffen Acteuren um „Bildungsdësch“ setzen: d'Enseignanten, d'Schüler, d'Schouldirekteren, d'Elteren, ma och Verrieder aus der Wëssenschaft an aus der Zivilgesellschaft, déi duerch de kierzlech geschafenen „Observatoire national de la qualité scolaire“ an duerch de „Conseil national des Programmes“ vertruede ginn. Och d'Parlament wäert seng Plaz um „Lëtzebuerger Bildungsdësch“ hunn, fir d'Iwwerparteilechkeet vun de Proposen ze garantéieren. Nëmme e Konsens an de wichtegste bildungspolitesche Froen garantéiert, datt de ganze System sech kann a Rou an an der Kontinuitéit entwéckelen. Déi wichtegste Viraussetzung fir d'Qualitéit an der Schoul.

Grondschoul

Regional Direktiounen entwéckelen

Déi am Joer 2017 geschafe regional Direktiounen an der Grondschoul, gi weider ausgebaut an duerch administratiivt Personal verstärkt. Hir Kompetenze géint iwwer de Gemengen a punkto Personalfroe gi gekläert. De Fokus vun den Direktiounen an den nächste 5 Joer soll an der Entwécklung vum Unterrecht leien.

„Guichets Uniques“ vun der Bildung schafen

Uechter d'ganz Land wäerten déi regional Direktiounen e „Guichet unique“ ubidden, wou Informatiounen an Demanden iwwer d'Bildung zentral behandelt ginn.

Weider berufflech Perspektive fir d'Léierpersonal schafen

D'DP wäert konkret Perspektive fir d'Léierpersonal schafen, dat sech weider spezialiséiere wëll. Dat géllt zemol fir d'Beräicher vun der Inclusioun, der Digitaliséierung an dem Schoulmanagement.

Zesumme mat der Uni.lu Master-Formatiounen an der Bildung ausschaffen

D'Uni Lëtzebuerg soll berufsbegleedend Master-Studien an de Beräicher vun der Sonderpädagogik, dem Schoulmanagement an den „Educational Technologies“ offréieren.

Spezialiséiert Enseignante fir „Compétences numériques“ (I-CM) engagéieren

Nieft den aktuellen Enseignante fir Kanner mat spezielle Besoinen (I-EBS), gëtt spezialiséiert Personal gesicht, fir de Beräich vun den neie Medien a vun „Digital skills“ an der Grondschoul. Si sollen de Schoulen dobäi hëllefen, fir Strategien zum Asaz vun neien Technologien am Unterrecht z'entwéckelen. D'I-CM wäerte weider als Schoulmeeschter aktiv sinn a gi just als Responsabel fir ICT-Froe fräigestallt.

Formation continue ECTS-konform gestalten

Fir de Schoulmeeschter d'Geleeënheet ze ginn, fir a spezifesch Beräicher Kompetenzen opzebauen, déi wichteg fir d'Schoul sinn, wäert eng Weiterbildung vum IFEN („Institut de formation de l'Éducation nationale“) zesumme mat der Uni.lu offréiert ginn, déi ECTS-konform ass an déi ka fir de Master ugerechent ginn. Esou sollt et méiglech sinn, fir iwwer Joren ECTS-Punkten ze sammeln an esou de Master ze kréien.

De „Coding“ spilleresch an der Grondschoul aféieren

D'DP wäert d'Kanner an der Grondschoul an enger spillerescher Manéier un d'Logik vum Programméieren erufféieren. Deementspriedend Modeller wäerte fir d'Couren an de Sciences naturelles entwéckelt an dono an de Mathematik-Unterrecht integréiert ginn.

Digitale Programm fir de Sproochenunterricht entwéckelen

An de leschte Joren si computer-ënnerstëtzt Mathematik-Course mat grousssem Succès an de Lëtzebuerger Schoulen agefouert ginn. D'DP wäert esou eng Offer och fir Däitsch a Franséisch entwéckele loosson. Zemol an de Sprooche kënnen digital Supporte en differenzéierten Unterricht garantéieren.

Digital Übungsplattform fir Schüler opbauen

Schüler mat engem schouleschen Defizit mussen den Ament Material vu verschiddener Qualitéit um fräie Maart kafen. D'DP wäert mat de Produzente vun deem Schoulmaterial eng digital Plattform opbauen, déi de Schüler fräi zougänglech ass an en héichwäertige Support bedeit.

Generelle Support bei den Hausaufgaben duerch d'Léierpersonal

D'Fro vun der Hëllef bei den Hausaufgaben tëschent de Grondschoulen an de Maisons Relais bleift wieder op. D'DP wäert dofir suergen, datt d'Hëllef bei den Hausaufgaben duerch qualifizéiert Personal méi attraktiv gëtt, och finanziell. Zesumme mat alle Schoule soll eng flächendeckend Offer séchergestallt ginn.

De Fonctionnement a Schoulzykle bewäerten

D'Organisatioun a Schoulzykle soll d'Schoulen dozou animéieren, fir den Unterricht méi staark ze differenzéieren. Déi Iddi schéngt awer op ville Plazen net virukomm ze sinn. D'DP wäert eng Evaluatioun vum Konzept maachen an et un d'Realitäten um Terrain upassen.

D'Berechnung vum Contingent evaluéieren an eventuell iwwerdenken

Ënner Berécksiichtigung vun engem sozio-ekonomeschen Index sollt d'Verdeelung vun de Ressourcen am Schoulsystem méi gerecht ginn, fir méi en grouss Chancëgläichheet ënnert de Schüler ze suergen. D'Praxis huet awer gewisen, datt et Regiounen a Schoule gëtt, déi viru méi groussen Erausforderunge stinn, wéi anerer. D'Ziel vun de Schüler, déi net déi am Léierplang ageschriwwen Kompetenzen entwéckelt hunn, beleechen dat. D'DP wäert d'Berechnung vum Contingent op de Leescht huelen an e System schafen, deem et erlaabt fir besser op d'Problemer an op d'Erausforderunge vun eenzele Schüler anzugehen.

Efforten a Richtung Inclusioun an der Grondschoul weiderféieren

D'DP huet mat der Reform an der „Éducation différenciée“ e Projet ëmgesat, deem e richtege Paradigmewiessel an der Inclusioun bedeit a Lëtzebuerg do Joerzénge net vir bréngt. An der Grondschoul wëll d'DP elo de Support esouwäit virundreiwen, datt all Schoul op d'mannst ee spezialiséierten Enseignant fir Kanner mat spezifesch Besoinen (I-EBS) engagéiert. Dës „Équipes de Soutien pour Enfants à Besoin“ (ESEB) wäerte verstärkt ginn, wann et néideg ass. Dat gëllt och fir déi ambulante Ënnerstëtzung duerch déi national Kompetenzzentren.

Therapie-Zentren fir schwéier verhalensopfälleg Kanner

Fir absolut Ausnahmefäll, an deenen d'Suerge vun de Kanner esou grouss sinn, datt net un eng Bedeelegung um reguläre Cours ze denken ass, wäert d'DP sozio-therapeutesch Zentren opbauen.

Beräicher fir d'Elteren an de Grondschoulen

D'DP wäert sech dofir setzen, datt d'Grondschoulen –esouwäit se kënnen –Beräicher installéieren, an deenen sech d'Eltere kënnen mat den Enseignante gesinn. Dës Beräicher solle gläichzäiteg eng Vitruinn no bausse sinn, wou d'Schoul hir Aarbecht mat de Kanner presentéiert a wou d'Elteren iwwer wichteg Themen informéiert ginn.

Mat Beweegung léieren: Projet „Beweegt Schoul“ ausbauen

D'DP wëll de Projet „Beweegt Schoul“ an de Grondschoulen an an de Maisons Relaise weider ënnerstëtzen, fir eppes géint de Beweegungsmangel vu ville Kanner ze maachen. D'Zil ass et fir zousätzlech 15 bis 20 Minutte Beweegung z'integréieren. Duerch Oplockerungsphasen, beweegt Pausen, Beweegungsstationen am Klassenzëmmer, ma och duerch e beweegten Unterrecht, kréien d'Kanner Loscht a Freed un der Beweegung vermëttelt a gläichzäiteg gëtt hir Konzentratiouns- a Léiercapacitéit erhéicht.

Administrativen Opwand reduzéieren

D'DP wäert den administrativen Opwand fir d'Léierpersonal, d'Elteren an d'Direktiounen Schrëtt fir Schrëtt reduzéieren. Fir d'éischt wäert d'Digitaliséierung vun allen administrative Schrëtt den Informatiounsfloss an d'Demandévis-à-vis vun der Direktioun oder vum Ministère vereinfachen. Desweidere wäert d'DP eng Taskforce aus Vertrieeder vum Schoulmeeschtercorps, de Schouldirektiounen a vum Ministère schafen, fir konkret Virschléi ze maachen, wéi een den administrativen Opwand ka reduzéieren.

D'Methode vun der Evaluatioun bewäerten an harmoniséieren

Duerch d'Reformen aus de leschte fënnef Joer, ginn et haut, jee no Schoulstuf, ënnerschiddlech Evaluatiounsmethoden. D'DP wäert eng extern Bewäertung vun deene verschiddene Methoden an Optrag ginn an da probéieren, fir d'Grondprinzipie vun der Evaluatioun ze harmoniséieren.

Secondaire a Beruffsausbildung

Gestaltungs- an Entscheidungsfräiheet vun de Schoule garantéieren

An dëser Legislaturperiod kruten d'Grondschoulen an de Secondaire däitlech méi Gestaltungs- an Entscheidungsfräiheeten accordéiert. D'Autonomie vun de Schoule gouf esou kloer gestärkt an d'Vertrauen an d'Enseignante gouf ënnermauert. D'DP bekennt sech weider zur Entscheidungs-Autoritéit vun de Schoulen am Kontext mat der Profilbildung, de Finanzen, dem Personal a mat de pädagogeschen Inhalter. D'Politik hirersäits soll weider kloer, national uniform Zilsetzung virginn, déi d'Schoulen am Kader vun hirem Spillraum erreeche mussen.

„Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler“ garantéieren

D'DP wëll keng Eenheitsléisung fir eis Kanner. Déi vun der DP lancéiert Diversifikatioun vun der ëffentlecher Schouloffer soll och an der nächster Legislaturperiod weidergefouert ginn. Mir brauche Schoulen, déi esou villfältig si wéi d'Talenter an d'Besoinen vun eise Schüler. En vue vun der Verschiddenheet vun eise Schüler, sollen d'Schoulen och an Zukunft ënnerstëtzt ginn, fir en eegene Profil auszeschaffen a fir sech de lokalen, soziokulturellen a sproochleche Realitéite vun hire Schüler unzepassen.

D'Lëtzebuerger Schoullandschaft soll dofir weider an d'Breet wuessen, fir all Schüler d'Méiglechkeet ze ginn, déi Schoul erauszewielen, déi am beschten zu sengem Profil an zu sengem Beruffswunsch passt. Just esou huet all Schüler eng fair Chance op eng gutt Formatioun an op e gudden Ofschloss. Nëmme wann déi ëffentlech Schoul dës ënnerschiddlech Profiller vun de Schüler kennt, an déi passend Offer duerzou entwéckelt, ka si hirem Usprouch gerecht ginn, fir all Kand fair Bildungschancen ze garantéieren. D'Diversifikatioun vun der ëffentlecher Schoul stäerkt déi ëffentlech Schoul.

Offer u Klasse mat engem europäesche Programm ausbauen

D'Ouverture vun der éischter, ëffentlecher internationaler Schoul zu Déifferdeng am Joer 2016, war e grouse Succès. Domadder war et fir d'éischte Kéier méiglech, fir e gratis Zougang zu de Programme vun der Europaschoul ze kréien. Antëscht ginn och europäesch Klassen zu

Munneref, zu Jonglënster an zu Klierf ugebueden. D'DP wäert déi Offer, jee no Nofro, weider ausbauen. D'DP wäert och eng weider ëffentlech Europaschoul ronderëm d'Stad opmaachen, fir déi Offer an allen Dealer vum Land ze garantéieren.

Thematesch Schwéierpunkten an de Schoule fërderen

D'DP huet d'Schoulen déi lescht fënnf Joer dobäi ënnerstëtzt, fir Profiller an de Beräicher ICT, Nohalteg Entwécklung an Entrepreneariat z'entwéckelen. D'Schoule kréie weider gehollef, fir eegen thematesch Profiller a Schwéierpunkten ze developpéieren. Dat erhéicht d'Diversifikatioun vun der Schouloffer an d'Auswiel fir d'Schüler. Mir brauchen eng Schouloffer, déi esou villfältig ass, ewéi d'Interessien an d'Talenter vun de Schüler.

Kompetenze fir Problemer ze léisen an de Mëttelpunkt stellen

De Lëtzebuerger Schoulsystem muss sech domadder ausenanersetzen, datt d'Kompetenzen am 21. Joerhonnert net doranner bestinn, fir Wëssen opzesoen –well „Google weess alles“ –ma éischer an der Kompetenz vum Léise vu komplexe Froen am Team. Hei gi Kompetenze gefuerdert, ewéi Teamaarbecht, Kreativitéit, Selbstbewosstsinn an eng positiv Feedback- a Feelerkultur. D'DP wäert Schoule massiv ënnerstëtzen, déi op esou kooperatiivt Léieren oder „Design Thinking“ setzen.

Pilot-Schoul am Süden etabléieren

Mam Lycée Ermesinde huet den Zentrum eng Schoul, déi als Pilot-Projet gegrënnt ginn ass an déi alternativ Léiermethoden offréiert. An Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg, wäert d'DP en ähnleche Projet am Süde vum Land entwéckelen. Dës Schoul soll –am Kader vun der Grondausbildung fir Enseignanten a vun der Weiterbildung am IFEN –d'Méiglechkeet bidden, fir „Best-Practices“ z'illustréieren.

De Fokus op d'Entwécklung vum Unterrecht leeën

D'DP wäert d'Schoulen duerzou animéieren, fir intern Weiterbildung an „Journées Pédagogiques“ ronderëm d'Thema Unterrechtsentwécklung z'organiséieren. D'DP wäert de Schoulen Experten zur Säit stellen, déi si dobäi ënnerstëtzen, wann d'Schoul dat wëll. Schliisslech entscheet d'Qualitéit vun der Schoul sech am Kllassesall. De wichtegste Faktor ass a bleift den Enseignant a säin Unterrecht.

Didaktesch Formatioun fërderen

Enseignante sinn d'Experte vum Schoulhalen a vum Léieren. Fir dësem Usproch gerecht ze ginn, brauche si eng zolidd Formatioun an der Didaktik an an der Pädagogik. Dat gëtt den Ament zum groussen Deel iwwert d'Stagezäit garantéiert. Am Kader vun enger Reform vum Stage, wëll d'DP de Leit mat enger fachdidaktescher Formatioun besser Méiglechkeete ginn, fir hire Stage kënnen ze reduzéieren. Dat géng dann esou funktionnéieren, ewéi an der Grondschoul.

Schoulesch Defiziter zilorientéiert ugoen

Schwaach Schüler an hir Famillje sinn am Lëtzebuerger Schoulsystem nach vill ze dacks op sech eleng gestallt, bei der Sich no passender Hëllef. D'DP ass der Meenung, datt all motivéiert Schüler sollen e fräien Accès zu „Appuis“-Stonnen an zu héichqualitativem Material an hirer Schoul hunn. Dat sollt hinnen –zesumme mat engem individualiséierte Plan –hëllefen, fir hir Schwächen ofzebauen. D'DP wäert deementspreechend Offere mat de Schoulen ausschaffen.

Sproochekolonië fir d'Schüler aus dem Secondaire organiséieren

An Zesummenaarbecht mat de respektive Länner an hire Verriedungen, wäert d'DP en Netzwierk u Siten am Ausland schafen, wou d'Schüler aus dem Secondaire eng Sproochevakanz op Franséisch, Däitsch oder Englesch maache kënnen. D'Vermëttele vun

deene Sprooch geschitt am beschte lieweg an um Terrain. Esou Sproochekolonien hëllef den Schüler net nëmmen, fir eventuell Hemmschwellen ofzebauen an an enger anerer Sprooch ze schwätzen, ma si fërdert och en natierleche an intuitiv Léiere vu frieme Sproochen. Esou Sproochevakanzen kënnen och eng sënnavoll Alternativ zu enger Vakanzenaarbecht sinn oder hëllef, fir sproochlech Defiziter während der Summervakanz opzeschaffen.

„Equipes socio-éducatives“ an Offere vu baussent der Schoul ausbauen

Nieft dem SEPAS („Service Psycho-social et d’accompagnement scolaire“) wäert d’DP an all de Lycéeën „Équipes socio-éducatives“ opbauen, déi méi am Beräich vun der Präventioun a vun der fréier Jugendarbecht aktiv sinn an eng ganz Partie u pädagogeschen Offere wäerten entwéckelen.

Stonnen ouni Schoul ofschafen

Am Lëtzebuerger Schoulsystem falen an der Moyenne knapps 7% vun de Stonnen aus, well den Enseignant feelt. Déi Stonne gi just wéineg vun aneren Enseignanten iwwerholl, déi dann den Unterrecht garantéieren. Fir déi aner Fäll wëll d’DP de System vun de Surveillance esou änneren, datt „Équipes Socio-Educatifs“ déi Zäit interessant Programmer mat de Schüler maachen (z.B. politesch Bildung, nohalteg Entwécklung oder Orientatioun).

Inclusioun ass och am Secondaire méiglech

Nëmmen wa Lëtzebuerg e permanenten, international unerkannte Personalstandard erreecht, komme mir dem inklusive Schoulsystem méi no. Dofir wëll d’DP – esou wéi am Modell vun de Grondschoulen – e kohärent Inclusiounskonzept fir de Secondaire ausschaffen, an deem déi national Kompetenzzentren, de CAR („Commission des Aménagements Raisonables“), de CEPAS an de SEPAS agebonne sinn. D’DP wäert dofir suergen, datt de Secondaire méi spezifesch forméiert Fachpersonal kritt, fir d’Inclusioun vun alle de Kanner z’erméiglechen. D’DP wäert och déi extra-pädagogesch Kompetenzzentren fir Léierschwächen, fir héichbegaabt Schüler a fir déi sozio-emotional Entwécklung weider ausbauen. Fir datt se –esou wéi déi aktuell Kompetenzzentren, d’Schoule kënnen beim Ëmgang mat Schüler mat ex-pädagogesche Besoinen ënnerstëtzen.

Mediekompetenz vun de Schüler stäerken

Déi digital Revolutioun bitt net nëmmen Chancen, ma och Risiken. Wéinst dem groussen Succès vum Internet a vun den neie Medien, gëtt d’Fro vun engem effikasse Schutz vun de Grondschüler a vun den Teenager ëmmer méi wichteg. D’DP wäert dofir d’Mediekompetenz queuesch duerch d’Fächer verstäerken. D’Schüler sollten e kritesche Bléck an hirem digitalen Ëmfeld a mat der Informatiounswelt behalen a léiere fir Informatiounsquelle bewusst ze hannerfroen.

En Tablett fir all Schüler

„Tablet Computing“ ass a ville Beruffsbranchen zu enger Schlësselkompetenz ginn a soll dofir och méi an den Alldag vun der Schoul integréiert ginn. Mir wëllen dofir net just d’„iPad-Klassen“ ausbauen, ma méttelfristeg e „one-to-one“-Equipment an de Schoulen aféieren. Mir wëllen, datt all Schüler déi nëmmleche Konditiounen a sengem Cours huet. Nieft enger grondleeënder Mediekompetenz sollen d’Schüler och déi digital Geschickescht fir d’Produktioun vu kreativen Produkter kenneléieren. D’DP wäert och d’Offer vun der digitaler Weiterbildung fir Enseignanten ausbauen.

Informatik-Sektioun ausbauen

Am Laf vun der Moderniséierung vum Enseignement secondaire classique (ESC) ass schonn eng nei Sektioun fir Informatik a fir Kommunikatioun (Sektioun I) geschaf ginn. En vue vun der grousser Demande vun de Schüler a vun der Economie, wäerte mir d’Sektioun I

verallgemengeren. Am Kader vum Schafe vum hirer Profiller, wäerte mir d'Schoulen aus dem Secondaire dozou encouragéieren, fir hir Offer am Beräich vum esou digitale Kompetenzpolen auszebauen.

„Coding“ – D'Sprooch vun der Zukunft léieren

De „Coding“ wäert an den nächste Joren zu enger wichtiger Kärkompetenz an der digitaliséierter Beruffswelt ginn. Obwuel vill Mënschen all Dag de Computer oder de Smartphone benotzen, feelt ville vun hinnen de grondleeënde Knowhow iwwert de Fonctionnement an iwwert d'Programmiersprooch vum deene Computer.

Fir d'Verständnis vun der digitaler Welt a vum Fonctionnement vu Computer ze fërderen, wëll d'DP de „Coding“ an de Schoulprogramm ophuelen. Mir wëllen d'Kanner schonn an der Grondschoul spilleresch un d'Programmation erufféieren, fir datt si kënnen éischt Erfahrungen an éischt Schrëtt an der Logik an an den Algorithme léieren. Am Secondaire sollen „Digital Skills“ an e Verständnis fir verschidde Programmiersproochen als transversaalt Thema an d'Programmer opgeholll ginn. Dat soll virun allem an der Mathematik an an de Naturwëssenschafte geschéien.

MINT-Fächer fërderen, Innovatiounssite festegen

D'DP wäert en iwwergräifend Konzept fir d'Fërderung vun Technik a vun Naturwëssenschafte am ganze Bildungswiesen ëmsetzen. Vun de Maisons Relais iwwer d'Grondschoul bis bei de Secondaire wäert den Interessi un de sougenannte MINT-Fächer (Mathematik, Ingenieurwëssenschafte, Naturwëssenschafte, Technik) stimuléiert ginn. Nëmme esou kënnen mir jonk Mënschen an de Schoulen an déi entsprechend Ausbildungsfilië orientéieren. Duerch de Progrès vun der Digitaliséierung, d'Fërderung vun neie Beräicher, wéi der Zirkularwirtschaft, ma och duerch den Ausbau vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg, gëtt eng Abberzuel un Aarbechtsplazen am technologeschen an am naturwëssenschaftleche Beräich geschaf. An deem Kontext setzt d'DP sech och fir den Ausbau vun der Zesummenaarbecht mat de Studenten a mat de Beruffsorganisatiounen an.

„Luxembourg Science Center“ ausbauen

De Luxembourg Science Center vun Déifferdeng ass e reegelrechte Publikumssuccès. Esouwuel bei Schoulen, Betreungsrichtungen oder Familljen, bei Gruppen an Touristen. An Experimentéierstatiounen oder a Workshope gesinn d'Visiteuren ewéi spannend an opreegend Naturwëssenschaft an Technik kënnen sinn. D'DP wäert dës wëssenschaftlech Erlebnisswelt weider ausbauen, fir d'Orientatioun vun de Jugendlechen a Richtung vun der Technik a vun den naturwëssenschaftleche Formatiounen ze fërderen.

Berufsausbildung opwäerten

D'DP wäert an enker Zesummenaarbecht mat de Beruffschamberen déi dual Formatioun weider fërderen, fir géint de Manktem u qualifiziertem Personal virzegoen. Duerzou gehéiert d'Schafe vun engem duale BTS an d'Méiglechkeet fir kënnen d'Première an en DAP am gläichen Ofschlossjoer ze kréien. Wieder soll fir all Ausbildung eng passend Usschlossausbildung offréiert ginn, fir datt sech d'Léierbouwen an -Meedercher kënnen vum CCP, iwwert den DAP, bis zum Technikerofschloss an duerno iwwert de BTS an eng Héichschoulformatioun eropschaffen. Dat bitt all de Concernéierten an der Beruffsformatioun déi gläich Perspektive wéi de Schüler am classeschen oder am generelle Secondaire. Awer mam Virdeel, datt een no all ofgeschlossenen Joer kann ouni Problem an d'Aarbechtswelt wiesselen.

D'DP wäert an enker Zesummenaarbecht mat de Beruffschamberen, d'Weiderbildung an der Berufsausbildung ausbauen. Staatlech a privat Weiderbildungszentren solle vergläichbar ma

komplementar Offere maachen, déi deemnowéi d'Recht op e staatlechen Diplom méiglech maachen.

Deelzertifikatioun a Berufsbildungswierk schafen

D'DP wäert d'Méiglechkeet vun enger Deelzertifikatioun schafen, fir Schüler mat limitéierte Leeschtungsapacités.

Gratis Accès fir d'Meeschterprüfung aféieren

D'DP wäert e gratis Accès fir d'Meeschterprüfung aféieren, fir de Wee an d'Selbststännegkeet an an d'Entrepreneariat ze fërderen.

Erwuessenebildung an Héichschoulen

Offer u BTS-Coursen erweideren a Partnerschaften ofschléissen

D'DP wäert d'Offer u BTS-Coursen („Brevet de Technicien Supérieur“) erweideren, fir déi héich Demande no qualifizéierte Leit ofzedecken. De „spezialiséierten Diplom“ confirméiert eng héichwärtig berufflech Qualifikatioun a bitt domadder déi ideal Viraussetzung fir d'Entrée an d'Berufsliewen. Dat gëlt zemol fir zukunftsorientéiert Branche mat groussen Entwéicklungsperspektiven. D'DP wëll d'Offer grad an esou Zukunftsbranchen ausbauen. Doriwwer eraus sollen d'Schoulen aus dem Secondaire méi Partnerschaften mat Universitäten a mat Fachhéichschoulen ofschléissen, fir de BTS-Studenten bannent 3 Joer e Bachelor z'erméiglechen.

„Digital Learning Centers“ an e Bildungsscheck an der Erwuessenebildung aféieren

Den technologesche Wandel ass eng Herausforderung fir d'Entreprise a hir Beschäftigt. Dofir wëll d'DP „Digital Learning Centers“ mat enger digitaler Bildungsplattform schafen, iwwert déi ee ka fräi op Programmer (Uni Lëtzebuerg, Erwuessenebildung, IFEN oder INAP) zeréckgräifen. An dësen Zentren sollen iwwerdeems vun technesche Ressource profitéiert ginn (z.B. Toun- oder Videostudios), fir eegestänneg digital Inhalter ze schafen.

De Schwéierpunkt vun dësen Zentren gëtt op déi digital Aus- a Weiterbildung geluecht. Duerch d'Aféiere vun engem Bildungsscheck wäert d'DP all Salaréie gratis Cours ubidden, deen an d'Grundlage vun der digitaliséierter Berufswelt aféiert.

„Digital Learning Hub“ –en digitale Kompetenzzentrum fir Lëtzebuerg schafen

cf. Kapitel Digitaliséierung a Medien: Digital denken an d'Onofhängegkeet an d'Villfalt vu de Medien garantéieren

D'Qualitéit vun der Formation professionnelle continue sécherstellen

D'DP wäert an Zesummenaarbecht mat de Berufschamberen eng Akreditierungs-Agence schafen, fir d'Qualitéit vun der berufflecher Weiterbildung z'ënnerstëtzen a fir d'Transparenz um Marché vun der Weiterbildung ze sécheren. Just nach akkreditéiert Ubidden an akkreditéiert Formationen kënnen da vun enger staatlecher Subventioun profitéieren.

Erwuessenebildung stäerken

De Wee zu enger Gesellschaft, déi um Wësse baséiert, féiert iwwert d'Weiterbildung an de Lifelong Learning. D'DP wäert dofir d'Erwuessenebildung zu Lëtzebuerg ausbauen. Dobäi soll méi staark vun de Raimlechkeeten vun de Schoulen aus dem Secondaire profitéiert ginn. Den zoustännegen Service vum Ministère wäert déi Offere koordinéieren. Iwwert de Wee vun enger Validatioun vun de fréiere Schoulresultater, vun der Berufserfahrung a vun de Weiterbildungen, sollen d'Salaréien d'Méiglechkeet fir eng méi héich Qualifikatioun kréien.

Dofir müssen déi néideg Strukturen a Kontrollorganer geschafe ginn. Dës Funktioun dierf de Staat net aus der Hand ginn.

Zentrum fir politesch Bildung ausbauen

Dës Regierung huet den Zentrum fir politesch Bildung geschaf. Déi positiv Akzenter vun dëser Institutioun müssen an Zukunft weidergefouert an ausgebaut ginn. Fir d'DP soll déi politesch Bildung méi en héije Stellewäert an alle Bildungsberäicher kréien.

D'Lëtzebuerger Sprooch: Geziilt fërderen an hire Stellerwäert stäerken

D'Lëtzebuerger Sprooch ass en Deel vun eiser Identitéit a vun eisem kulturellen Ierwen. Si dréit als Integratiouns- an als Alldagssprooch e wesentlechen Deel zur sozialer Kohäsion an eisem Land bäi. D'DP setzt sech fir eng Stärkung vun der Lëtzebuerger Sprooch an a betruecht d'Méisproochegkeet als essentiellen a wäertvollen Tromp vun eisem Land. D'DP ass dovunner iwwerzeegt, datt déi verschidde Sproochen hei am Land – zemol Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch – am ëffentlechen an am alldäeglechen Liewe sollen Hand an Hand goen.

Déi vun der DP gefouert Ministère fir d'Bildung a fir d'Kultur hunn d'Förderung vun der Lëtzebuerger Sprooch an dëser Legislaturperiod entscheidend ausgebaut. An enger ëmfaassender Strategie si véier iwwergräifend Zieler fixéiert ginn: 1. de Stellerwäert vun der Lëtzebuerger Sprooch stäerken, 2. d'Norméierung, den Alldagsgebrauch an d'Fuerschung ausbauen, 3. d'Léiere vun der Sprooch a vun der Kultur ënnerstëtzen, a 4. d'Kultur op Lëtzebuergesch ze fërderen. Doriwwer eraus ass d'Offer u Lëtzebuergesch-Coursen däitlech vergréissert ginn. Duerch déi multilingual Sproocheförderung ass séchergestallt ginn, datt an alle staatlech ënnerstëtzte Kannerbetriebsstrukture méttlerweil och Lëtzebuergesch geschwat gëtt. Gläichzäiteg ginn d'Kanner op eng spilleresch Manéier un déi natierlech Méisproochegkeet an eisem Land erugefouert.

D'DP wäert de gesellschaftleche Stellerwäert vun der Lëtzebuerger Sprooch och an Zukunft stäerken an hir eng grouss Bedeitung als Sprooch vun der Kommunikatioun, vun der Integratioun a vun der Literatur zouerkennen.

Strategie fir d'Förderung vun der Lëtzebuerger Sprooch ëmsetzen

Ënnert der Responsabilitéit vun DP-Regierungsmemberen ass eng Strategie ausgeschafft ginn, déi d'Roll vun der Lëtzebuerger Sprooch op nationalem Niveau stäerkt. Esou ass ë.a. e Kommissär vun der Lëtzebuerger Sprooch agefouert ginn an d'ass en Zentrum fir d'Förderung vun der Sprooch gegrënnt ginn. Deen Zentrum soll sech mat der Entwécklung an der Norméierung vun der Lëtzebuerger Sprooch befaassen. D'DP wäert eng Strategie fir d'Förderung vum Lëtzebuergesch ënnerstëtzen. Dat nämmlecht gëllt fir deen domadder verknäppten 20-Joresplang, deen an Zesummenaarbecht mat alle gesellschaftlechen Acteuren ausgeschafft gëtt.

D'Lëtzebuerger Sprooch op EU-Niveau stäerken

D'DP wäert de Stellerwäert vun der Lëtzebuerger Sprooch och op EU-Niveau stäerken. An enger éischter Phase wäerte mir Verhandlungen op EU-Niveau ophuelen, fir eng administrativ Reegelung zum Gebrauch vum Lëtzebuergesch ze fannen. All Bierger soll d'Recht hunn, fir op Lëtzebuergesch Kontakt mat den europäeschen Institutiounen opzehuelen a fir esouwäit wéi méiglech eng Äntwert op Lëtzebuergesch ze kréien.

Online- a Biergerforumme notzen

D'Bierger sollen e reegelmäessig Matsproocherecht an der Förderung vun der Lëtzebuerger Sprooch kréien a solle reegelméisseg a Biergerforumme matschaffen. An där kierzlech geschafener Online-Plattform „sproocheronn.lu“, sollen d'Bierger kënne Virschléi maachen an zesummen iwwert de Lëtzebuerger Sproochgebrauch diskutéieren kënnen. D'DP wëll déi direkt Biergerbedeelegung ausbauen. D'DP wäert weider dofir suergen, datt déi aktuell Onlineinitiativen am Beräich vun der Lëtzebuerger Sprooch op enger Websäit zesummegefaasst ginn.

Obligatoresch Lëtzebuergesch-Coursen a Privatschoulen aféieren

D'DP wäert Privatschoulen, déi duerch ëffentlech Gelder matfinanzéiert ginn, duerzou verpflichten, fir de Schüler obligatoresch Lëtzebuergesch-Coursen unzebidden. Doduercher kréien allegueren d'Schüler en Zougang zu der Lëtzebuerger Sprooch an an engems gëtt esou d'Integratioun iwwert eng gemeinsam Sprooch ënnerstëtzt.

D'Lëtzebuerger Sprooch am virtuelle Raum stäerken

Computer, Handyen an Internet gehéiere längst zu eisem Alldag. D'DP wëll der Lëtzebuerger Sprooch en Accès an déi virtuell Welt vun Alexa, Siri & Co. verschafen.

Lëtzebuergesch-Coursen am Gesondheitswiese fërderen an ausbauen

cf. Kapitel Gesondheet a Sozialversécherung: e schnellen Accès zu enger qualitativ héichwärteger Medezin an d'Systemer laangfristeg sécheren.

„vergiessen“ Wieder dokumentéieren

Engersäits kommen andauernd nei Wieder an onser Sprooch bäi, anerersäits verschwannen och reegelméisseg Wieder. D'DP wëll en Dictionnaire schafen, an deem scho bal vergiessene Wieder an typesch Spréch festgehalen ginn, déi riskéieren an de Vergiess ze geroen. Esou kann dee räiche Wuertschatz vun eiser Sprooch als Deel vun der Kultur erhale bleiwen. D'Ëffentlechkeetsaarbecht an deem Sënn soll deementspreechend ausgebaut ginn.

„Lëtzebuerg-Haus“ als zentral Plaz, fir sech ze begéinen schafen

Lëtzebuerg huet eng besonnesch Identitéit, déi Muencher faszinéiert, ma sech net jidderengem direkt opdeet. D'Lëtzebuerger Sprooch ass fir vill Leit, dee markantste Aspekt vun eisem Land. Ma eis Identitéit huet däitlech méi Facetten: Lëtzebuerg ass regional a weltopen, et ass traditionell a multikulturell, et schwätzt Lëtzebuergesch a gläichzäiteg vill aner Sproochen. Dës scheinbar Géigesätz maachen onst Land zu deem, wat et ass a sinn zanter Generatiounen déif an eiser Gesellschaft verwuerzelt. Bis elo gëtt et awer keng zentral Plaz, wou déi Villfalt vu Land a Leit, déi hei wunnen a liewen, och praktesch dokumentéiert ass.

Mir wëllen e „Lëtzebuerg Haus“ als zentral Plaz schafen, fir där besonnescher Zesummesetzung vun eiser Gesellschaft Rechnung ze droen. Domadder soll gewëssermoossen a „Flagship-Store“ vu Lëtzebuerg geschafe ginn, an deem sech alagesiesse Lëtzebuerger, nei Lëtzebuerger an och Visiteure kënnen e Bild maachen: hei soll ee Lëtzebuerg kënne gesinn, héieren, upaken a schmaachen. Et soll also kee Musée ginn, ma eng lieweg Plaz, wou een eis Sproochen, d'Musek, de Sport, d'Natur, d'Geschicht, d'Literatur, d'Gesellschaft an eis Kiche kann erliewen. D'Haus ass geduecht als Spigelbild vun der Lëtzebuerger Identitéit – mat all hire Facetten, hirer Traditioun, hirer Innovatioun an den dozou passenden, kontroversen Diskussiounen doriwwer.

Héichschoul a Fuerschung: den Innovatiounsstanduert Lëtzebuerg ausbauen

Lëtzebuerg ass e Land vun den Talenter, vum Éiergäiz op Wëssen a vun der Innovatioun. Mir müssen an Zukunft nach méi vun deem Potenzial profitéieren. De Wëssensfortschritt an d'Vermëttlung vu Wësse wäerten an den nächste Joren net nëmmen e gudden Deel zu der Konkurrenzfähigkeit vum Land bäidroen, ma och onverzichtbar si fir de soziale Fridde bäizebehalen. D'DP wäert dofir dat enormt Potenzial vun eise Studenten, eisen Enseignanten a vun eise Fuerscher gezielt fërderen, fir eis kënnen deene kommenden Erausforderungen ze stellen a fir eist Land besser als éischtklasseggen Héichschoul- a Fuerschungsstanduert ze positionéieren.

Dat rezent Unisgesetz wäert de Wee dohinner weisen. D'Uni Lëtzebuerg huet eng méi grouss finanziell an organisatoresch Entscheedungsfräiheet kritt. Doduercher kann d'Uni sech an Zukunft nach méi onofhängeg a méi zilorientéiert entwéckelen. Doriwwer eraus sinn d'Leedung an d'Decisionsprozesser vun der Administratioun méi participativ ginn. D'Presidente vun der Studenten- a vun der Personalverriedung hunn zanter der Reform e Stëmmrecht am Conseil consultativ, dem héchsten Organ vun der Uni.

Ënnert der Responsabilitéit vum DP-gefouerte Ministère fir Héichschoul a Fuerschung sinn déi staatlech Investitiounen an d'Fuerschung an an d'Entwécklung an de leschte Joren zolidd an d'Luucht gaangen. Och an Zukunft si substantiell finanziell Moyene virgesinn. D'lescht Joer huet d'Regierung sech engagéiert fir bis 2020 1,5 Milliarden Euro an d'Héichschoul an an d'Fuerschungsinstituter z'investéieren –dat ass e Plus vu ronn 205 Milliounen Euro.

D'DP wäert den Innovatiounsstanduert Lëtzebuerg ausbauen. Mir wäerte Kaderbedéngunge schafen, fir d'Wëssenschaft méi staark ze fërderen a fir d'Ëmsetzung vun hire Resultater an innovativ Produkter ze verbessern. Doriwwer eraus setze mir eis weider fir eng héichwäerteg Studienoffer op der Uni Lëtzebuerg an a mir wäerten dofir déi néideg finanziell an organisatoresch Mëttel bereetstellen. D'DP hält un dësem kohärenten, differenzéierten a sozial gerechte Studiëbäihëllef-Gesetz fest.

D'DP wäert weider d'Mobilitéit vun de Studenten ënnerstëtzen an all de jonke Leit e Studium erméiglechen. Zu engem Studium gehéieren an eisen Aen awer och d'Wunnen an en erfëllt Studenteliewe baussent dem Auditoire vun der Uni.

D'Uni Lëtzebuerg stäerken, Exzellenz fërderen

D'Uni Lëtzebuerg huet ambitionéiert Ziler an exzellente Perspektiven. Si huet sech an de leschte Joren en Numm iwwert d'Grenzen ewech gemaach a brauch den internationale Verglach a verschiddene Fuerschungsdomainer net ze scheien. Am Kader vun der rezenter Reform krut d'Uni méi Autonomie, fir hiert Potenzial besser ze entfalten an hire Stelleväert ze stäerken. D'DP wäert déi Entwécklung weider mat den néidege finanziellen an organisatoresche Mëttel ënnerstëtzen. Qualitéit an Exzellenz sollen dobäi déi richtungsweisend Leitmotiver vun der Wëssensvermëttlung a vun der Fuerschung sinn. D'DP ass och dofir, datt d'Uni sech verstärkt mat national relevante Fuerschungsthemen befaasst, z.B. am Beräich vun der Fuerschung iwwert eist Bildungswiesen oder bei der Formatioun vun Enseignanten. Weider Schwéierpunkte sollen an Zukunft beispillsweis och an de Beräicher vun de Materialwëssenschaften, der Biomedezin, de Finanzen, den digitalen Technologien an der Zäitgeschicht gesat ginn.

Uni.lu a staatlech Recherchezentere extern evaluéieren

D'Uni an déi staatlech Recherchezentere solle weider extern evaluéiert ginn. Eng regelméisseg Evaluatioun schafft net nëmmen Transparenz, ma si hëlleft och bei der Sécherung a bei der Entwécklung vun der Qualitéit.

Besoinen vun der Gesellschaft a vun der Wirtschaft an der Fuerschung berücksichtegen

D'Gesellschaft an d'Wirtschaft veränneren sech permanent. D'DP ass der Meenung, dass d'Uni an d'Rechercheinstitute sech deem dynamischen Ëmfeld upassen a sech op déi zukunftsorientéiert Fuerschungsfelder konzentréieren sollen.

Dee Wee wäert zu engem direkten, sozio-ekonomesche Plus féieren an d'Konkurrenzfähigkeit vun eiser Ekonomie stäerken. Dës gezielte Förderung soll d'Autonomie vun der Uni op kee Fall beaflossen.

Öffentlech Finanzéierung u Leeschtungskontrakter knäppen

D'Uni Lëtzebuerg an d'Fuerschungsetablissementer solle weider zu engem gudden Deel duerch déi öffentlech Hand finanziert ginn. D'Budgetsaccorden iwwer e puer Joer bidde Planungssécherheet an erméiglechen et fir laangfristeg Objektivier unzegoen. Doriwwer eraus setze mir eis fir e leeschtungs- a resultatorientéiert Finanzéierungssystem an, deem déi öffentlech Mëttel no kloren Qualitätskriterien accordéiert. Duerch esou leeschtungsbezogene Kontrakter tëscht dem Staat an den Etablissementer kann d'Qualitéit méi gezielt gefërdert ginn an de Fuerschungs- an Héichschoulberäich besser un d'Besoinen vun der Lëtzebuerger Wirtschaft unzepassen.

Qualitativ Fuerschungsergebnisser belounen

D'DP wäert sech dofir setzen, dass qualitativ héichwäerteg Fuerschungsergebnisser vun Institute a Fuerschungsequipen duerch transparent a leeschtungsorientéiert Kriterien finanziell belount ginn. Dat soll eng weider Incentivatioun sinn, fir resultatorientéiert an héichqualitativ Fuerschung ze bedreiwen. Doriwwer eraus soll de Staat och europäesch an international ënnerstëtzte Fuerschungsprojete méi staark ënnert d'Äerm gräifen.

Zesummenaarbecht vu Fuerschungsinstitute ënnerstëtzen

An der Lëtzebuerger Fuerschungslandschaft gëtt et nach Spott fir sënnavoll Synergien. Mir wäerten den Austausch vu Wëssen an wëssenschaftlechen Erkenntnisser tëschent de verschiddenen Acteuren aus der Lëtzebuerger Fuerschung weider ënnerstëtzen.

Öffentlech-Privat Partnerschaften an der Fuerschung fördern

D'DP wäert Entrepreneuren d'Méiglechkeet ginn, fir iwwert Öffentlech-Privat Partnerschaften (PPP) mat der Uni Lëtzebuerg oder mat den öffentlichen Fuerschungsinstitute séier an effizient Léisungen auszeschaffen. Z.B. bei der Produktentwécklung oder bei Opträg, déi eng intensiv Recherche mat sech bréngen. Déi Kollaboratioun soll transparent gereegelt ginn.

„Matching-Fund-Prinzip“ aféieren

D'DP wäert de Prinzip vum „Matching-Fund“ aféieren. De Staat wäert privat Spenden un d'Uni Lëtzebuerg oder un öffentlech Fuerschungsinstitute, vun engem gewësse Montant un, duerch en zousätzleche staatleche Bäitrag ënnerstëtzen.

Offer u BTS-Coursen erweideren a Partnerschaften ofschléissen

cf. Kapitel Bildung: Fair Zukunftschancë fir eis Kanner.

Zesumme mat der Uni.lu Master-Coursen am Beräich Bildung ausschaffen

cf. Kapitel Bildung: Fair Zukunftschancë fir eis Kanner.

Ausbau vun de Medezinsstudien hei am Land bewäerten

D'Ausbildung vun de Medezinsstudien zu Lëtzebuerg gëtt ausgebaut. D'Uni Lëtzebuerg wäert an den nächste Joren e Bachelor an der Medezin ubidden, esou datt d'Studenten dräi Joer studéiere kënnen, amplaz bis elo just ee Joer.

Investitioune vu Privatleit a Start-uppen steierlech avantagéis maachen

cf. Kapitel Steierpolitik: de Bierger gerecht entlaaschten an d'Entrepreneariat fërderen

Infrastruktur vun Entwécklungs- a Recheresiten ausbauen

D'DP wäert déi nächst Jore massiv an d'Infrastruktur vun den Entwécklungs- a Recheresiten an der Stad an op Belval investéieren. Domadder kënnen d'Uni an d'Fuerschungszentren sech optimal entwéckelen.

„Open Access“ zu staatlech finanzéierte Fuerschungsprojete garantéieren

D'DP ass der Meenung, datt Resultater, Publikatiounen a Fuerschungsdaten aus öffentlech finanzéierte Projete sollte gratis am Netz publizéiert ginn („Open-Access“-Politik). Ënner Berécksiichtegung vun den éischte Verwärtungsrechter. Esou gëtt der Allgemengheet den Zougang zu den neiste Fuerschungsergebnisser garantéiert.

Virtuell Unissäll

D'DP wäert sech dofir setzen, datt d'Uniscourse sollen online disponibel sinn. Mir sinn der Meenung, datt Studenten musse kënnen vun den technesche Mëttel vum 21. Joerhonnert profitéieren, fir d'Course kënnen onofhängeg a flexibel ze suivéieren.

Wunnraum fir Studenten schaffen

Mat der Ziel vun de Studenten wiisst och d'Demande no bezuelbarem Wunnraum fir déi Studenten. D'DP ass sech där Tatsach bewusst a wäert d'Offer u bezuelbare Studentewunnengen an der Géigend vun der Uni an d'Luucht setzen. Privat Initiative fir de Bau vu Studentewunnenge ginn encouragéiert.

Familljepolitik: Eng besser Verknäppung vu Beruff a Famill

Während der Regierungsperiod 2013-2018 huet d'DP d'Familljepolitik moderniséiert. Déi Politik vu virdrun huet net méi den Erausforderunge vun der haiteger Gesellschaft entsprach an huet esouguer deels onsécher Situatiounen ënnermauert. Den Aarmutsrisiko –zëmmol vun Elengerzéiende mat Kanner –huet e Paradigmewiessel an der Familljepolitik verlaangt, deen et den Elteren erméiglecht, fir Beruff a Famill besser matenanner ze verknäppen. Virun allem Kanner aus aarmutsbedräete Famillje si vu Nodeeler oder schouleschen Echecke bedräet a riskéieren dofir och Echecken am Beruff.

E wesentleche Faktor fir de Bien-être vun de Kanner, ass d'Zäit, déi d'Eltere mat hirem Nowuess verbréngen kënnen. Dofir huet d'DP konkrete Moossname getraff, fir datt d'Eltere méi Zäit fir hir Kanner kënnen hunn. D'Flexibiliséierung an déi finanziell Verbesserung vum Congé parental hunn duerzou gefouert, datt 70% méi Eltere vum neie Congé parental profitéieren. Dobäi ass besonnesch den Undeel vu de Pappen, déi den neie Congé parental ufroen, staark an d'Luucht gaangen. Aner Verbesserung betreffen déi aussergewöhnlech Congésdeeg. De Pappcongé bei der Gebuert vun engem Kand ass vun 2 op 10 Deeg erhéicht ginn. De Mammecongé no der Gebuert ass generell vun 8 op 12 Wochen erhéicht ginn an de Congé fir d'Eltere vu kranke Kanner ass méi flexibel organiséiert ginn. Fir d'DP war dat en éischte Schrack, fir den Eltere méi Zäit mat hire Kanner z'erluben.

D'DP steet fir eng nohaltig a responsabel Familljepolitik, an där d'Kanner am Mëttelpunkt stinn. Eent vun de wichtegsten Ziler vun eiser Politik ass d'Chancëgläichheet, déi d'DP awer net op finanziell Leeschtunge fir d'Famillje beschränkt. D'DP setzt verstärkt op Sachleeschtungen an op eng qualitativ héichwäerteg, ëffentlech Offer an der Kannerbetreung. An den nächste Jore wäert d'DP weider Mesuren ëmsetzen, fir datt d'Elteren hiert Privat- an hiert Berufsliewe kënnen besser matenanner verbannen.

Congé parental PLUS aféieren

Déi vun der DP initiéiert Reform vum Congé parental wor e risege Succès. D'DP wäert d'Auswierkunge vun dëser Measure no dräi Joer iwwerpräiwen an eventuell verdéiwen. Doriwwer eraus wäert d'DP déi Famillje belounen, an deene béid Elterendeeler de Congé parental ufroen. Dat am Sënn vun enger fairer Verdeelung vun der Responsabilitéit an der Kannererzëiung.

D'DP wäert weider d'Méiglechkeet schafen, fir nom Congé parental e Congé parental PLUS, mat bis zu 18 Méint Ganzdaags oder bis zu 36 Méint Hallefdaags, ze huelen.

Fir de Patronen entgéint ze kommen, wäert de Staat während engem Congé parental PLUS d'Sozialbäitrag vun deene Salariéen iwwerhuelen, déi als Remplaçant beschäftegt ginn. Doriwwer eraus wäert d'DP a spezifesch Fäll zäitlech begrenzt Kontrakter zouloossen, déi iwwert déi ganz Dauer vum Remplacement ginn. Déi genee Modalitéite vum neie Congé parental PLUS ginn am Dialog mat de Sozialpartner verhandelt.

D'Aarbechtszäiten am Interessi vun de Salariéen a vum Patronat méi flexibel gestalten

cf. Kapital Aarbecht: Beruff a Privatliewe matenanner verbannen

Aarbechtszäitkonte generell aféieren

cf. Kapital Aarbecht: Beruff a Privatliewe matenanner verbannen

Den „Télétravail“ förderen

cf. Kapital Aarbecht: Beruff a Privatliewe matenaner verbannen

Pappecongé fir Selbststänneger aféieren

D'DP huet dofir gesuergt, datt Pappen d'Recht op 10 Deeg Pappecongé kréien, fir Zäit mat hirem Nowuess ze verbréngen. D'DP wäert den Usproch op Pappecongéfir Selbststänneger ausbauen, fir datt all Pappen – onofhängeg vun hirem Aarbechtsstatut – gläichbehandelt ginn.

Kannerveräinsbus aféieren

cf. Kapitel Bildung: Fair Zukunftschancë fir eis Kanner

D'Opnam vu Fleegekanner a Fleegefamillje weider ënnerstëtzen

Vill Kanner aus Kannerheemer waarden op eng Fleegefamill. No enger Sensibiliséierungscampagne vum Bildungsministère („Gitt Fleegefamill!“) sinn eng sëllege Kanner an enger Fleegefamill opgeholl ginn. D'DP wäert fir e beschtméigleche Kader an de Kanner- a Jugendheemer ze suergen. Gläichzäiteg soll d'Opnam vu Fleegekanner duerch Famillje weider ënnerstëtzt ginn.

Gesetz iwwer d'Relatiounen tëscht dem Staat an den Organisatiounen an de Beräicher Soziales, Famill an Therapie reforméieren

Déi sëllege Organisatiounen, déi an de Beräicher Soziales, Famill an Therapie aktiv sinn, sinn d'Reckkräiz vum sozialen Tissue hei am Land. Fir datt déi Associatiounen kënne gutt schaffen, huet de Staat eng Rei Konventiounen mat hinnen ofgeschloss. D'Gesetz iwwert d'Relatiounen tëscht dem Staat an deenen Associatiounen gëtt der Realitéit an der Praxis awer net méi gerecht. D'DP wëll dofir de gesetzleche Kader upassen, fir d'Transparenz z'erhéijen, fir Qualitätsstandarden z'entwéckelen, fir d'Rechter vun de Clienten an d'Flichte vun den Associatiounen kloer ze definéieren a fir d'Kohärenz tëscht der Legislatioun an de Reglementer ofzesécheren.

Zesummeliewen an der Gesellschaft: oppen, tolerant, solidaresch an inklusiv

D'DP steet fir eng fräi, oppen an tolerant Gesellschaft, déi net nëmme solidaresch mat deene méi Schwaachen ass, ma déi sech dofir asetzt, datt alleguerten d'Mënsche kënnen um gesellschaftleche Liewen deelhuelen.

Gesellschaftspolitesch huet d'DP-gefuert Regierung remarkabel Succèsen Opweises. D'Prozedur fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien, gouf méi einfach gemaach. D'Beherrsche vun der Lëtzebuerger Sprooch bleift awer weider en entscheidende Critère. Gläichgeschlechtlech Koppelen dierfen sech endlech matenaner bestueden a Kanner adoptéieren. Déi zweeten obligatoresch Consultatioun vu Fraen, déi sech fir en Avortement (IVG) decidéiert hunn, ass ofgeschaaft ginn. E ganz grouse Schrack war iwwerdeems d'Neiregelung vun de Relatiounen tëscht dem Staat an de Reliounen, déi zesumme mat de verschiddene Glawensgemeinschaften ausgeschafft ginn ass.

Fir d'DP ass d'Inclusioun e Mënscherecht. Fir eis ass et en zentraalt Uleies, datt Mënsche mat spezielle Besoine kënnen um gesellschaftleche Liewen deelhuelen. All Bierger soll iwwerdeem e méiglechst selbstbestëmmt Liewe féiere kënnen. Den DP-gefuerte Familljeministère huet d'Iddi vun der Inclusioun an de leschte fënnef Joren virubruecht an déi am Joer 2011 ratifizéiert UNO-Behënnerterechtskonventioun konsequent ëmgesat. Esou ass e Bilan gezu ginn – zesumme mat de Verrieder vun der Zivilgesellschaft an den zoustännege ministerielle Servicer – iwwert d'Ëmsetzung vum Aktiounsplang fir behënnert Leit. Fir datt Mënsche mat Limiten an eeler Leit kënnen ouni Problem um gesellschaftleche Liewe participéieren, huet d'DP d'Ëmsetzung vun neie Mesuren ausgebaut, déi en fräien Zougang – ouni Barrièren – zu ëffentleche Plazen erlaben.

Weider ass e Gesetz op den Instanzewee bruecht ginn, fir eng Assistance zur Inclusioun op der Aarbecht. Entreprisëkréien deemno unerkannten Experten zur Verfügung gestallt, déi d'Agglidderung vu Persoune mat engem Behënnertestatut oder Leit, déi an der Reinsertioun sinn, ënnerstëtzen. D'DP huet schliisslech d'Unerkennung vun der däitscher Gebäerdesprooch als offiziell Sprooch zu Lëtzebuerg duerchgesat. D'DP geet iwwregens mam gudde Beispill vir: Op eise Kongresser ass allkéiers eng Iwwersetzung an der Gebäerdesprooch an eise Kuerzwalprogramm gëtt an der sougenannter „Leichten Sprache“ publizéiert. Doriwwer eraus ass eise Walprogramm an enger Audio-Versioun disponibel.

E weidere Schwéierpunkt ass fir d'DP d'Lutte géint d'Aarmut an déi sozial Ausgrenzung. Mir hunn déi lescht fënnef Joer vill Moosname geholl, fir d'Situatioun vun de Leit mat engem klengen Akommes däitlech ze verbessern. D'Deierechtsbäilag ass esou geännert ginn, datt elo knapps 2.200 Stéit kënnen dovunner profitéieren. D'Aféierung vun der „Subvention Loyer“ dréit duerzou bäi, datt antëscht bal 35.000 Stéit d'Recht op Wunnegeld hunn. D'DP-gefuert Regierung huet och d'Offer u Sozialwunnengen ausgebaut. D'SNHBM (Société nationale des habitations à bon marché) z.B. huet hir Chiffere verdräifacht: vu ronn 80 Wunnengen an der Period vun 2004 bis 2014 op ronn 270 Wunnengen am Joer 2017.

Eng däitlech Hausse bei de soziale Mietwunnenge gouf et och wéinst der neier steierlecher Exoneratioun op der Halschent vum Nettorevenu op Locatiounen un autoriséiert Organisatiounen fir d'Verwaltung vu Sozialwunnengen, z.B. un d'Agence Immobilière Sociale (AIS). Dobäi komme Mesure wéi d'Erhéijung vum Steierkredit fir Elengerzéiender a gratis Schoulbicher am Secondaire. D'DP setzt och konsequent op d'Ënnerstëtzung vu Leit, déi wäit

vum éischten Aarbechtsmaart ewech sinn. Dat neit REVIS-Gesetz („revenu d’inclusion sociale“) – de fréieren RMG – wäert d’Reinsertioun an d’Beruffsliewen an an dat gesellschaftlecht Liewen däitlech fërderen.

D’Flüchtlingskris war eng grouss Erausfuerderung fir déi europäesch a fir déi lëtzebuergesch Politik. Am Joer 2015 hu sech d’Demanden op international Protektioun am Verglach mat 2014 méi wéi verduebelt; vu ronn 1.000 op bal 2.500. Eist Land huet mussen d’Opnam an d’Integratioun vun dëse Leit garantéieren. D’DP-gefouert Regierung huet an dëser Krisenzäit Responsabilitéit iwwerholl. An enker Zesummenaarbecht mat de Gemengen huet de Familljen- an Integratiounsministère eng kohärent Politik vum Accueil a vun der Integratioun assuréiert. Déi substantiell Erhéijung vum Personal vum OLAI (Office luxembourgeois de l’accueil et de l’intégration) huet d’Viraussetzung geschaf, fir e mënschewierdegen Accueil an eng kompetent Betreung vun de sëllege neien Demandeurs d’asile. Fir d’Integratioun vun de Flüchtlingen ze fërderen, huet de Familljeministère (an Zesummenaarbecht mam Bildungsministère) de „parcours d’intégration accompagné“ (PIA) ausgeschafft. Den neien „Lëtzebuerger Integratiouns- a Sozialkohesiounscenter“ (LISKO) iwwerdeems, ass e Lien zu de Sozialbüroen an Associatiounen an ënnerstëtzt esou d’Integratioun op Gemengenniveau.

D’DP wäert sech och an Zukunft fir e respektvollt an tolerant Matenaner asetzen an déi gesellschaftlech Participatioun vun alle Bierger ënnerstëtzen. Mir wäerten eis wieder géint d’Ongerechtegkeeten an eiser Gesellschaft asetzen an all Diskriminéierung bekämpfen.

Gesellschaftspolitik

D’Rechter vun de Kanner a Jugendleche stäerken

D’DP wäert de Projet vun engem neien Jugendschutzgesetz esou séier wéi méiglech ëmsetzen. Mir wëllen d’Rechter vu de Kanner stäerken a weider an d’Präventioun géint d’Jugenddelinquenz a fir d’Resozialiséierung vu stroffällege Jugendlechen investéieren. D’DP wäert net weider akzeptéieren, datt Mannerjäreger am Prisong agespaart ginn. Dofir wëlle mir an déi néideg Infrastrukturen investéieren, fir dat an Zukunft ze verhënneren.

Individuell Risikobewäertung bei Blut- a Plaque-Spenden

D’DP wäert d’Kritäre fir Blut- a Plaque-Spenden änneren, well déi den Ament homosexuell Männer kategoresch ausschléissen. D’DP setzt sech fir de Prinzip vum „individual risk assessment“ an, d.h. fir eng individuell Risikobewäertung vun alle Spender.

De Benevolat stäerken

D’DP ass sech bewusst, wéi wichteg de Benevolat an eiser Gesellschaft ass an dofir wëlle mir déi vill Fräiwëlleg an hirer Aarbecht ënnerstëtzen. Mir wäerten dofir e Kadergesetz fir d’Fërderung vun de Benevollen ausschaffen, an deem déi aktuell Reglementatiounen a staatlech Ënnerstëtzung vereenheetlecht ginn. Mir wëllen och nei Motivatiounen schafen, fir d’Fräiwëllegenaarbecht méi attraktiv ze maachen.

D’Auswierkunge vum neie Scheedungsgesetz préiwen

D’DP wäert d’Auswierkunge vum neie Scheedungsgesetz analyséieren a seng Effikassitéit an der Praxis iwwerpréiwen. Mir wäerte virun allem d’Auswierkunge vum Ofschafe vun der Scheedung weinst Feelverhalten (divorce pour faute) kritischesch op de Leescht huelen.

Lutte géint Gewalt am Stot ausbauen

Mat der sougenannter „Afferambulanz“ huet d’Regierung e wichtige Kontakt fir d’Affer vun der Gewalt am Stot geschaf. D’DP wäert weider Gesetzer upassen, fir Fraen a Männer besser

virun dëser Gewalt ze schützen. Mir wäerten ë.a. d’Konventioun vum Conseil de l’Europe – fir d’Verhidden an d’Bekämpfe vun der Gewalt géint Fraen a vun der Gewalt am Stot – ëmsetzen.

Gläichstellung vu Mann a Fra garantéieren

An de leschte fënnef Joer huet d’Regierung dofir gesuergt, datt Mann a Fra op der Aarbecht gläichbehandelt ginn. Et gouf ë.a. gesetzlech festgeluecht, datt Mann a Fra mussen de gläiche Loun fir déi gläich Aarbecht kréien. Weider huet d’Regierung sech fir eng geschlechtlech Paritéit a staatleche Gremien an a Verwaltungsréit engagéiert, an deenen de Staat vertrauden ass. D’DP wäert weider Sensibiliséierungscampagnen ënnerstëtzen, déi sech géint Stereotype vu Geschlechterrolle stäipen, z.B. de „Girls’day –Boys’day“.

Rechter vun Transgender a vun intersexuelle Mënsche stäerken

Lëtzebuerg huet d’lescht Joer d’IDAHOT-Erklärung géint d’Diskriminéierung a fir den Ausbau vun de Rechter vun LGBTI-Mënschen (lesbesch, homo-, bi-, trans- an intersexuell Mënschen) ënnerschriwwen. D’DP wäert d’Rechter vu Leit stäerken, deenen hir äusserlech Geschlechtscharakteristiken net mat hirem gefüllte Geschlecht iwwereneestëmmen oder déi net kënnen engem Geschlecht kloer zougerechent ginn. D’Ännere vum Geschlecht oder vum Numm vun Transgender ass schonn an dëser Legislaturperiod vereinfacht ginn, fir onnéideg a belästschtend Prozeduren aus dem Wee ze goen. D’Käschte vun noutwennegen, chirurgeschen Interventiounen solle vun de staatleche Krankekeese rembourséiert ginn. D’DP wäert och préiwen, ob et méiglech ass fir en drëtt Geschlecht anzeféieren. D’DP verlaangt, datt Kanner, bei deenen d’Geschlecht net kloer ka festgestallt ginn, keng chirurgesch Interventiounen dierfe gemaach ginn.

Gesetzleche Kader fir „Mères porteuses“ („Leihmütter“) schaffen

Fir d’Wuel an d’Rechter vun de betrouffene Kanner, wäert d’DP déi Kanner esou séier wéi méiglech unerkennen, déi (über eine Leihmutterschaft) am Ausland op d’Welt komm sinn. D’DP fuerdert och e kloer gesetzleche Kader, fir datt Mënschen net mussen an d’Ausland fir eng Leihmutterschaft goen. D’Leihmutterschaft soll op engem Modell baséieren, wou keng Suen dofir bezuelt ginn.

Kontrolléiert Legaliséierung vum Cannabis

Fir d’DP ass déi repressiv Drogepolitik aus de leschte Joerzénge en Echec. D’DP wëll nei Weeër goen an ass fir d’Méiglechkeet vun enger staatlech kontrolléierter Distributioun vu Cannabis un Erwuessener. Esou ee Schrack muss awer ënner strenge Reegele funktionnéieren. Fir keen Drogentourismus ze riskéieren, sollen z.B. nëmmen Erwuessener Cannabis kafen dierfen, déi hei am Land liewen. Esou eng legal a vum Staat iwwerwaachte Vente wier e schwéiere Coup géint den illegalen Handel, d’Kärgeschäft vu ville kriminellen Organisatiounen. D’Recettë vun där kontrolléierter Vente sollte ganz an d’Präventioun an an d’Informatioun vun entspreechenden Initiativen a Berodungszentere vun der Drogenhëllef an Drogeberodung goen. Dobäi muss een sech an Uecht huelen, datt den Drogekonsum net verharmloost gëtt.

Stroosseprostitutioun evitéieren

Nodeems an der leschter Legislaturperiod schonn e Gesetz fir eng besser Protektioun vun den Affer vun der Zwangsprostitutioun gestëmmt ginn ass, wäert d’DP zousätzlech Efforte maachen, fir d’Prostitutioun vun de Lëtzebuerger Stroossen ewech ze kréien. Mir wäerte préiwen, ob eng deelweis Legaliséierung a staatlech kontrolléierten Installatiounen hëllef kann, fir dat Zil z’erreechen.

Verjärungsfrist fir Vergewaltungen ofschaffen

Den Ament verjäre Vergewaltungen no 10 Joer. Den Täter kann no dëser Frist also net méi zur Rechenschaft gezu ginn. A ville Länner soll déi Frist op 20 oder esouguer 30 Joer verlängert ginn. D'DP wäert déi Frist zu Lëtzebuerg ganz ofschaffen, well verschidden Affer eréischt no Joerzénge capabel sinn, eng Plainte wéinst esou Verbrieche ze maachen. Mir sinn der Meenung, datt dat psychescht Leed vun den Affer net och nach doduercher verstärkt dierf ginn, datt den Auteur vum Verbrieche dovunner profitéiert, datt d'Affer sech eréischt méi spët iwwerwonne kënnen, wéinst esou engem Verbrieche juristesche virzegoen.

De Prinzip vun der Mediatioun ausbauen

D'DP setzt ganz kloer op d'Mediatioun, déi eng vertraulech, séier a bëlleg Léisung ass, fir déi verschiddenst Differenzen ze klären. D'Mediatioun huet déi lescht Jore staark zougeholl, egal ob et sech em familiär, zivil, geschäftlech oder esouguer strofrechtlech Fäll gehandelt huet. Eng Partie Verwaltung beruffen sech bei hiren Decisiounen op de Prinzip vun der Mediatioun. D'DP ass vun der Mediatioun iwwerzeegt –zemol am Kontext vun der sozialer Kohäsioun. Dofir wëlle mir d'Mediatioun stäerken an dofir suergen, datt dat Instrument besser an der Ëffentlechkeet bekannt gemaach gëtt.

Äschendispertioun am Mier oder a Flëss erlaben

D'Verbonnenheet mat der Natur an de fräie Choix vun der Plaz wou ee begruewe gëtt, maachen d'Äschendispertiounen am Mier oder an engem Floss ëmmer méi beléift. D'Rou vum Waasser bitt den Hannerbliwwenen dacks Troust an hirer Trauer. D'DP wëll d'Gesetzgebung vum Begrieffnis, de gesellschaftleche Realitéiten no, liberaliséieren, fir esou nei Forme z'erlaben. D'Manier vum Begrieffnis muss awer dem formelle Wunsch vum Verstuerwenen entsprechen.

Senioren

Eng modern Seniorepolitik: Ënnerstëtzung fir aktiv al ze ginn

Den Iwwergang vum Berufsliewen an d'Pensioun ass e groussen Aschnëtt am Liewe vu ville Leit. D'DP wäert déi aktiv Begleedung vun de Leit an engem entscheidenden Deel vun hirem Liewe fërderen. Fir d'DP sinn d'Liewensqualitéit an d'Wuelbefannen vun den eelere Leit ganz wichteg. Fir déi aktiv Begleedung z'ënnerstëtzen, den Austausch tëschent de Generatiounen ze fërderen an déi sozial Isolatioun z'évitieren, wäert d'DP och an Zukunft Programmer an Associatiounen gezielt ënnerstëtzen an ausbauen, déi dofir suergen, datt eeler Leit u kulturellen, sozialen a sportlechen Aktivitéiten bedeelegt ginn.

All Bierger e Senioren- a Fleegeheim erméiglechen

Leit, déi an engem Senioren-, engem Fleegeheim oder an enger ähnlecher Struktur opgeholl ginn, ma net déi néideg Mëttel dofir hunn, hunn d'Recht op eng Zousazleeschtung fir hiren Openthalt. D'DP wäert d'Gesetz iwwert den „Accueil gérontologique“ iwwerschaffen, fir deene Leit méi wäit entgéint ze kommen. Och an Zukunft soll all Bierger kënnen an engem Alters- oder an engem Fleegeheim ënnerkommen.

Upassung vun der Fleegeversécherung am Sënn vun de Patienten

D'DP wäert sécherstellen, datt d'Fleegeversécherung eng héich Qualitéit vun der Fleege garantéiert. Duerch Begleedmesurë soll déi sozial Exklusioun verhënnert ginn. Weider sollen onnéideg administrativ Prozeduren fir d'Patienten a fir d'Trägergesellschaften verhënnert ginn. D'DP wëll dofir e Bilan iwwert d'Reform vun der Fleegeversécherung zéien an hir Auswirkungen an der Praxis iwwerpräiwen. Dono wëll d'DP konkret Upassungen am Sënn vun de Patienten maachen.

Gratis öffentliche Transport anbieten

cf. Kapitel Mobilität: modern Verkehrsinfrastruktur für haut a für muer

Inclusion

Barrierefreiheit weiter fördern

An dieser Legislaturperiode huet d'DP schonn Upassungen vun den „Design for all“-Reeglungen gemaach. D'DP wäert d'Barrierefreiheit an alle Bereiche unterstützen, z.B. am öffentlichen Transport, bei Freizeit- a Kulturofferen an am Bereich vun de Medien a vun der Kommunikatioun. Barrierefreiheit spillt och eng wichteg Roll am digitale Bereich. D'DP wäert dofir suergen, dass déi staatlech Internetsäiten barrierefrei sinn an d'Inhalte an der sogenannten „leichten Sprache“ ugebuede ginn.

Selbstbestimmt Leben aktiv unterstützen

Für d'DP muss all Mensch am Kader vu senger Möglichkeit onofhängeg sinn a kënne frei iwwert säi Leben decidieren. Bei der Betreuung vu Leit mat enger Behinderung muss déi individuell Eegeständigkeit respektiert ginn. D'DP wäert dofir am Laf vun der nächster Legislaturperiode e Bilan iwwert d'Prozedur vun der sozio-pädagogescher Begleitung (ASP) zéien an eventuell Upassungen, am Sinn vun der Eegeständigkeit vun de betreite Persounen maachen.

Efforts a Richtung Inclusion an der Grandschoul weiterführen

cf. Kapitel Bildung: Fair Zukunftschance für eis Kanner

Inclusion ass och am Secondaire méiglech

cf. Kapitel Bildung: Fair Zukunftschance für eis Kanner

Inclusion op der Arbeitsplatz fördern

D'Konvention iwwert d'Rechte vu Mänschen mat Behinderungen gesäit Folgendes vir: „d'Recht op d'Möglichkeit, für säi Lebenserhalt selber duerch Arbeit ze verdéngen, déi an engem offenen, integrativen a für Mänschen mat Behinderungen zugänglechen Arbeitsmarkt an Arbeitsumfeld frei gewielt oder ugeholl gëtt“. Deementsprechend si schonn e puer Mesuren ëmgesat ginn.

Ugangs 2017 ass de „Centre d'orientation socio-professionnelle –Handicap et Reclassement“ (COSP-HR) geschafe ginn, für ë.a. d'Inclusion vu Matmënschen mat enger Behinderung ze verbessern. E Gesetzprojekt iwwert d'Schafe vun enger Assistance zu Inclusion op der Schaff ass schonn op den Instanzewege bruecht ginn. Dofir wäert d'DP d'Kommission für d'Orientatioun a für d'Reinsertioun informéieren, für eng besser berufleche Orientatioun ze garantéieren. Doriwwer eraus wäert d'DP den Arbeitsmarkt besser für d'Besoinen vun de Mänschen mat Aschränkungen sensibiliséieren.

D'Capacitéiten vun de „Centres de propédeutique“ ausbauen

D'DP wäert méi Ausbildungsplazen für Mänschen mat enger Behinderung an de „Centres de propédeutique“ schaffen. Domadder kënne Mänschen mat enger Behinderung op den Arbeitsmarkt oder für eng Beschäftigung an engem „Atelier protégé“ virbereet ginn.

Gebäudesprooch als offiziell Sprooch: Praktesch Ëmsetzung garantéieren

Op Initiativ vun der DP, huet d'Regierung déi däitsch Gebäudesprooch offiziell unerkannt. Dat bedeit z.B. konkret, dass Kanner an der Grandschoul an am Secondaire, déi schlecht oder guer net héieren, d'Recht op en Unterrecht an der Gebäudesprooch hunn. D'DP wäert dofir suergen, dass deementsprechend genuch qualifizéiert Personal forméiert an agestellt gëtt. Och an aner

Beräicher, sief et an de Spideeler, am Rettungswiesen oder bei der Police, si spezialiséiert Leit néideg.

Ouni Barrière kommunizéieren, duerch déi einfach Sprooch

cf. Kapitel Staat an ëffentlechen Déngscht: modern an effizient.

Solidaritéit

Obdachlosegkeet bekämpfen

D'DP wäert eng national Strategie géint d'Obdachlosegkeet konsequent ëmsetzen, fir esou prophylaktesch géint Wunnengs- an Obdachlosegkeet virzegoen. Ma och an Noutsituatiounen ass et wichteg fir séier an entspriechend ze reagéieren. All Sans-abri muss während de Wanterméint eng Méiglechkeet hunn, fir an der Nuecht ënner Dag ze sinn. D'„Wanteraktioun“ wäert eng fest Plaz am nationalen Noutlogement um Findel kréien.

Wunnen ass en zentraalt Element, fir eng gesellschaftlech Reinsertioun z'erreechen an deene Beträffenen e stabilt Ëmfeld ze verschafen. Dat innovatiivt Betreuungskonzept vum Housing-first mécht et de Sans-abris net nëmme méiglech, fir eng Wunneng ze fannen, ma och fir an deem Kader betreit ze ginn. Dat Konzept huet schonn éischt Resultater Opweises an hëlleft z.B. Leit an der Lutte géint hir Suchtkrankheet. D'DP wäert an enker Collaboratioun mat alle concernéierten Acteuren zousätzlech Haiser zur Verfügung stellen.

D'Verwaltung vu soziale Locatiounswunnengen („gestion locative sociale“) weider ausbauen

cf. Kapitel Wunnengsbau a Landesplanung: Wunnraum schafen a Lëtzebuerg kohärent weiderentwéckelen

Opnam an Integratioun

Demandeurs d'asile mënschewierdeg ophuelen

D'DP ass weider fir eng mënschewierdeg Opnam a wäert d'Land op eng eventuell nei Flüchtlingskris virbereeden, andeems – an Zesummenaarbecht mat de Gemengen – nei Strukturen (z.B. fir Mannerjäreger ouni Begleedung) geplangt ginn. Mir wäerten d'Prozeduren, zemol am Ëmgang mat deene Mannerjärege préiwen, fir besser op kommend Flüchtlingswelle preparéiert ze sinn.

Kompetenze fir Flüchtlingen zesummeleeën

D'DP wäert allegueren d'Kompetenzen – vun der Asylprozedur bis bei de Logement an d'Betreiung vun de Flüchtlingen – am Immigratiounsministère zesummeleeën. De Beräich vun der Integratioun vun all den auslännesche Matbierger (Flüchtlingen an all déi aner) sollen ënnert der Kompetenz vum Integratiounsministère bleiwen. Dës nei Aufgabeverdeelung soll fir méi Effikassitéit suergen. D'Betreiung vun engem Flüchtling soll an Zukunft, wa méiglech, während der ganzer Prozedur vun därselwechter Persoun garantéiert ginn. D'DP wäert och de „parcours d'intégration accompagné“ (PIA) ausbauen, fir eng besser Integratioun an d'Gesellschaft an an d'Aarbechtswelt ze fërderen.

Séier, ma gerecht Asylprozedure garantéieren

Lëtzebuerg war an der Vergaangenheet ëmmer erëm mat Welle vun Demandes d'asile konfrontéiert. Déi staark Schwankunge wäert et och an Zukunft ginn. Fir eng séier, ma gerecht Prozedur ze garantéieren, muss d'Verwaltung eng flexibel Organisatioun hunn, fir kënne kuerzfristeg zousätzlecht Personal ze kréien. Fir datt d'Demandeurs d'asile sech keng falsch

Hoffnungen maachen, wa se d’Kritäre fir eng Opnam net erfëllen, mussen si d’Land nom Ofschluss vun de Prozeduren esou séier wéi méiglech verloossen.

Auslännesch Matbierger integréieren

No enger breeder Consultatiounsdebatt, huet d’DP-gefouert Regierung an dëser Legislaturperiod en neien Aktiounsplang Integratioun (PAN) virgeluecht. D’DP wäert dëse Plang an den nächste Jore Schrack fir Schrack ëmsetzen. D’DP wäert déi politesch Participatioun iwwer Sensibiliséierungscampagnen am Virfeld vun de Gemengen- an Europawale weider fërderen. Mir wëllen doriwwer eraus d’Participatioun vun Net-Lëtzebuerger Matbierger beim Ausschaffe vu politesche Moossnamen am Kontext mat der Integratioun fërderen. Zesumme mat de berodende Gemengekommissiounen a mam nationalen Ausländerrot („Conseil national pour étrangers“ [CNE]). Doriwwer eraus solle lokal Integratiounsmesurë vun de Gemengen iwwer déi kommunal Integratiounspläng gefërdert an ënnerstëtzt ginn. Schliisslech wëll d’DP e besonneschen Akzent op déi schoulesch a sproochlech Integratioun leeën. D’Léier vun de Landessproochen –zesumme vum Lëtzebuergesch – ass fir d’DP en zentrale Punkt fir eng geglückten Integratioun.

E wichtegt Instrument fir d’DP ass och den Opnam- an Agliederungskontrakt („contrat d’accueil et d’intégration“ - CAI), deem et de Leit, déi nei am Land ukomm sinn, erlaabt fir Lëtzebuerg kennenzelëieren a sech z’integréieren. Déi entsprechend Sprooch- a Civiqescoursen, respektiv d’Orientatiounsdeeg gi vum O.L.A.I. ugebueden. D’DP wëll dës Kontrakter ausbauen a systematesch op Gemengenniveau ubidden. Dobäi soll och déi regional Zesummenaarbecht vu klenger Gemenge gefërdert ginn, fir de CAI dezentral ubidden ze kënnen.

Kulturpolitik: Geziilt Förderung vun de Kënschtler a vun enger kultureller Participatioun fir all d'Leit

Fir d'DP sinn d'Förderung vun der kultureller Villfalt an d'Wäertschätzung vun de Lëtzebuerger Kulturschaffenden a vun hire Wierker en zentrale Pilier vun der Kulturpolitik.

Fir dësem Usproch gerecht ze ginn, huet den DP-gefouerte Kulturministère säi Budget an dëser Legislaturperiod op knapp 1% vum Staatsbudget erhéicht. Doriwwer eraus sinn zentral Projeten, ewéi d'Archivgesetz an d'Ausschaffe vun engem neien Denkmalschutzgesetz, virugedriwwen ginn. Weider sinn zousätzlech Kënschtleratelieren zur Verfügung gestallt ginn an et goufen nei Subside geschaf, z.B. fir Weiterbildungsmoossnamen. De Kulturministère huet och verstärkt op den Dialog an den Austausch gesat. Esou gouf et eng breet Debatt mat de Kulturschaffenden op den éischten „Assises culturelles“. Déi Diskussiounen sinn d'Basis fir d'Ausschaffe vum éischten Lëtzebuerger Kulturentwécklungsplang.

An den nächste Jore wäert d'DP d'Leit verstärkt iwwert de Wee vun der Kultur zesummebréngen an d'Kultur als dagdeegleche Bestanddeel vum ëffentlechen Liewen ënnerstëtzen. D'DP wäert d'Professionaliséierung vun der Kulturzeen ënnerstëtzen a sech fir eng besser materiell Situatioun vun de Kulturschaffenden asetzen. Lëtzebuerger Kënschtler sollen an alle Konschtberäicher ënnerstëtzt ginn a si sollen och international méi Geltung kréien. Kulturpolitik ass allerdéngs och Standuertpolitik, déi d'DP mat enger breeder kultureller Offer, och op internationalem Niveau, stärke wëll. D'DP gesäit d'Nominatioun vun Esch/Uelzecht als europäesch Kulturhauptstad 2022 als eng exzeptionell Geleeënheet, besonnesch fir d'Kulturentwécklung am Süde vum Land. D'Kollaboratioun mat den anere Gemengen aus dem Süde wäert dofir suergen, datt d'Kulturjoer wäit iwwer d'Grenze vun Esch eraus strale wäert an zu enger neier Dynamik an der Regioun bäidréit. Esouwuel op kreativem, wéi op gesellschaftlechem Niveau.

En neit Gebai fir d'Nationalarchiven

Nodeems d'Nationalbibliothék op de Kierchbierg plënnert, sollen och d'Nationalarchiven en neit Gebai kréien. Dofir soll op déi neisten Technologien am Beräich vum Archive, vun der Konservatioun a vun der Publikatioun zeréckgegraff ginn, fir datt d'Institut seng Aufgabe kann op déi bescht Manéier erfëllen. D'DP wäert de Gesetzprojet ënnerstëtzen, fir datt d'Nationalarchive kënnen esou séier wéi méiglech an en neit Gebai plënnere. D'Archivkultur muss an alle Beräicher gefërdert ginn.

E modernt Denkmalschutzgesetz ëmsetzen

D'DP wäert d'Reform vum Denkmalschutzgesetz an dëser Legislaturperiod ëmsetzen. Et geet em transparent a kloer Reegelen, déi den Erhalt vum archeologeschen, architektoneschen an immateriellen Ierwe vun eisem Land garantéieren. Ënnert der Berécksiichtegung vun internationalen Normen a Reegele wäerten d'Prozeduren vereinfacht a kloer Reegelen opgestallt ginn, déi genee definéieren, wéi eng Bausubstanz ënner Denkmalschutz gestallt gëtt. Doduercher gëtt d'Planifikatioun vu Bauprojekten daitlech verbessert. Fir e besseren Iwwerbléck ze kréien, wëll d'DP des Weideren eng digital Kaart mat alle geschützte Gebaier opstellen.

D'Wäertschätzung vum kulturellen Ierwen ofsécheren

Vill Leit si sech der Bedeitung vum Lëtzebuerger Kulturerwen nëmme wéineg oder guer net bewosst. Dofir –an am Sënn vun enger breeter ugeluechter Kulturoffer –wëll d'DP, datt d'Vermittlung an d'Ausstellung vu Sammlungen an de staatlechen Muséeën verstärkt gëtt. An

Zesummenaarbecht mat de Glawensgemeinschaften –an am Kader vun themateschen Ausstellungen –sollen och onbekannt Schätz aus Lëtzebuenger Kulthaiser gewise ginn.

Zum kulturellen Ierwe vun eisem Land gehéieren net nëmme Monumenter oder materiell Artefakten, ma och immateriell Elementer, ewéi Traditiounen a Gebräich. Och si verdéngen et, fir studéiert, dokumentéiert a weiderverméittelt ze ginn. Dofir setzt d'DP sech fir eng méi staark Wäertschätzung vun dësem Vermiechtnes an der Kulturverméittlung an.

„Lëtzebuerg-Haus“ als zentral Plaz, fir sech ze begéinen schafen

cf. Kapital Lëtzebuenger Sprooch: Geziilt fërderen an de Stelleväert stäerken.

Eng Galerie fir zäitgenëssesch Lëtzebuenger Konscht an e Lëtzebuenger Kënschtlerlexikon

D'DP wäert déi vum Kulturminister annoncéiert Galerie fir zäitgenëssesch Lëtzebuenger Kënschtler am fréiere Gebai vun der Nationalbibliothék („Ale Kolléisch“) realiséieren. Esou sollen nei Talenter eng Méiglechkeet kréien, fir hier Wierker auszustellen. An engems soll d'Kulturzeen ënnerstëtzt ginn. Esou Projete spillen eng wichteg Roll, wéi de Succès vun der Galerie „Konschthaus beim Engel“ weist. Ausserdeem wëll d'DP sech fir e Lëtzebuenger Kënschtlerlexikon – a gedréckter an an digitaler Form – staark maachen.

Oppe Kreativitéitssite schafen

D'Villa Louvigny am Häerz vun der Stad ass e geschichtsträchtige Gebai mat ville Facetten. D'DP ass dovunner iwwerzeegt, datt dësen eemolege Site mat deem oppenen Entourage, muss sënnavoll als kreative Site genotzt ginn, wou Kënschtler kënnen schafen an hir Wierker ausstellen. De Konzertssall soll fir kënschtlersch Optrëtter opgewäert ginn.

D'Digitaliséierung fir d'Verméittlung vun der Kultur profitéieren

D'DP wëll d'Chance vun der Digitaliséierung och an der Kultur notzen. D'Applikatiounen si multipel. Nieft der digitaler Konscht an der Kreativwirtschaft, kann domadder besonnesch d'Verméittlung vun der Kultur a vun eisem kulturellen Ierwe gefërdert ginn. D'DP wäert déi komplett Digitaliséierung vun de Bestänn an de Muséeën an an den Archive virundreiwen. Eng Digitaliséierung bréngt net nëmme déi wëssenschaftlech Grondlagefuerschung virun, ma erméiglecht och e bedeitend méi liichten Accès zu de Reserven, déi soss just zu extra Geleeënheeten an Ausstellungen erausgeholl ginn. Doriwwer eraus vereinfacht d'Digitaliséierung e besseren Austausch tëschent de staatleche kulturellen Institutiounen an dem breede Public.

Integratioun a sozial Kohäsioun duerch d'Kultur fërderen

D'Multikulturalitéit ass eng Stäerkt vu Lëtzebuerg an en Deel vun eiser Identitéit. Gelieft Multikulturalitéit dréckt sech zemol doranner aus, wa sech Leit mat verschiddenen Origine begéien. Kultur hëlleft Brécke queesch duerch d'Gesellschaft ze bauen. Dofir wäert d'DP Manifestatiounen a Programmer fërderen, déi zum tëschemënschlechen Dialog bäidroen, z.B. duerch sougenannt Kulturallyen, bei deene Leit mat verschiddenen Originne kulturell Sehenswierdegkeete kucken an esou zesummekommen.

D'Kooperatioun tëschent de Bibliothéike verdéiwen

Déi ëffentlech Bibliothéike spillen eng wichteg Roll an der Fërderung vun der Kultur. D'Kulturgut Buch muss – nieft digitalen Inhalter an E-Books – erhale bleiwen an d'Bibliothéike mussen hirer Aufgabe vum Sammelen, ma och vum Verméittelen, gerecht ginn. An engem kleng Land wéi Lëtzebuerg ass et fir d'DP dofir sënnavoll, d'Ressourcen ze bündelen an d'Kooperatioun tëschent de groussen Bibliothéiken – wéi der Nationalbibliothék an der Universitätsbibliothék – ze verdéiwen. Weider soll ënnersicht ginn, a wéi enge Beräicher de

Service um Lieser muss verbessert ginn. D'Bibliothéiksgesetz iwwerdeems soll kritesch analyséiert ginn an deemno wéi iwwerschafft ginn. Besonnesch am Kontext mat enger administrativer Vereinfachung.

„Bicherbus“ ausbauen

Fir d'DP spillt de „Bicherbus“ eng ganz wichteg Roll, fir den Accès zu der Literatur an zu der Kultur z'erméiglechen, besonnesch an deene Géigende vum Land, wou net direkt eng ëffentlech Bibliothéik ass. D'DP wëll dofir d'Offer vum Bicherbus ausbauen a méi praktesch fir de Client gestalten. Et ass z.B. nëmme wéineg gewosst, datt een sech ka Bicher online bestellen a se vum Bicherbus liwwere loossen.

Gratis Museksunterrecht aféieren

D'Gesetz iwwert de Museksunterrecht muss prinzipiell iwwerschafft ginn. Den DP-gefouerte Kulturministère huet éischt Gespréicher mat de betroffenen Acteure gefouert. D'Ziel ass et, fir de Stelleväert vun der Musek ze verbessern an d'Zesummenaarbecht tëschent de Museksschoulen, de Bildungs- an de Kannerbetrieungsstrukturen ze verbessern. D'Finanzéierungsmodalitéite sollen transparent gestalt ginn an et muss sécher sinn, datt alleguerten d'Kanner kënne vun engem Museksunterrecht profitéieren. D'DP wäert landeswäit e gratis Museksunterrecht aféieren.

Lëtzebuurger Konscht am Ausland ënnerstëtzen

Lëtzebuerg soll konsequent an den ënnerschiddleche kulturelle Beräicher op internationalen Evenementer präsent sinn. Domadder sollen d'Lëtzebuurger Konschtzeen an d'Lëtzebuurger Kënschtler sech iwwer d'Grenzen eraus Relevanz verschafe kënnen.

An der Bichereditioun huet den DP-gefouerte Kulturministère séchergestallt, datt dëtt Joer erëm eng Lëtzebuurger Delegatioun mat engem nationale Stand op der Frankfurter Buchmesse präsent ass –no laange Joren, wou dat net méi de Fall war. Déi Präsenz ass wichteg fir d'Lëtzebuurger Auteuren an Editeuren, fir Kooperatiounen a Kontakter am Ausland ze knäppen. D'DP wäert dofir suergen, datt d'Lëtzebuurger Bicherwelt erëm reegelméisseg op de wichtegste Bicherfoiren an Europa dobäi ass. Am Beräich vun de „Beaux-Arts“ si Pavillonen, wéi op der „Biennale“ vu Venedeg; och eng wichteg Geleeënheet fir Kënschtler, fir sech ze profiléieren. Fir d'DP muss Lëtzebuerg och hei op all de wichtige Rendezvouses dobäi sinn. Am Beräich vun der Musek huet d'ASBL MusicLx an de leschte Joren eng exzellent Aarbecht geleescht, fir Lëtzebuurger Musek am Ausland bekanntzemaachen. D'DP wäert den Export vun der Musek weider ausbauen.

D'DP wäert de kulturelle Secteur och bei internationale Visitten a Missioune konsequent abannen, fir eist Land als Kulturplaz bekannt ze maachen an de Bekanntheetsgrad vun de Kënschtler am Ausland ze vergréisseren. Op déi Manéier soll déi grenziwwerschreidend Collaboratioun vu Kultur a Kënschtler gefërdert an déi kulturell Facette vum Nationbranding gestärkt ginn.

Ateliere fir Kënschtler an Acteure vun der Kreativwirtschaft schafen

D'Kënschtler brauche Plaze fir auszustellen, ma och méi Ateliere. D'DP setzt sech dofir an, datt méi Ateliere fir Lëtzebuurger Kënschtler geschaf ginn.

An der Kreativwirtschaft besteet e grousst Potenzial fir d'Lëtzebuurger Konschtzeen an d'Ekonomie. D'Kreativwirtschaft ëmfaasst e breede Spektrum un Aktivitéiten: Keschthandwierk, Design, Graphik, Spillentwécklung oder soss Berufsprofiller. Fir Synergien tëschent den eenzelen Acteuren ze schafen an d'Innovatioun ze bëndelen, setzt d'DP

sech fir genuch Plazen an Atelieren an, wou d'Kënschtler aus der Kreativwirtschaft sech entfale kënnen. Esou wéi am „1535“ zu Déifferdeng, wëll d'DP nach aner „creative hubs“ uechter d'Land installéieren an dës dynamesch Beweegung ënnerstëtzen.

Eidel Plaze fir kulturell Aktivitéite mobiliséieren

D'DP wäert d'Konscht an d'Kultur méi staark an d'Ëffentlechkeet droen an engem breede Public am Alldag zougänglech maachen. D'DP wäert eng Plattform schafen, fir Proprietäre vun deels eidele Commercen a Kënschtler matenanner a Kontakt ze bréngen. Esou kënnen Konschtwierker punktuell dem Grand public virgestallt ginn a Vitrinne vun eidele Butteker kënnen sënnvoll profitéiert ginn.

Europäesch Kulturhauptstad „Esch/Uelzecht 2022“ als Chance fir d'Kultur an d'Kreativwirtschaft notzen

D'DP wäert sech voll a ganz fir de Projet Esch 2022 asetzen. D'DP wäert dofir suergen, datt d'Kënschtler am Kader vum Kulturjoer eng gréisstméiglech Fräiheet kréien an datt eng inklusiv Participatioun vun all den Acteuren méiglech ass. D'DP wëll, datt dat europäescht Kulturjoer och no 2022 Spueren am Süde vum Land hannerléisst, an datt d'Kultur- an d'Kreativwirtschaft och laangfristeg vun deem Evenement profitéiert.

Eng regional ausgeglache Kulturpromotioun sécherstellen

D'Kultur ass fir jiddereen. Dofir ass et wichteg, fir eng regional ausgeglachen Offer ze suergen. D'DP wäert dofir kulturell Aktivitéiten – an de Stied an iwwer Land – fërderen an d'Entwécklung vun der Kulturzeen uechter d'ganz Land promouvieren. Z.B. duerch eng gezillten Ënnerstëtzung vu regionale Kulturmanifestatiounen.

Op d'mannst 1% vum Staatsbudget an d'Kultur investéieren

De Kulturministère brauch déi néideg finanziell Moyene fir senger Aufgabe gerecht ze ginn, fir d'Lëtzebuerger Konscht- a Kulturzeen adequat z'ënnerstëtzen an ze fërderen. D'Regierung huet de Budget déi lescht fënnef Joer reegelméisseg an d'Luucht gesat. D'DP wäert konsequent op deem Wee wieder goen an de Budget vun op d'mannst 1% vum Staatsbudget bäibehalen.

De Kulturentwécklungsplang ëmsetzen a mat den „Assises culturelles“ weiderfueren

D'Ausschaffe vun engem Kulturentwécklungsplang an dëser Legislaturperiod huet eng grondleeënd Basis fir d'Kulturförderung an de kommende Jore geluecht. Duerch eng objektiv Analys vun de Stärkten a Schwächen vun der Kulturzeen, an ënnert der Bedeelegung vun all de Kulturschaffenden, ass eng ëmfaassend Strategie op d'Bee gestallt ginn, déi op d'Besoinen vum Secteur ageet a seng Entwécklung an de kommende Joer optimal begleet. D'DP wäert de Kulturentwécklungsplang an den nächste Jore konsequent ëmsetzen.

Di éischt „Assises culturelles“ vu virun zwee Joer hu gewisen, wéi wichteg e reegelméissegem Echange tëscht dem Ministère an de kulturellen Acteuren fir d'Entwécklung vu Secteur ass. No de positiven Resultater an der konstruktiver Zesummenaarbecht ass et wichteg fir eng koordinéiert Kulturpolitik, datt d'„Assises culturelles“ reegelméisseg widderholl ginn, an datt de Kulturentwécklungsplang reegelméisseg ugepasst gëtt.

Digitaliséierung a Medien: Digital denken an d'Onofhängegkeet an d'Villfalt vu de Medie garantéieren

Ënnert der Responsabilitéit vun der DP huet d'Regierung mat der Initiativ „Digital Lëtzebuerg“ e wichteg Grondstee fir déi digital Zukunft geluecht. Lëtzebuerg huet eng global digital Strategie, déi alleguerten d'Beräicher ofdeckt –vun der Informatiséierung vun de Staatsverwaltungen iwwer d'Förderung vun digitale Kompetenzen bis bei d'Entwécklung vu neie Kompetenznischen. Esou ass d'Gesetz iwwert den Informatiounszougang gestëmmt ginn. Dat Gesetz garantéiert de Bierger an de Journalisten en Recht zu Informatiounen vun de Verwaltungen. Mat der Reform vun der Pressehëllef ass de Mediepluralismus an deem Sënn gestärkt ginn, datt elo och Online-Medie finanziell ënnerstëtzt ginn. D'DP wäert och an Zukunft d'Onofhängegkeet an d'Villfalt vun der Press garantéieren.

D'DP wäert an Zukunft vun der Digitaliséierung profitéieren, fir d'Wirtschaft méi breet opzestellen. Wéinst der Produktivitéit, déi wieder wisst, wäerte mir de Wuesstem méi op Qualitéit ausrichten. D'Tatsach, datt Google Lëtzebuerg als Standuert fir en Datenzenter consideréiert, weist, datt d'Efforte vun der DP-gefouderter Regierung fir eist Land zu engem digitalen Hub ze maachen, Friichten dréit. D'DP wäert den ICT-Standuert Lëtzebuerg weider ausbauen.

D'DP wäert dofir suergen, datt och d'Aarbechtswelt vum digitale Wandel profitéiert. Mir wäerten nei, flexibel Aarbechtsmodeller fördern, déi eréischt duerch d'Digitaliséierung méiglech ginn. Zu Lëtzebuerg solle méi Aarbechtsplazen duerch d'Digitaliséierung an duerch d'Robotiséierung bäikommen, wéi där aler ewechfalen. Eng Offensiv an der Weiterbildung soll dofir suergen, datt d'Salariéëbeschtméiglech op d'Aarbecht vun der Zukunft preparéiert sinn.

Digitaliséierung

Eng Koordinatiounsplaz am Staatsministère fir d'Digitaliséierung schafen

D'Digitaliséierung ass en Thema, dat queesch duerch d'Gesellschaft, d'Administratiounen an d'Wirtschaft geet. Fir d'Chance vun der Digitaliséierung optimal ze notzen an d'Erausforderunge geziilt unzegoen, ass eng zentral, ministeriell Plaz fir d'Koordinatioun néideg. D'DP wëll déi Koordinatioun fir d'Digitaliséierung am Staatsministère ënnerbréngen.

Strengen Dateschutz garantéieren

An enger ëmmer méi informatiséierter Wirtschaft ass et ganz wichteg, datt den Dateschutz vu Privatinformationene garantéiert gëtt. Och wann een sech neie Geschäftsmodeller am digitale Beräich net dierf verschléissen, dierf déi Entwécklung net op Käschte vun der Privatsphär vum eenzele goen, och wann europäesch an international Normen am Beräich vun der Transparenz, Steiergerechtegkeet oder Geldwäsch berécksiichtegt gi sinn. D'DP wäert déi nei europäesch Dateschutzregelung an allen Hisiichten ëmsetzen a Verstéiss Recht konsequent bestrofen.

Digital Administratioun ëmsetzen

cf. Kapitel Staat an öffentlechen Dénsgsch: modern an effizient

„Digital Learning Centers“ an e Bildungsscheck an der Erwuessenebildung aféieren

cf. Kapitel Bildung: Faire Zukunftschancë fir eis Kanner

„Coding“ –d'Sprooch vun der Zukunft léieren

cf. Kapitel Bildung: Fair Zukunftschancë fir eis Kanner

Spezialiséiert Enseignante fir „Compétences Numériques“ (I-CM) astellen

cf. Kapitel Bildung: Fair Zukunftschancë fir eis Kanner

Digitale Programm fir de Sproochenunterricht entwéckelen

cf. Kapitel Bildung: Fair Zukunftschancë fir eis Kanner

Digital Übungsplattform fir Schüler opbauen

cf. Kapitel Bildung: Fair Zukunftschancë fir eis Kanner

Mediekompetenz vun de Schüler stäerken

cf. Kapitel Bildung: Fair Zukunftschancë fir eis Kanner

En Tablett fir all Schüler

cf. Kapitel Bildung: Fair Zukunftschancë fir eis Kanner

Informatik-Sektioun ausbauen

cf. Kapitel Bildung: Fair Zukunftschancë fir eis Kanner

„Digital Learning Hub“ – en digitale Kompetenzzenter fir Lëtzebuerg schafen

Zu Lëtzebuerg gëtt et net genuch qualifizéiert Personal, dat den Ufuerderungen am ICT-Secteur gerecht gëtt. Fir dee Problem ze léisen, wäert d'DP den „Digital Learning Hub“ grënnen, also en digitale Kompetenzzenter fir Lëtzebuerg. D'Aufgab vun deem Zenter wäert doranner bestoen, fir noutwenneg Inhalter fir digital Formatiouns- a Weiterbildungscoursen auszeschaffen, (Héich-)Schoulen a soss Instituter ze beroden a fir Enseignantinnen ze forméieren.

Qualitative Wuesstem duerch déi digital Wirtschaft ofsécheren

D'Digitaliséierung bréngt de Betriber e Plus u Produktivitéit, déi mir brauchen, fir eist Zil vun engem qualitative Wuesstem z'erreechen. D'DP wäert den Asaz vun Zukunftstechnologien dofir net onnéideg mat bürokrateschen a finanzielle Barrière blockéieren, ma ganz am Géigendeel eng digitaliséierungs-frëndlech Legislatioun schafen, fir d'Betriber aktiv bei hirer Transformatioun z'ënnerstëtzen. Fir datt eis Wirtschaft kann de Virreider vum digitale Wandel ginn, mussen mir fir den néidege Knowhow suergen. D'DP wäert dofir eng Analyse iwwert déi benéidegt Berufsqualifikatioune maachen.

D'Attraktivitéit vum ICT-Standuert Lëtzebuerg ausbauen

D'DP wëll den ICT-Standuert Lëtzebuerg ausbauen. Mir wäerten déi néideg Infrastrukture fir en international kompetitiven ICT-Standuert weider verbessern an d'Legislatioun op hir ICT-Frëndlechkeet hin iwwerpräiwen an eventuell upassen. Mir wäerten och weider an den digitalen Archiivage an an d'Datespäicherung investéieren.

Start-up-Natioun Lëtzebuerg ausbauen

D'DP wëll Lëtzebuerg als Start-up-Natioun positionéieren. Mir wäerten d'Grënnerkultur zu Lëtzebuerg stäerken, andeems mir déi bestoend Sensibiliséierungscampagnen ausbauen an e bürokratie-fräit Joer fir Start-uppen aféieren. Administrativ Demarché solle fir déi Leit esouwäit wéi méiglech kondenséiert ginn, fir dass eng Grënnung an engem Dag muss online méiglech sinn. Investitiounen a Start-uppe solle steierlech begëschtegt ginn. D'DP wëll Boursé fir Grënner aféieren, fir d'Entrepreneuriat ze fërderen.

Méi e séieren Internet iwwer Glasfaserleitungen a 5G-Technologie

D'DP wäert dofir suergen, datt Lëtzebuerg zu den éischte Länner gehéiert, déi e flächendeckenden a séieren, mobillen Internet mat 5G-Technologie ubidden. Dovunner ofgesi wäerte mir d'Agenda fir d'Verleeë vu Glasfaserleitungen däitlech straffen, fir datt allegueren d'Entrepreneuren an d'Stëit, egal wou se sinn, e séieren Internet kréien.

Lëtzebuerg soll Spëtzt fir nei Technologie ginn

D'DP wäert nei Technologieförderen, andeems mir eng technologiefrëndlech Legislatioun schafen a Fuerschungsprojeten an de Beräicher High performance computing, big data, Blockchain, autonomt Fueren a kënschtlech Intelligenz staatlech fërderen.

„Cyber-Security“ verstärken

Dat digitaalt Zäitalter bréngt net nëmme Chancen, ma och Geforen a Form vun Hacker-Attacken, déi et dacks op perséinlech Informatiounen ofgesinn hunn. D'DP wäert déi staatlech Sécherheetsmesure géint Hacker-Attacken iwwerpräiwen a verstärken. Mir wäerten och d'Privatwirtschaft dobäi ënnerstëtzen, fir hir intern Informatiounen an hir Clientsfichiere wierksam ze protegéieren.

Bezuelen ouni Pabeier fërderen

D'DP wäert elektronescht Bezuele méi einfache maachen an ënnerstëtzen, awer ouni d'Boergeld ofzeschaffen. Mir wäerte weider an déi sougenannte Fintech investéieren. Mir wäerten e regulative Kader fir Kryptowährung schafen a mir stinn der Blockchain-Technologie prinzipiell positiv géintiwuer. Rechnunge vu Verwaltunge sollen an Zukunft kënnen iwwer alternativ Moyene bezuelt ginn (z.B. iwwer Digicash).

En digitale Bannemaart fir Europa schafen

D'DP wäert sech op EU-Niveau dofir asetzen, datt endlech en digitale Bannemaart geschaf gëtt. Esou wéi bei de Produiten a bei de Servicer sollen national Regulatiounen, déi digital Grenziwwerschreidunge behënneren, ofgeschaaft ginn. D'DP fuerdert z.B. d'Verbuet vu Geoblocking. Mir wëllen net weider akzeptéieren, datt Mënschen hei am Land vu Streamingdéngschter ausgeschloss sinn, déi awer an eisen Nopeschlänner kënne captéiert ginn.

Intelligent, digitaliséiert Verkéiersleetsystemer aféieren

cf. Kapitel Mobilitéit: modern Verkéiersinfrastrukture fir haut a fir muer

E gesetzleche Kader fir autonomt Fuere

cf. Kapitel Mobilitéit: modern Verkéiersinfrastrukture fir haut a fir muer

Eis Uertschaften zu „Smart Cities“ entwéckelen

Eng „Smart City“ profitéiert vun den digitalen Technologien, fir méi effizient, méi fortschrëttlech, méi ëmweltfrëndlech, ma och méi inklusiv ze ginn. D'DP wäert d'Gemeenge geziilt dobäi ënnerstëtzen, fir hir Uertschaften mat Hëllef vun der Digitaliséierung méi biergerfrëndlech ze maachen. Mir wäerten dofir finanziell Incitatioune schafen an innovativ Projekte matfinanzéieren.

D'Neutralitéit vum Netz sécherstellen

D'Neutralitéit vum Netz bedeit d'Gläichbehandlung vun Date bei der Iwwermëttlung am Internet a fir e fräien Zougang ouni Diskriminéierung beim Gebrauch vun Datennetzer, déi ëmmer nees vun Netzbedreier weltwäit a Fro gestallt gëtt. D'DP wäert um Prinzip vun där Netzneutralitéit festhalen, well mir de gläichberechtegen Internetaccès als Grondrecht vun alle Bierger ugesinn.

„eSanté“ am Interessi vum Patient notzen

D'Digitalisatioun bitt dem Gesondheetssecteur vill Chancen, déi mussen zum Virdeel vum Patient genotzt ginn. D'DP wäert en zentralen an eenheetlechen Informatik- an Informatiounssystem fir Spideeler, Dokteschcabineten, Apdikten, Laboratoiren a Gesondheetskeesen aféieren. Den Dateschutz vu perséinleche Patienteninformatiounen muss allerdéngs garantéiert sinn. Dës System spuert Suen, ass transparent a kann am Noutfall Liewe

retten. Mir wäerten och eng digital Gesondheetskaart aféieren, déi net nëmme wichteg Informatiounen fir de Patient späichert, ma och en einfache Bezuelssystem bitt fir d'Dokteschhonoraren ze bezuelen. Schliisslech wëll d'DP eng flächendeckend Applikatioun vun der Telemedezin erméiglechen, fir den Asaz vu „Skype-Doctors“. Eng effizient Manéier fir eng effizient Versuergung vun de Patienten, besonnesch iwwer Land, ze garantéieren.

Vun der Digitaliséierung an der Landwirtschaft profitéieren

cf. Kapitel Land-Ernieuerungswissenschaft: am Interessé vun de Baueren, de Consommateuren a vun der Ëmwelt.

D'Justiz digitaliséieren

cf. Kapitel: Verfassung, Justiz a Sécherheet: E friddlecht gesellschaftlecht Matenaner fërderen

D'Digitaliséierung fir d'Vermëttlung vun der Kultur profitéieren

D'DP wëll d'Chance vun der Digitaliséierung och an der Kultur notzen. D'Applikatiounen si multipel. Nieft der digitaler Konscht an der Kreativwirtschaft, kann domadder besonnesch d'Vermëttlung vun der Kultur a vun eisem kulturellen Ierwe gefërdert ginn. D'DP wäert déi komplett Digitaliséierung vun de Bestänn an de Muséeën an an den Archive virundreiwen. Eng Digitaliséierung bréngt net nëmme déi wëssenschaftlech Grondlagefuerschung virun, ma erméiglecht och e bedeitend méi liichten Accès zu de Reserven, déi soss just zu extra Geleeënheeten an Ausstellungen erausgeholl ginn. Doriwwer eraus vereinfacht d'Digitaliséierung e besseren Austausch tëscht de staatlechen kulturellen Institutiounen an dem breede Public.

Medien a Mediastandard

Onofhängegkeet a Villfalt vun der Press garantéieren

D'Onofhängegkeet an d'Villfalt vun der Press ass fir d'DP vu grousser Bedeitung. Just an Zäiten, an deenen déi sozial Medien weltwäit mësbrauch ginn, fir „fake news“ ze verbreeden, ass Qualitéitsjournalismus ëmsou méi wichteg. D'DP wäert dofir och an Zukunft d'Villfalt an d'Onofhängegkeet vun der Lëtzebuerger Press garantéieren. D'DP huet an dëser Legislaturperiod den Zougang vun der Press zu staatlechen Informatiounen verbessert. Mir wäerten déi nei Reglementatioun bannent den nächsten 12 Méint op hir Auswierkungen op déi alldieglech Aarbecht vun der Press iwwerpréiwen.

Filmstandard Lëtzebuerg ofsécheren

Lëtzebuerg huet sech international en Numm als Standard vu Film- an Televisiounsproduktiounen gemaach. Donieft ass déi audiovisuell Produktioun antëscht e wichtegen Deel vun der Lëtzebuerger Kreativwirtschaft. Et ass dofir noutwenneg, de Standard och an Zukunft ofzesécheren an den neien Entwécklungen unzepassen.

Besonnesch mat der Digitaliséierung erlieft den audiovisuelle Beräich grouss Verännerungen. „Virtual reality, augmented reality“ a „crossmedia“ si just e puer Neierungen an der internationaler Medi Landschaft, deene ee muss Rechnung droen. D'DP wäert dofir d'Fördermechanisme genee iwwerpréiwen an eventuell upassen.

Aarbecht: Beruff a Privatlieue matenee verbannen

Lëtzebuerg huet déi lescht fënnef Joer eng wesentlech Verbesserung um Aarbechtsmaart erlieft. Virum Untrëtt vun der DP-gefouerter Regierung waren nach 17.943 Leit ouni Aarbecht. Elo, no fënnef Joer, sinn et der just nach 14.482 (Juni 2018). De Chômage ass deemno vu 7,1% op 5,5% erofgaangen. Och bei der Lutte géint d'Jugendaarbechtslosegkeet huet Lëtzebuerg e grouss Succès Opweises an ass antëscht dat Land mat de beschte Resultater ënnert all den OECD-Länner. Zemol d'Ëmsetzung vun der europäescher Jugendgarantie a vum „Jobpakt“ - zesumme mat den Entreprises – ass e groussen Erfolleg. Mir wëllen déi positiv Entwécklung duerch eng stimulant Aarbechtsmaartpolitik weider fërderen.

D'DP ass sech der Tatsaach bewusst, datt vill Leit haut eng nei Virstellung vun hirer Aarbecht a vun hirem Liewen hunn. De Wonsch no Flexibilitéit a no Auszäite passt neméi bei déi rigid 9to5-Aarbechtszäiten, déi vu mueres 9 bis owes fënnef Auer ginn. D'DP gesäit déi gréissten Erausfuorderung fir de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart doranner, datt Aarbecht, Famill a Fräizäit musse besser matenaner verbonne ginn. Ma och d'Betriber an d'Entrepreneariat brauche méi Flexibilitéit bei der Organisatioun vun den Aarbechtszäiten, fir sech dem wirtschaftlechen Ëmfeld unzepassen.

D'Flexibiliséierung an e finanziell besser ënnerstëtzte Congé parental hu schonn duerzou gefouert, datt 70% méi Eltere vum neie Congé partenal profitéieren. Besonnesch den Undeel vun de Pappen, déi den neie Congé parental huelen, ass enorm an d'Luucht gaangen. Aner Verbesserunge concernéieren déi aussergewöhnlech Congésdeeg: De Pappecongé bei der Gebuert vun engem Kand ass vun 2 op elo 10 Deeg gehéicht ginn, de Mammecongé gouf generell vun 8 op elo 12 Woche verlängert an de Congé, wann d'Kanner krank sinn, ass méi flexibel gemaach ginn. Fir d'DP waren dat wichteg éischt Schrëtt, fir den Eltere méi Zäit mat hire Kanner z'erluben.

Mir wäerten d'Aarbechtsrecht esou moderniséieren, datt et den haitege Virstellungen an der Realitéit vun de schaffende Leit entsprécht, an datt och d'Entreprise méi Fräiraum kréien. Mir wëllen déi Entscheedungen am Sozialdialog huelen. Mir wäerte schonn haut d'Aarbechtswelt vu muer preparéieren, esou datt d'Entreprises an d'Mënschen d'Gewënner vun der digitaler Aarbechtswelt sinn.

D'Aarbechtsrecht op negativ Auswierkunge fir d'Salariéen an d'Patronat iwwerpräiwen

Am Laf vun de Jore sinn eng Partie aarbechtsrechtlech Instrumenter geschafe ginn, mat deenen zemol de Salarieén hir sozial Rechter sollte geschützt ginn. Déi Instrumenter hunn hiren Zweck awer deels net erfëllt, se hunn Näischt bruecht oder se waren net am Interessi vun de Beschäftegten, wéi dat beim PAN-Gesetz iwwert d'Aarbechtszäitorganisatioun de Fall war. Fir d'DP brauch et méi Flexibilitéit fir betriplech Accorden tëscht Patronat a Salarariat. D'DP wäert dat ganz Aarbechtsrecht op de Leescht huelen a wann néideg iwwerschaffen.

D'Aarbechtszäiten am Interessi vun de Beschäftegten a vum Patronat flexibel gestalten

D'DP wäert dofir suergen, datt d'Leit hir Aarbecht esou organiséiere kënnen, datt se méi Zäit mat hirer Famill kënnen verbréngen. Mir wëllen eng familljefrëndlech Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit, andeems mir déi rigid Reglementatioun opléisen an eng Joresaarbechtszäit aféieren (z.B. 1.800 Stonnen). D'Reegelung vun der maximaler Aarbechtszäit den Dag (10 Stonnen) an d'Woch (48 Stonnen) bleiwen. Och d'Zouschéi fir d'Sonndeger a fir d'Feierdeeg gëlle weider. Déi digital Disponibilitéit vun de Beschäftegten huet fir d'DP kloer Grenzen. Eng flexibel Reegelung vun der Aarbechtszäit soll den Entreprises hëllefen, fir sech besser un e

wirtschaftlecht Ëmfeld unzepassen an zu enger Steigerung vun der Produktivitéit bäidroen. Mir wäerten an dësem Sënn eng Reform vun der europäescher Aarbechtszäitdirektiv ustriewen.

D'Aarbechtszäite sollen an Zukunft kënnen eenzel tëschent dem Patron an dem Salariéausgehandelt ginn, ouni dobäi vun engem onflexibelen Aarbechtsrecht agéengt ze ginn. Mir wëllen dobäi op kee Fall déi traditionell 40-Stonne-Woch ofschafen, ma mir wëlle just deene Leit entgéint kommen, déi net un engem 9-bis-17-Auer-Job interesséiert sinn. Patronen a Salariéen, déi keng zousätzlech Flexibilitéit brauchen, solle weider nom aktuelle System fuere kënnen.

Absënns jonk Familljen an der Rush-Hour vun hirem Liewen, wäerten déi grouss Gewënner vun eiser Flexibiliséierungsinitiativ sinn. Vill Eltere géingen hir Aarbecht gären esou andeelen, datt se méi Zäit mat hire Kanner hätten. Ma och de Patron ka vun dëser Reegelung profitéieren, well en seng Beschäftegt méi effizient a genee dann asetze kann, wann en se am meeschte brauch. Déi vun eis geplangte Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit soll mat der genereller Aféierung vun Aarbechtszäitkonten a mat méi enger staarker Notzung vum Home-Office kombinéiert ginn.

Aarbechtszäitkonte generell aféieren

No der Aféierung vun Aarbechtszäitkonte fir Staatsbeamten a vun enger Testphas an Deeler vum Privatsektor, wäert d'DP dat Instrument iwwer Gesetz fir allegueren d'Salariéen aféieren. Déi Beschäftegt solle kënnen hir Iwwerstonnen an de Rescht vun hirem Congé op e perséinlechen Aarbechtszäitkont guttschreiwen. Déi a méi intensiven Zäite gespuerte Stonne kënnen z.B. fir Zäit mat der Famill, eng méi laang Vakanz, eng Auszäit oder fir eng Weiterbildung profitéiert ginn. Déi genee Modalitéite solle mat de Sozialpartner diskutéiert ginn, am Sënn vun enger equilibréierter Entscheedung tëschent dem Patron an dem Salarié.

Den Télétravail fërderen

Mat der Digitaliséierung gëtt d'Aarbecht am Télétravail fir vill Beschäftegt ëmmer méi eng interessant Alternativ. D'DP wëll deels oder ganz Doheem schaffe méi staark ënnerstëtzen, wann dat vum Betrib aus méiglech ass. Dofir wäerte mir e gesetzleche Kader schafen, fir d'Konditiounen vum Télétravail kloer ze reegelen a fir méi Rechtssécherheet an deem Beräich ze suergen. D'DP ass dovunner iwwerzeegt, datt de Staat hei soll mam gudden Beispill virgoen an den Télétravail ënnerstëtze soll.

Dezentral Aarbechtsplaze schafen an den „Télétravail“ an der Groussregioun fërderen

Besonnesch d'Grenzgänger hunn et dacks wäit bis op hir Aarbecht zu Lëtzebuerg. D'DP ass der Meenung, datt et steierlech keen Ënnerschied maachen dierf, ob de Salariéop der Aarbecht schafft oder am Télétravail an der Groussregioun. D'DP wäert dofir mat de Nopeschlänner verhandelen, fir datt d'Frontaliere keng steierlech Nodeeler wéinst dem Télétravail kréien. D'DP wäert och d'Aktivitéitszone laanscht d'Grenz ausbauen an d'Entreprises encouragéieren, fir Filiale baussent der Stad Lëtzebuerg opzerichten. Domadder brénge mir d'Aarbecht méi no bei d'Leit an net ëmgedréint. Esou spueren besonnesch d'Grenzgänger vill Zäit beim Trajet. Doriwwer eraus wäert d'DP Open-Office-Strukture laanscht d'Grenzen ariichten, an deene Betriber sech kënnen Büroen deelen.

Congé parental PLUS aféieren

cf. Kapitel Familljepolitik: Beruff a Famill besser matenanner verknäppen

Um Index festhalen

Fir sécher ze goen, datt d'Peie reegelméisseg un d'Inflatioun ugepasst ginn, suergt de Lëtzebuerger Indexsystem fir en automateschen Ausgläich vun der Deierecht. D'DP wäert un deem System festhalen.

Keng Sozialbäiträg op den Iwwerstonnen

Déi Beschäftegt kréien d'Gesondheetskeess an d'Fleegeversécherung op hiren Iwwerstonne berechent. D'P wëll awer, datt d'Leit méi Netto vum Brutto behalen. Dofir wäerte mir déi Sozialbäiträg net méi op den Iwwerstonne berechnen: Am Privéa beim Staat. Doriwwer eraus wëll d'DP d'Iwwerstonnen an der Fonction publique net méi besteieren, esou wéi am Privatsecteur.

Mindestlounempfänger geziilt ënnerstëtzen, ouni Aarbechtsplazen ze riskéieren

D'DP steet zu der geplangter gesetzlecher Upassung vum Mindestloun. Doriwwer eraus sollen d'Auswierkunge vun all Mindestlounerhéijung op d'Ekonomie an op de Chômage iwwerpréift ginn. D'DP wäert sech och an Zukunft verstärkt fir Leeschtunge fir Leit mat engem niddrege Loun asetzen. Déi Servicer, z.B. Subvention Loyer oder gratis Kannerbetreierung, sollen net op Käschte vun der Produktivitéit vun den Entreprise goen, zemol vun de klengen a mëttlere Betriber.

D'Qualitéit vun der Formation professionnelle continue sécherstellen

cf. Kapitel Bildung: Fair Zukunftschancë fir eis Kanner

Weiderbildungsoffensiv fir schwéier vermëttelbar Aarbechtsloser lancéieren

D'DP wäert eng Weiderbildungsoffensiv fir schwéier vermëttelbar Chômeure lancéieren. Bannent nëmme engem Mount no enger Aschreiwung als Aarbechtslosen, muss d'ADEM dem Concernéierten e Weiderbildungsplang virleeën. Mir wëllen och, datt déi Persoun op der Sich no Aarbecht méi Responsabilitéit an Eegeninitiativ iwwerhuele muss. Mir wäerten d'Grenzen, déi een engem zoumude kann, nei definéieren, fir ze verhënneren, datt e Chômeur eng proposéiert Plaz express refuséiere kann. Bei Mëssbrauch wëlle mir, datt déi finanziell Strofen, déi virgesi sinn, konsequent applizéiert ginn.

Perspektive fir motivéiert Aarbechtsloser schaffen

D'DP wäert dofir suergen, datt Aarbechtsloser, déi fënnef Joer laang an den Aktivitéite fir d'Integratioun an d'Berufsliewen (AIP) beim Staat oder bei enger Gemeng sinn, e CDD op där Plaz kréien.

De Chômage fir Leit opmaachen, déi gekënnegt hunn

Den Ament kënnen nëmme Leit de Chômage kréien, déi entlooss gi sinn. D'DP ass der Meenung, datt Salariéen net solle bestrooft ginn, wa se sech net méi wuel op hirer Aarbecht fillen a selwer kënnegen. Mir wäerten dofir de Chômage fir déi Leit opmaachen. Dat Recht soll awer just eemol an engem Aarbechtsliewe gëllen. De Chômage kann och zeréckgezu ginn, wann sech weise sollt, datt déi Persoun net genuch Effort mécht, fir eng nei Plaz ze fannen.

Ëffnungszäite liberaliséieren

cf. Kapitel Wirtschaftspolitik: Standuert stärken a Mëttelstand fërderen

Kloer Reegele fir d'Sozial- an d'Solidarwirtschaft ausschaffen

D'DP wëll kloer Reegele fir déi sëllegen Initiativen an der Sozial- a Solidarwirtschaft (Économie solidaire) an Zesummenaarbecht mam Secteur ausschaffen. Den zoustännegen Service am Aarbechtsministère wäert dofir all déi néideg Kompetenzen, Finanzen a Raimlechkeete kréien, de e brauch. D'DP wëll déi am Joer 2016 geschafe Gesellschaftsform

vun enger Sozialentreprise weider ënnerstëtzen, andeems mir déi néideg Opklärungsarbeit bei de betroffenen Acteuren iwwert d'Virdeeler vun där Form intensivéieren. D'DP wäert dofir suergen, dass déi Sozialentreprisé keng onerlaabt Konkurrenz fir Betriber aus dem Mëttelstand bedeuten.

Sozialdumping konsequent bekämpfen

D'Affer vu sozialem Dumping, deem och zu Lëtzebuerg zomol am Bau-, Botz oder Logistiksektor opkënnt, sinn esouwuel d'Salarié wéi och déi Lëtzebuerger Betriber, déi sech un d'Aarbechtsrecht an d'Kollektivvertrëg halen. D'DP wäert déi sozial Exploitatioun konsequent bekämpfen, andeems mir d'Kontrolle vun der Gewerbeinspektioun („Inspection du travail et des mines“ (ITM) verstärken. Dofir wäert d'ITM massiv Leit bäikréien an d'Kollaboratioun tëscht der ITM, der Douane, der Police, dem Parquet a soss Verwaltung gëtt intensivéiert. D'DP wäert och d'Strof bei Verstéiss géint d'Aarbechtsrecht drastesch erhéien. D'Beamte vun der ITM solle bei méi klenger Verstéiss selwer kënnen bestrofen an déi Strof och encaisséieren kënnen. Och de Phänomen vun der falscher oder Pseudo-Selbstständigkeit ass zu Lëtzebuerg net onbekannt. D'DP wäert d'Form vun den Arbeitsverhältnissen an hir Konformitéit mam Arbeitsrecht méi streng kontrolléieren a Mëssbrauch konsequent bestrofen.

Déi europäesch Entsendedirektiv reforméieren

D'DP begreift d'Effort vun der EU, fir déi sozial Rechter vun deene Salarié ze stäerken, déi vun hirem Patron fir eng gewëssen Zäit an en aner Land geschéckt ginn. An engem dierfen déi ze rigid Reegelen an déi administrativ Barrieren d'Aktivitéit vun eenzel Betriber, déi sech korrekt verhalen, d'Liewen net méi schwéier maachen. D'DP wäert z.B. dofir suergen, dass Buschauffere, déi all Dag iwwer eng Grenz mussen fueren, dofir net allkéiers mussen e Formular ausfüllen.

Deelzäit-Krankeschäin aféieren

Leit, déi laang krank sinn, wëllen dacks esou normal wéi méiglech liewen a wëllen och um soziale Liewen deelhuelen. Dozou gehéiert och d'Aarbechtsplaz. Krank Leit wëllen dacks schaffen, kënnen awer net, well hir Krankheet et hinnen net erlaabt voll ze schaffen. Mir wëllen dofir en Deelzäit-Krankeschäin aféieren, fir dass z.B. Laangzäitkranker kënnen Deelzäit schaffen. Fir Abusen aus de Féiss ze goen, muss esou en Deelzäit-Krankeschäin gutt argumentéiert a vum engem Arbeitsdokter confirméiert sinn.

De Sozialdialog an de Betriber stäerken

De Sozialdialog gehéiert zum Erfolgsmodell Lëtzebuerg. D'DP wäert d'Traditioun vum Sozialdialog weiderféieren. D'DP wäert d'Méiglechkeete fir Verhandlungen op Betribsniveau stäerken an am Géienzuch dofir suergen, dass ze rigid Arbeitsrechtgele gepréift ginn.

Gesond Staatsfinanzen: de Fong vum Erfollegsmoell Lëtzebuerg

D'DP huet hiert Verspriechen gehalten, an d'Staatsfinanzen sanéiert. Déi ëffentlech Finanzen sti wéinst enger responsabeler a konsequenter Budgetpolitik erëm op gesonde Been. Mir beloossen et awer net dobäi.

Den Defizit am Zentralstaat louch 2012 bei iwwer enger Milliard Euro a sollt de Berechnungen vun der viregter CSV/LSAP-Regierung no och déi Joren duerno an deem Beräich leien. D'DP-gefouert Regierung konnt dësen Defizit konsequent zeréckféieren, obwuel d'Recetten op der TVA aus dem elektronischen Handel ewechgefall sinn. Am Gesamtstaat konnt de Minus vun iwwer 350 Milliounen Euro aus dem Moer 2012 op e Plus vun iwwer 850 Milliounen am Joer 2017 gedréint ginn.

D'Staatsverschëldung am Verhältnis zum PIB ass vun 23,7% am Joer 2013 op ënner 23% am lafenden Exercice gefall. D'Scholdespiral ass domadder gebrach ginn, ouni datt op eng zukunftsweisend Politik verzicht ginn ass. An de leschte fënnef Joren si Rekordinvestitiounen an Héicht vun iwwer 10 Milliarden Euro realiséiert ginn, fir de Retard vun der viregter Regierung esou séier méi méiglech opzehuelen a fir d'Land op d'Zukunft virzebereeden. De Staat ass an dëser Legislaturperiod erëm effizient an handlungsfäeg ginn. D'DP steet och an Zukunft fir eng disziplinéiert, sozial gerecht an zukunftsorientéiert Budgetpolitik.

Virufuere mat der responsabeler Budgetpolitik

De Stand vun der Lëtzeburger Staatsschuld läit 2018 mat 23% vum PIB net nëmmen onënnerbrach ënnert der Barrière vu 60% vun de Maastricht-Kritären, ma och däitlech ënnert dem eegenen Zil vun 30% vum PIB. D'DP hält un dësem éiergäizegen Zil fest. Doriwwer eraus sti mir méi wei jee zu engem nohaltegen Ofbau vun de Scholden, esou wéi en an der aktueller Finanzplanung („Plan de Stabilité et de Croissance“) fir déi nächst Jore virgesinn ass. D'DP steet och weider fir eng streng Rigueur beim Anhale vum mëttelfristegen Budgetzil („objectif à moyen terme“). Bezechnend dofir ass de Fait, datt dat Zil dëtt Joer bei -0,5% läit, während Lëtzebuerg en zolitten Iwwerschoss vu +1,2% opweise kann an domadder e remarkabele Spurt huet.

En ambitionéierten Investitiounsprogramm fir Lëtzebuerg ëmsetzen

Budgetpolitik bedeit Responsabilitéit fir d'Zukunft. D'DP wäert d'Land an enger generatiounsiwwergräifender Solidaritéit fir déi kommend Generatiounen preparéieren an domadder déi héich Liewensqualitéit fir déi aktuell an déi kommend Generatiounen sécheren. An der Vergaangenheet sinn ëffentlech Investitiounen dacks no hanner gedréckt ginn. D'DP wäert an den nächste Joren dofir suergen, datt den Investitiounsbesoin gedeckt ass. Mir wäerten d'Retarden aus der Vergaangenheet opschaffen an an Zukunftsprojeten investéieren. De Schwéierpunkt läicht dobäi op de Beräicher Verkéiersinfrastrukturen, Bildung & Fuerschung, Digitaliséieren, Logement an den Ausbau vun den ëffentlechen Infrastrukturen (Mobilitéit, Spideeler, Kläranlagen).

Joresdotatiounen fir den Zukunftsfong erhéijen

2014 ass de „Fonds souverain intergénérationnel du Luxembourg“ vun der DP-gefouerter Regierung ugeluecht ginn a gëtt all Jore mat op d'mannst 50 Milliounen Euro dotéiert. Dëse sougenannten Zukunftsfong ass eng Spuerbéchs fir déi kommend Generatiounen. Fir den Usproch vun der Zukunftsresponsabilitéit z'ënnersträichen, wäert d'DP déi annuel Dotatioun fir de Fong an d'Luucht schrauwen an de Bäitrag bei gudden ëffentlechen Finanzen no uewen upassen.

Ëffentlech-Privat-Partnerschafte fördern

D'DP wäert bei käschtenintensive Projete verstärkt op Ëffentlech-Privat-Partnerschaften (PPP) setzen. Domadder profitéiert de Steierzueler vun der Effizienz, der Vitesse a vun der Flexibilitéit vu privaten Entreprises. Gläichzäiteg gëtt de Staatsbudget entlaascht. Dat gëllt zemol fir de Logement oder fir d'Verkéisinfrastrukturen, wou esou Kooperatioune kënnen nei Impulser ginn. D'DP wäert dofir suergen, datt d'Kaderbedéngunge fir esou Partnerschaften mëttelstandsfrëndlech an transparent gereegelt ginn.

AAA-Rating ofsécheren

Déi reegelméisseg Confirmatioun vum „Triple-A“ fir Lëtzebuerg ass keng Selbstverständlechkeet, ma d'Resultat vu gutt iwuerluechte politeschen Decisiounen. Déi héich Kredibilitéit ass en Eckpillier vun der wirtschaftlecher Attraktivitéit vun eisem Land an de Garant fir en nohaltege Wuesstem a fir Beschäftegung. D'DP wäert alles maachen, fir Lëtzebuerg och an Zukunft den „Triple-A“ ze sécheren.

Déi national Budgetsmethod un den europäesche Berechnungssystem (SEC) upassen

Den Ament gëtt et zwou ënnerschiddlech Berechnungsmethoden fir de Staatsbudget. Déi national Method, nom Budgetgesetz vun 1999 an den europäesche Berechnungssystem (SEC-2010). Déi zwou Systemer hunn hir Daseinsberechtigung, si hunn allerdéngs zwou verschidde Manéieren, fir un d'Saach erunzergoen. Op Basis vun engem Echange mat der Chamber, wäert d'DP mat deem permanenten Duerchenaner ophalen an dofir suergen, datt déi zwou Methoden zesummegefouert ginn.

Wirtschaftspolitik: de Standuert stäerken an de Mëttelstand fërderen

No de Krisejoren huet sech de Lëtzebuenger Wirtschaftswuesstem an dëser Legislaturperiod erëm gutt erholl a wäert dëtt Joer bei 3,8% leien. Dat weist sech och bei der gudder Situatioun um Aarbechtsmaart. De Chômage ass vu 7,1% am Joer 2013 op elo 5,5% (Juni 2018) zeréckgaangen. D'DP ass sech dem Afloss vun engem wirtschaftlech staarken Europa op den nationale Succès bewosst a wäert sech dofir op EU-Niveau wieder fir e konkurrenzfähigt Europa asetzen. D'DP ass dovunner iwwerzeegt, datt Lëtzebuerg e staarke Wuesstem brauch, fir säi generéis Sozialsystem ze garantéieren. Et kënnen nämlech just Saache verdeelt ginn, déi virdu verdéngt gi sinn. D'DP suergt dofir, datt d'Bierger un de Beneficer vum Wuelstand bedeelegt ginn. Zanter 2013 huet d'Ekonomie en zolitte Wuesstem. Dëse Plus berout engersäits op der gudder internationaler Konjunktur, ma och op enger konsequenter Wirtschafts- a Standuertpolitik. D'DP-gefouert Regierung huet déi lescht fënnef Joer zur Weiderentwécklung vun zukunftsorientéierte Wirtschaftsbranchëbäigedroen. Dat sinn z.B. d'Logistik, nohalteg Finanzen, d'Digitalindustrie, d'Fintech oder de Spacemining.

D'DP setzt sech fir e laangfristegen an nohaltege Wirtschaftsmodell an. D'DP denkt de Erfolgsmodell Lëtzebuerg weider. D'Finanzplatz (11% vun de Beschäftigten), déi 27% zum PIB bäidréit, ass e Musterbeispill fir qualitative Wuesstem. D'DP wäert d'Zukunftsstrategie fir eist Land weiderentwéckelen, déi iwwer reng ekonomesch Froen erausgeet. Den digitale Wiessel an déi Klimaschutzbedengten Ëmstellung op erneierbar Ressourcëwäerte Verännerungen an der Ekonomie an an der Gesellschaft mat sech bréngen. D'Digitaliséierung an d'Automatisatioun bidden awer och Chancen op en héije wirtschaftleche Wäertzouwuess, deen nemmé esou vill vun der Erhéijung vun den Aarbechtskräften ofhängeg ass. Fir sech den neien Erausforderungen ze stellen an d'Entwécklung vu Lëtzebuerg aktiv ze gestalten, huet d'DP-gefouert Regierung de Rifkin-Prozess initiéiert. An Kader vun dësem Prozess, wëll d'DP besonnesch kleng a mëttel Entrepreneuren aktiv begleeten a fërderen.

Fir d'DP ass de Mëttelstand d'Reckkräiz vun eiser Ekonomie, deen net nëmmen Aarbechtsplaz schafft, ma och fest an eisem Land verwuerzelt ass. Dofir ass et der DP och extra wichteg, fir déi kleng a mëttel Betriber an Zukunft weider z'ënnerstëtzen.

Wirtschaftspolitik

Aktiv Standuertpolitik a wirtschaftlech Diversifikatioun konsequent weiderentwéckelen

D'Finanzplatz erwirtschaft iwwer ee Véierel vum PIB vun eisem Land. D'DP wëll d'Diversifikatioun bannent dem Finanzsecteur ausbauen, z.B. duerch eng geziilt Implantatioun vu Fintech-Entrepreneuren. Doriwwer eraus muss d'Diversifikatioun vun eiser ganzer Ekonomie weidergefouert ginn.

D'DP setzt op d'Entwécklung vu Wirtschaftsbranchëmat engem héije Méiwäert an enger grousser Innovatiounskraft. An dësem Beräich wäert d'DP geziilt Betriber op Lëtzebuerg zéien. An dëser Legislaturperiod konnt Lëtzebuerg schonn éischt Succèsen an der Digitalwirtschaft verzechnen. Déi Efforte musse virugoen a Lëtzebuerg muss als Wëssensstanduert weiderentwéckelt ginn. Gréng Technologie, d'Digital- an d'Kreativwirtschaft, z.B. am Beräich vun der Cyber-Sécherheet, wäert d'DP geziilt fërderen.

De Sozialdialog an de Betriber stäerken

cf. Kapitel Aarbecht: Beruff a Privatliewe matenanner verknäppen

Dezentral Aarbechtsplaze schaffen

D'DP wëll d'Aarbechtsplaze bei d'Mënsche bréngen, an net ëmgedrënt. D'DP wäert d'Wirtschaftszone laanscht d'Grenzen ausbauen. Entreprise sollen encouragéiert ginn, fir Succursale baussent der Stad Lëtzebuerg z'implantéieren. Dat erspuert besonnesch de Frontalieren Zäit fir op d'Aarbecht ze kommen. Doriwwer eraus wäert d'DP „Open-Office“-Strukturen an de Grenzregiounen schaffen, wou Entreprise sech kënne Bürouen deelen.

„Zones franches“ déi Säit vun de Grenze schaffen

Fir d'DP ass d'Groussregioun keen abstrakt Konzept, ma eng lieweg Realitéit. Och op ekonomeschem Niveau soll d'Kooperatioun mat den Nopere weiterentwéckelt ginn. D'DP wäert sech dofir fir „zones franches“ am Grenzgebitt asetzen. Bei eise franséischen Nopere kéint d'Implantatioun vu franséische Rechercheinstituter z.B. Synergië mam Fuerschungsstanduert vun Esch-Belval schaffen. Et wier och méiglech, datt Lëtzebuerger Betriber Deeler vun hiren Aktivitéiten an des Zon verlagere. Dofir muss awer e legale Statut ausgehandelt ginn. Éischt Gespréicher si schonn an deem Sënn mat Frankräich gefouert ginn. Esou e Projet wier eng Win-Win-Situatioun fir Lëtzebuerg a fir Frankräich. Lëtzebuerger Entreprise kéinten op zousätzlech Terrainen zeréckgräifen, während dat franséisch Grenzgebitt vun enger wirtschaftlecher Relance kéint profitéieren. D'DP wëll, datt de FEDER („Fonds européen de développement rural“) dese grenziwwerschreidende Projet matfinanziert.

Fuerschung an Innovatioun als Standuertfaktor betruechten

Lëtzebuerg brauch eng geziilt Ennerstëtzung vun der Fuerschung duerch de Staat. D'DP wëll déi ëffentlech Fuerschung méi staark mat den Ziler vun der Diversifikatiounspolitik vum Land kombinéieren. D'Reform vum Gesetz iwwert d'Investitiounshëllefen huet den Accès fir kleng a mëttelgrouss Betriber zu dese Fördermoossnamen däitlech méi einfach gemaach. D'DP wëll de Gebrauch vun desen Hëllefen duerch kleng a mëttel Entrepreneuren op de Leescht huelen an deemno wéi upassen.

D'Aarbechtszäiten am Interessi vun de Salariéen a vum Patronat flexibel gestalten

cf. Kapital Aarbecht: Beruff a Privatliewe besser matenaner verknäppen

D'Prozedur fir Aarbechtsautorisatiounen a fir Visae méi séier maachen

A verschidden héichspezialiséierte Branchefeeler et zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun u qualifizéierte Leit. D'DP wëll dofir, datt déi néideg Aarbechtsautorisatiounen an Openthaltsgeneemegunge solle méi séier ausgestallt ginn. Limitéiert Autorisatiounen géingen dat Ganz nach méi séier maachen. Wann déi gesetzlech Bestëmmungen awer net erfëllt ginn an déi néideg Dokumenter net mat Zäit erakommen, sollt dat streng bestrooft ginn.

D'Bürokratie konsequent ofbauen

Dat neit Omnibusgesetz vun der Regierung huet zu engem Réckgang vun der Bürokratie gesuergt. Dat geet allerdéngs nach net duer. Geneemegungsprozedur fir de Bau vu Betriebsinfrastrukturen sinn nach ëmmer ze schwéierfällig. D'DP wëll d'Effikassitéit an d'Noutwennegkeet vun dese Prozeduren iwwerpréiwen. En Ausbau vum Omnibus-Gesetz géing des administrativ Weeër méi séier maachen.

Déi europäesch Entsendedirektiv reforméieren

cf. Kapitel Aarbecht: Beruff a Privatliewe matenaner verknäppen

E moderne juristesche Kader fir modern Geschäftsmodeller garantéieren

D'Politik muss eng Äntwert op nei Geschäftsmodeller ginn. Esou brauche vill Start-up-Entrepreneuren, zemol am IT-Beräich, dacks kaum Kapital, fir hire Geschäftsmodell ëmzesetzen. Dofir huet d'DP-gefouert Regierung d'1-EURO-Gesellschaft („S.à.r.l. simplifiée“) agefouert.

D'DP wäert doriwwer eraus fir e klore juristesche Kader fir nei Geschäftsmodeller vun der „Sharing Economy“ (z.B. Uber, Airbnb) suergen, fir eng deloyal Konkurrenz ze verhënneren.

Ateliere fir Kënschtler an Acteure vun der Kreativwirtschaft schafen

cf. Kapitel Kulturpolitik: Geziilt Fërderung vu Kënschtler a kulturell Participatioun fir all d'Leit

Branchespezifesch Aktivitéitszone schafen

Déi geographesch Proximitéit vun Entreprises aus enger Wirtschaftsbranche ka Synergie schafen a Innovatiounen fërderen. D'DP wäert dofir – esou wéi de Logistik-Hub zu Beetebuerg – weider spezifesch Wirtschaftszonen, zemol am Digital- an am Kreativsektor schafen.

Energieversuergung sécherstellen

Den Energiebedarf wäert déi nächst Joer duerch déi wuessend Elektromobilitéit an duerch den Automatisatiounsprozess weider wuessen. Gläichzäiteg muss mer eis Klimaziler fir d'Reduzéierung vun den CO₂-Emissiounen erreechen (-40% bis 2030). D'DP wäert d'Energiepolitik esou ausriichten, datt d'Ekonomie hir Energie weider zu konkurrenzfähige Präisser kritt an datt d'Approvisionéierung garantéiert ass. D'DP wäert sech och fir e Bannemaart am Beräich vun den erneierbaren Energien asetzen. Lëtzebuerg soll och d'Méiglechkeet kréien, fir an Energieprojeten am europäeschen Ausland z'investéieren. Wa méiglech soll awer e Maximum un erneierbaren Energien heiheem produzéiert ginn.

Méi e séieren Internet iwwer Glasfaserleitungen a 5G-Technologie

cf. Kapitel Digitaliséierung a Medien: Digital denken an d'Onofhängegkeet an d'Verschtedenheet vun de Medien garantéieren.

D'Wirtschaft vu muer aktiv gestalten

Mam Rifkin-Prozess huet d'DP-gefouert Regierung dem Land fir d'éischte Kéier eng ëmfaassend, laangfristeg Strategie mat engem participativen Usaz ginn, fir dee Wirtschaftsmodell nohalteg a qualitéitsorientéiert weiderzëentwéckelen. D'DP wäert de Mesurëkatalog mat 9 Punkten, deem dobäi erauskomm ass, konsequent weiderentwéckelen. Dozou gehéieren z.B. den Opbau vun engem Energie-Internet an d'Fërderung vun Elektromobilitéit a vun der Kreeslafwirtschaft.

Kreeslafwirtschaft lancéieren

D'DP wäert eng innovativ Kreeslafwirtschaft fërderen, fir Produiten a Ressourcen esou laang wéi méiglech ze notzen. Offall soll an Zukunft als Ressource betruecht ginn. D'Reparatur, de Recycling an den Up- oder Re-Cycling vu Produite muss zur Regel ginn. D'DP wäert dofir d'Kaderbedéngunge fir eng funktionnéierend Kreeslafwirtschaft verbessern. D'DP plangt z.B. e superreduzéierten TVA-Taux op de Reparature vun Alldagsprodukter. Och de Geschäftsmodell vu „Prosumer“ soll ënnerstëtzt ginn, d.h. Konsumenten, déi gläichzäiteg als Produzent optrieden.

Ëffnungszäite liberaliséieren

Den Internet ass 7/7 Deeg a 24/24 Stonnen op. D'DP wäert dem Handel zu Lëtzebuerg mat senger 50.000 Beschäftegten d'Méiglechkeet ginn, fir sech deem verännerte Kafverhale vun de Leit unzepassen. All Geschäft soll selwer decidéiere kënnen, wéini et op- an zoumécht. Domadder wäert och d'Ongerechtegkeet ofgeschafft, datt z.B. fir Tankstellen a Supermarchéen am Grenzgebitt aner Ëffnungszäite gëllen. D'DP wäert eng generell Liberaliséierung vun den Ëffnungszäiten am Commerce – am Respekt mam Aarbechtsrecht – ëmsetzen.

Fräie Choix vun de Fournisseuren am Handel

D'DP wäert sech fir de fräie Choix vun de Fournisseuren op EU-Niveau asetzen. Vill Produzenten obligéieren de Lëtzebuerger Commerce hir Wueren zu erhéichte Präisser iwwerbelsch Tëschenhändler ze kafen. Dat ass géint de Prinzip vun engem Bannemaart, dee gutt funktionnéiert. D'DP wäert dat Thema op déi europäesch Agenda setzen, fir dem Handel endlech de fräie Choix ze looschen.

Sammelkloe méiglech maachen

Verbraucherskandalen concernéieren dacks dausende vu Leit, déi hiert Recht zu Lëtzebuerg awer mussen eleng akloen. D'DP wëll a bestëmmte Fall Sammelkloen erméiglechen, andeem mir eng europäesch Léisung sichen. D'Prozeduren an déi juristesche Modalitéiten wäerte mir mat de Verbraucherverbänn a mat der Privatwirtschaft diskutéieren, fir méiglechst séier eng equilibréiert Léisung am Interessi vu béide Säiten ze fannen.

Finanzplaz weider stäerken

D'Lëtzebuerger Finanzplaz ass nach ëmmer d'Lokomotiv vun der Lëtzebuerger Wirtschaft. Mat hire ronn 45.000 Aarbechtsplaze produzéiert d'Plaz 27% vum PIB an ass domadder en exzellent Beispill fir qualitative Wuesstem. Duerch déi héich Innovationskraaft an de groussen Knowhow vun der Branche spillt Lëtzebuerg an der Championsleague vun de weltbeschte Finanzzentren mat. D'DP bekennt sech kloer zu enger staarker a gutt geregelter Finanzplaz, déi international konkurrenzfähig ass.

D'Attraktivitéit vum ICT-Standort Lëtzebuerg ausbauen

cf. Kapitel Digitalisierung a Medien: Digital denken an d'Onofhängegkeet an d'Villfalt vun de Medien garantéieren

Mëttelstand

Kleng a mittelgrouss Betriber steierlech entlaaschten

cf. Kapitel Steuerpolitik: d'Bierger gerecht entlaaschten an d'Entrepreneuriat fördern

De Mëttelstand bürokratesch entlaaschten

Kleng a mittel Betriber hunn dacks net déi néideg Ressource, fir sech mat komplizéierte Reegelen a Virschrëften ausenannerzusetzen. D'DP ass der Meenung, datt kleng Betriber sech sollen op hiert Geschäft konzentréieren kënnen, amplaz op d'Ausfëlle vu Formularen. Dofir wäert d'DP den Ofbau vun der Bürokratie ënnerstëtzen. Bei neie Gesetzer wäert d'DP de Prinzip vum „think small first“ applizéieren. D'DP wäert och iwwerpräiwen, a wéiwäit Ausname fir kleng a mittel Betriber méiglech sinn.

Plaz fir mittelständeg Betriber schaffen

Virun allem kleng a mittel Betriber, z.B. am Handwerk, iwwerleeën et sech zweemol, ier se expandéieren, well se net déi néideg Terrainen hunn oder d'Terrainen ze deier sinn. Dat behënnert d'Entrepreneuren dobäi, fir sech wirtschaftlech weiderzuentwéckelen. D'DP wäert dofir suergen, datt genuch Terrainen fir mittelständeg Betriber an den Aktivitéitszonen disponibel sinn. D'DP wäert de sektorielle Plang „Aktivitéitszonen“ séier ëmsetzen a genuch Terrainen an den Aktivitéitszonen zur Verfügung stellen. Esou Plaze solle fir d'éischt deene Betriber zugutt kommen, déi den Ament an Uertschaften blockéiert sinn, wou keng Plaz méi ass.

Kleng a mittel Betriber um Wee zu méi Energieeffizienz begleeten

Besondres kleng a mittel Betriber feelen dacks de Knowhow, fir vum ganze Potenzial am Beräich vum Energiespueren ze profitéieren. D'DP wäert se dofir op deem Wee ënnerstëtzen. Iwwer fréiwëlleg Ofkommen an Initiativen wäert d'Ëmsetzung vun energieeffiziente Mesuren

an den Entreprise gefördert ginn. D'DP wëll och spezifesch Aus- a Weiterbildungscoursen am deem Beräich ubidden.

Nationalen Aktiounsplang fir kleng a mëttel Entreprises ëmsetzen

Dee vun der DP-gefouërter Regierung a vu Wirtschaftsvertreder ausgeschafften, véierten Nationalen Aktiounsplang fir kleng a mëttel Betriber wäert d'DP esou séier wéi méiglech a konsequent ëmsetzen. Zentral Punkte sinn ë.a. d'Fërdere vun alternative Finanzéierungsméiglechkeeten, d'Zesummeleeëvu staatleche Subsidien a weider Schrëtt fir d'Vereinfache vun administrative Prozeduren. D'DP wäert d'Mesure vum Aktiounsplang ëmsetzen an e Suivi dovunner maachen, fir dee Prozess ze begleeten.

Finanziell Ënnerstëtzung reegelméisseg upassen

Déi finanziell Ënnerstëtzung fir Betriber ass schonn an dëser Legislaturperiod moderniséiert an un d'Besoinen vun der Ekonomie ugepasst ginn. D'DP wäert d'Auswierkunge vun dësen Reformen op d'Investissementen genee analyséieren an de Support wann néideg erhéijen. Och privat Investitiounen an d'Recherche an d'Innovatioun solle méi ënnerstëtzt ginn. D'Fërdermoyene (z.B. staatlech Garantien, Kreditter vun der SNCI an europäesch Moossnamen) mussen reegelméisseg op hir Effizienz ënnersicht ginn an evtl de Besoinen vun den Entreprises besser ugepasst ginn.

Nei Marchéë fir kleng a mëttel Betriber opmaachen

Och kleng a mëttel Betriber solle besser ënnerstëtzt ginn, fir kënnen op auslännesch Marchéen ze goen, z.B. iwwert de Wee vu Wirtschaftsmissiounen am Ausland. Déi Betriber solle besser iwwer Geschäftsméiglechkeeten am Ausland informéiert ginn.

Start-up-Entreprises

Grënnerkultur stäerken

D'Grënnerkultur zu Lëtzebuerg huet am Verglach mam Ausland nach Spott no uewen. Fir d'DP solle Courage a Leeschtung belount ginn. D'Geschäftsidde vun haut schafen d'Basis fir Aarbechtsplazen a wirtschaftleche Succès vu muer. D'DP wëll dës Kultur dofir zu Lëtzebuerg ënnerstëtzen. Dofir gi Sensibiliséierungscampagnë – wéi HandsUP – zesumme mat de Berufschambere weiderentwéckelt. Och Projeten an de Schoulen – wéi „Mini Entreprises“ – gi méi staark ënnerstëtzt. D'DP wëll doriwwer eraus den administrativen Opwand vun enger Start-up am éischte Joer op e Minimum reduzéieren.

Investitioune vu Privatleit a Start-uppen steierlech avantagéis maachen

cf. Kapitel Steuerpolitik: de Bierger gerecht entlaaschten an d'Entrepreneuriat fërderen

Digital Administratioun ëmsetzen

cf. Kapitel Staat an öffentlechen Déngscht: modern an effizient.

Tourismus

D'Vermaartung vum Tourismus professionaliséieren

D'DP wäert déi regional Tourismusbüroe weider professionaliséieren an hir Zesummenaarbecht mat „Luxembourg for Tourism“ ausbauen. Eng permanent Koordinatioun soll d'Ofleef dovunner optiméieren.

D'DP wäert och rechtlech iwwerpräiwen, a wéiwäit déi regional Büroe an Zukunft och kënnen kommerziell aktiv ginn. D'Zil ass et, fir d'Vermaartung vun all den Aktivitéiten (Kultur, Commerce an Tourismus) mat engem kohärente Gesamtkonzept – an a jidderengem sengem

Interessi – ze bündelen. D'DP wäert eng zousätzlech „Go-to-Market“-Strategie entwéckelen, fir sech bei enger kloer definierter Clientèle ze positionéieren. Dobäi soll d'Vermaartung nach méi op international bekannte Labele setzen (Weltkulturierwe vun der UNESCO, European Destination of Excellence oder och de Label Naturpark).

Den Tourismus un d'Besoinen vun de Clienten upassen

Am Joer 2012 ass de leschte grouss Sondag bei den Touristen zu Lëtzebuerg gemaach ginn. D'DP wëll elo en neie Sondag maachen, fir d'Besoinen vun den Touristen besser ze kennen an dorobber ze reagéieren. Doriwwer eraus soll e representative Sondag bei Decideuren aus der Tourismusbranche d'Potenzial vu Verbesserungen an der Vermaartung erauskristalliséieren.

D'Investitiounsprogrammer an déi touristesch Infrastrukturen optimiséieren

D'Instrument vum 5-Jores-Plang am Tourismus gëtt den Ament net ganz genotzt. An Zukunft soll méi vu Wirtschaftsmissiounen profitéiert ginn, fir Investisseuren aus dem Hotel- a Kongress-Secteur op Lëtzebuerg ze huelen. De Bedarf u Geschäfts- an u Vakanzen-Hoteller muss besser ofgedeckt ginn, fir de generelle Réckgang un Zëmmeren auszegläichen. D'DP wäert och den Tourismus „ouni Barrieren“ féideren, deen de Leit mat spezielle Besoinen een ongehénnerten Accès zu Attraktiounen an Informatiounen erméiglecht.

De Standuert fir Aktivvakanz stäerken

Déi geografesch Topographie vun eisem Land eegent sech exzellent fir Vëlo- a Wandertourismus. Duerch den Uschloss un international Vëlosweeër, z.B. mat der Vennbahn, ass d'Zuel vun de Cyclotouristen scho bedeitend an d'Luucht gaangen. D'DP wëll d'Vernetzung vun de Vëlosweeër och an der touristescher Vermaartung stäerken. D'Verloune vu Vëloen soll regional organiséiert ginn a generell mat Servicer wéi engem Gepäcktransport verbonne ginn.

De Wäibau féideren

cf. Kapitel Land- an Ernierungswëssenschaft: am Interessi vun de Baueren, vun de Konsumenten a vun der Ëmwelt

E klere Kader fir „Airbnb“ schafen

D'Entwécklung vun der „Sharing Economy“ bréngt nei Geschäftsmodeller, déi en enormt Potenzial hunn, ma déi awer och musse reguléiert ginn. D'DP wäert e klere legale Kader fir esou Modeller vun der „Sharing Economy“ („Airbnb“) setzen, fir datt et net zu enger deloyalen Konkurrenz kënnt.

Finanzplaz: gutt reglementéiert a international kompetitiv

D'Lëtzebuerger Finanzplaz ass nach ëmmer d'Lokomotiv vun der Lëtzebuerger Wirtschaft. Mat hire ronn 45.000 Aarbechtsplaze produzéiert d'Plaz 27% vum PIB an ass domadder en exzellent Beispill fir qualitative Wuesstem. Duerch déi héich Innovatiounskraaft an de grouse Knowhow vun der Branche gehéiert Lëtzebuerg zu de weltbeschte Finanzzenteren. D'DP bekennt sech kloer zu enger staarker a gutt reglementéierter Finanzplaz, déi international konkurrenzfähig ass.

Nach virun e puer Joer huet d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Finanzplaz alles anescht ewéi gutt ausgesinn. Lëtzebuerg stoung op schwaarze Lëschten an ass wéinst sengem Bankgeheimnis accuséiert an diskreditéiert ginn. Den DP-gefuerte Finanzministère huet resolut op déi Erausforderunge reagéiert. Mam Resultat, datt Lëtzebuerg haut op kenger schwaarzer Lëscht méi steet. Déi couragéiert Decisioun fir d'Bankgeheimnis opzeginn, huet sech als richtig erweisen.

Virun allem wéinst dëser Reaktioun gehéiert d'Finanzplaz haut zu de Gewënner vum Brexit. Banken, Gestionnaires de fortune, Fondsmanager, Versécherungsgesellschaften a Firmen aus der Fintech hu sech nei zu Lëtzebuerg implantéiert oder hir Präsenz hei verstärkt. Dat schafft nei Aarbechtsplazen an Zukunftsperspektiven.

D'Finanzplaz Lëtzebuerg steet haut daitlech besser do, wéi virun dëser Legislaturperiod. An nawell wäert een an Zukunft mat neien Erausforderungen, besonnesch am technologesche Beräich, konfrontéiert ginn, déi eng Neiausrichtung néideg maachen. Mam „Luxembourg House of Fintech“ (LHoFT), ënnert der Leedung vum Finanzministère, ass e Modell mat grousem Succès geschafe ginn, dee weider ausgebaut gëtt. D'DP wäert sech op dëser Basis konsequent fir d'Weiderentwécklung an d'Stärkung vun der Finanzplaz asetzen.

„Haut Comité de la Place financière“ stäerken

D'DP wäert de „Haut Comité de la Place financière“ stäerken, fir Produiten a Servicer fir d'Acteure vun der Finanzplaz z'entwéckelen an ze verbessern.

Identesch Reglementatioun fir alleguerten d'Fournisseure vu Finanzservicer

D'DP wäert dofir suergen, datt nei Fournisseure vu Finanzservicer müssen déi nämmelecht Servicer offréieren, wéi déi kllassesch Acteuren, an och déi nämmelecht Oploe müssen erfëllen.

Reglementatioun fir nei Servicer a Produkter aféieren

D'DP wäert eng Reglementatioun fir nei Entwécklungen (wéi Crowd Funding, Crowd Investing, Cloud Banking, Kryptowärungen a –fongen, Blockchain, Initial Coin Offerings) e klore Kader ze ginn. Am beschten an europäescher Zesummenaarbecht.

„Cyber-Security“ verstärken

cf. Kapital-Digitaliséierung a Medien: Digital denken an d'Onofhängegkeet an d'Villfalt vun de Medie garantéieren.

D'Attraktivitéit vum ICT-Standuert Lëtzebuerg ausbauen

cf. Kapital-Digitaliséierung a Medien: Digital denken an d'Onofhängegkeet an d'Villfalt vun de Medie garantéieren.

D'Virreiderroll am Beräich vun den nohaltege Finanzen a vun der „green finance“ stäerken

Ënnert dem Impuls vum DP-gefouerte Finanzministère huet Lëtzebuerg sech zum Virreider am Beräich vun den nohaltege Finanzen entwéckelt, z.B. duerch d'Schafe vun der weltgréisster Bourse fir ëmweltfrëndlech Scholdschäiner („green bonds“). D'DP wäert déi privat-ëffentlech Partenariater an deem Beräich weider stäerken. D'Roll vun der Lëtzebuerger Bourse (Luxembourg Green Exchange) a vu LuxFlag (international onofhängeg Label-Agence) solle weider ausgebaut ginn. Doriwwer eraus soll d'Entwécklung vun der ëffentlech-privater „Luxembourg Sustainable Development Finance Platform“, déi Investissementer a Promoteuren am Beräich vun der Nohaltegkeet zesummebréngt, weiderentwéckelt ginn.

Fir de Beräich vun den nohaltege Finanzen – besonnesch am Beräich vun der Bekämpfung vum Klimawandel – dätlech ze stäerken, wäert d'DP e Fong schafen, mat deem kann an Investitiounen géint de Klimawissel an den Entwécklungslänner investéiert ginn.

Nom Virbild vum Schwäizer SIFEM („Swiss Investment Fund for Emerging Markets“) soll déi ëffentlech Hand en detailléiert Mandat plus d'Investitiounskäschten ausschaffen, während spezialiséiert Investmentmanager solle mat der Ëmsetzung beoptragt ginn. Dat Konzept erlaabt et, fir d'Paräisser Klimaziler an den Entwécklungslänner nohaltege z'ënnerstëtzen a fir privat Investisseuren ze bedeelegen, ouni mussen op reegelméisseg Budgetsralongen zeréckzegräifen. D'Schafe vun esou engem Fong dréit och duerzou bäi, fir d'Kompetenz an deem zukunftsträchtege Beräich ze stäerken an et wierkt sech positiv op den Image vu Lëtzebuerg als responsabele Partner an der Lutte géint de Klimawissel aus.

Europäesch Reegelen an international Ofkommes séier ëmsetzen

Eng séier Ëmsetzung vun europäeschen Direktiven, Reglementatioun a vun internationalen Accorden dréit zur Stabilitéit an zur Previsibilitéit fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg bäi. Bei EU-Direktive soll wa méiglech de Prinzip „Toute la directive et rien que la directive“ gëllen.

Lëtzebuerg als Entréesdier fir den europäesche Maart ausbauen

D'Finanzplaz Lëtzebuerg soll internationalen Entrepreneuren ideal Viraussetzunge bidden, fir op den europäesche Marché ze kommen. Zemol am Kader vum Brexit, muss op d'Succès vu bis elo opgebaut an de Standuert Lëtzebuerg weider attraktiv gehale ginn. Dat gëlt fir Firmen, déi hiren europäesche Siège aus England ofzéien oder e Bréckekapp um europäesche Kontinent sichen. An engems soll d'Strategie fir d'Finanzplaz méi breet opstellen, konsequent mat Wirtschaftsmissiounen gestärkt ginn. Zemol an Asien, am Noen Osten, an Nord- an a Südamerika.

Keng Digital- oder Finanztransaktionssteuer aféieren

cf. Kapitel Steuerpolitik: d'Bierger gerecht entlaaschten an d'Entrepreneuriat férdere

E juristesche Service fir ekonomesch „affaires pénales“ schafen

D'Ziel vun den „affaires pénales“ mat internationale Verflechtungen an der Ekonomie verlaangen no neie Konzepter a Strukturen. Fir deem Rechnung ze droen, wäert D'DP e spezielle juristesche Service mat Experten aus der Wirtschaft, aus de Finanzen an aus dem IT-Beräich schafen. Esou Verfaren musse konzentréiert an effikass gefouert ginn.

D'Finanzverwaltung personell opstocken

Fir Dossiere séier ze verschaffen an den Aufgabe vun de Kontrollautoritéiten a vun de Finanzverwaltungen nozkommen – z.B. am Kontext mam automateschen Informatiounsaustausch – wäert d'DP d'Rekrutierungspolitik vun där Regierung

weiderféieren an d'Personal zousätzlech opstocken, fir esou d'Friste vun den Dossiere kënnen ze reduzéieren.

Diversifikatioun virundreiwen

Lëtzebuerg huet sech am Laf vu senger Geschicht scho méi wéi eemol mat Succès neie wirtschaftleche Realitéiten ugepasst. Nom Ofbau vun der Stol- an Eisenindustrie am 20. Joerhonnert, gehéiert eist Land haut wéinst senger Oppenheet a sengem Knowhow zu der Weltpëtzt vun de Bankeplazen. Fir sech och weider géint déi staark Konkurrenz duerchzesetzen, wäert d'DP mat der Diversifikatioun vum Standuert virufueren. Mir leeën dobäi besonnesche Wäert op déi sougenannte gréng, sozial an nohalteg Emprunten an op d'Förderung vun der Kreeslafwirtschaft a vun der Fintech.

Kader fir Blockchain-Technologie schafen

D'Blockchain-Technologie wäert d'Bankgeschäft déifgräifend veränneren. Deemnächst wäerten immens vill Date kënnen méi séier a méi sécher verschafft ginn. Dat wäert d'Finanztransaktiounen an den Handel mat Pabeiere ëmmer méi gönschteg maachen. Doduercher kënnen vill Geschäftsmodeller entstoën, während anerer iwwerflësseg ginn. D'DP wëll vum enorme Potenzial vun där Technologie profitéieren an se dofir fërderen. De Projet Infrachain huet hei éischt Accente gesat. Mir wäerten d'Entwécklung vun der Blockchain-Technologie weider suivéieren. Wann e rechtlechen Handlungsbedarf géing entstoën, wäerte mir d'Legislatioun deementspreechend upassen, och an zemol fir d'Investisseuren ze protegéieren.

Land- an Ernierungswirtschaft: am Interessi vun de Baueren, de Konsumenten a vun der Ëmwelt

Eng modern Land- an Ernierungswirtschaft setzt op Qualitéit viru Quantitéit. D'Bedeitung vu regionale Produkter, faire Präisser fir de Bauer a fir de Konsument, vum Wuel vun den Déieren a vun enger ëmweltbewosster Produktioun ginn ëmmer méi wichteg an eiser Gesellschaft.

D'DP huet déi lescht fënnef Joer d'Weiche fir eng zukunftsorientéiert Landwirtschaft gestallt, ë.a. mam neien Agrargesetz, dem weltwäit fortschrëttlechten Déiereschutzgesetz, enger kritescher Positioun géintiwier gesondheetlech bedenkliche Planzeschutzmëttel (ë.a. Glyphosat an Neonikotinoiden), der Reform vum Pachtgesetz, mat méi Planungssécherheet fir de Pächter, a mam neie Gesetz iwwert d'Soumissiounen, dat et méiglech mécht, fir méi staark op qualitativ an nohalteg Kritären ze setzen. Och an der Lutte géint d'Verbëtze vu Liewensmëttel sinn nei Akzenter mat Sensibiliséierungscampagne gesat ginn („AntiGaspi“).

D'DP setzt sech och an Zukunft dofir an, dass d'Landwirtschaft déi néideg Mëttel kritt, fir den Ufuerderunge vun der Gesellschaft a vun de Konsumente gerecht ze ginn. Mir setzen ons och dofir an, dass déi am europäesche Kader verankert national Flexibilitéit kann optimal zugonschte vun der Landwirtschaft genotzt ginn. D'DP weist op den héije Stellewäert vun der Agrikultur an eiser Gesellschaft hin a wäert dofir suergen, dass d'Landwirtschaft e wichteg Pilier vun eisem Land bleift an d'Aarbechtsplazen am Secteur erhale bleiwen. D'DP steet fir eng kompetitiv a verbraucher- an ëmweltgerecht Landwirtschaft. D'Relatioun tëscht der Landwirtschaft an de Konsumente muss nohalteg gestärkt ginn. D'DP setzt sech fir sécher Liewensmëttel an. Mir wäerten d'Liewensmëttelkontrolle während dem ganze Produktiouns- a Verarbeitungsprozess reforméieren a méi effikass maachen; fir de Consommateur, fir déi Leit, déi de Produit verschaffen a fir d'Produzente selwer.

D'Lëtzebuerger Landwirtschaft laangfristeg ofsécheren

D'DP ass dovunner iwwerzeegt, dass Lëtzebuerg eng staark Landwirtschaft brauch a wäert dofir suergen, dass d'Aarbechtsplazen an deem Secteur erhale bleiwen. Doriwwer eraus wëlle mir verstärkt op eng gutt Formatioun vun de Bauere setzen an d'Offer a Weiterbildung permanent ausbauen an de Besoine vun de Baueren upassen; besonnesch am Kader vun eiser digitaler Strategie.

Jongbauere weider prioritär ënnerstëtzen

D'DP wëll déi jonk Leit och an Zukunft ënnerstëtzen, wa se wëllen e Bauerebetrib iwwerhuelen oder weiderféieren. D'Ziel vun de jonke Baueren hält EU-wäit of, ma d'DP wëll déi Tendenz zu Lëtzebuerg kippen. Dat néit Agrargesetz vum DP-Ressortminister Fernand Etgen aus dem Joer 2016, gesäit vir dass Jongbauere besser finanziell ënnerstëtzt ginn, wa se en neie Betrib grënnen. Jonk Baueren tëscht 23 a 40 Joer solle weider méi staark vu Subventiounen profitéieren.

De Landwirtschaftsdësch weiderféieren

De Landwirtschaftsdësch, dee vum DP-Ressortminister agefouert ginn ass, wäert och an Zukunft reegelméisseg zesummekommen, fir zesumme Léisungsvirschléi fir déi aktuell a kommend Eraufuerderungen an der Landwirtschaft ze fannen.

Vun der Digitaliséierung an der Landwirtschaft profitéieren

D'DP wäert d'Strategie vun der Digitaliséierung an der Agrikultur weiderentwéckelen. De sougenannten „Precision Farming“ soll mat Sensoren an Dronen en däitlech méi präzisen Asaz vu Schiedlungsbekämpfungsmëttelen a vun Dünger erméiglechen. Dee System erlaabt net

nëmmen eng punktgenue, spezifesch an domadder méi ëmweltschounend Produktioun, ma och eng méi effikass Produktioun. Nom Motto „Esouvill wéi néideg, esou wéineg wéi néideg“ .

Planzeschutz nei gestalten

Den Aktiounsplang „Pestiziden“ ass 2017 vum DP-gefuerte Landwirtschaftsministère virgestallt ginn, mam Zil den Asaz vu Planzeschutzmëttelen ze reduzéieren. D'DP wäert den Aktiounsplang Schrëtt fir Schrëtt ëmsetzen, fir déi doranner festgehalen Ziler ëmzesetzen. Dozou gehéiert z.B. d'Sortie vum Gebrauch vu Glyphosat. Et geet kee Wee laanscht eng däitlech Reduzéierung vum Asaz vu Planzeschutzmëttelen an der Landwirtschaft, fir d'Aarteivillfalt z'erhalen an d'Uewerflächewaasser an d'Quelle fir de Gebrauch vum Drénkwaasser ze protegéieren. Dobäi ass wichteg, datt d'Bauere während enger Iwwergangsphas berode ginn, an datt si konkret a praxisorientéiert Hëllef an Alternative beim Wiessel ewech vum Glyphosat kréien. Och wann d'EU d'Autorisatioun fir de Glyphosat am November zejoert – géint d'Stëmm vun der DP-Regierung – fir fënnef Joer verlängert huet, fuerdert d'DP e konkrete Plang fir eng Sortie op EU-Niveau.

Fuerschung an Innovatioune virundreiwen

D'DP wäert eng besser Zesummenaarbecht tëschent der Recherche an der Landwirtschaft virundreiwen, z.b. fir den Afloss vu Planzeschutzmëttelen op d'Beien z'analyséieren an déi néideg Konsequenzen dorausser ze zéien. Doriwwer eraus wäerte mir d'Fuerschung, z.B. den Ubau vu Leguminose-Kären op Versuchsfelder, weider fërderen. Déi Planze kënnen eng wichteg, regional a klimaschounend Alternativ als Fudderemëttel zum Soja sinn, dee vu wäit ewech importéiert gëtt an zur Zerstäerung vum Reebësch bäidréit.

Dem Precautiouns-Prinzip no, soll keng „gréng“ Gentechnik op Lëtzebuerg kommen. D'DP setzt sech konsequent fir gentechnikfräie Som a villfälteg Zorten an, fir datt de Bauer d'Rechter um Som aus senger eegener Recolte behält.

E kooperative Waasserschutz garantéieren

Waasser ass dat wichtegst Liewensmëttel iwwerhaapt. D'Protektioun vum Drénkwaasser huet fir d'DP déi héchste Prioritéit. D'Garantie vun der Protektioun muss an enker Collaboratioun mat der Landwirtschaft geschéien. Dofir müssen d'Baueren, déi Terrainen an de Waasserschutzgebiddere bewirtschaften, aktiv begleet, beroden an eventuell ënnerstëtzt ginn. D'Waasserfournisseure sollen déi präventiv Schutzmesuren (wéi z.B. LASKU an der Uewersauerregioun) matfinanzéieren.

Entbürokratiséierung puschen

D'Bürokratie fir déi landwirtschaftlech Betriber ass besonnesch opwenneg. Dat läit haaptsächlech un den EU-Bestëmmungen, déi an den Zäite vun der CSV-LSAP-Virgängerregierung op EU-Niveau decidéiert gi sinn. D'DP wäert d'Bürokratiséierung vun der Landwirtschaft méiglechst zeréckschrauwen, fir déi finanziell Belaaschtungen dowéinst ze reduzéieren. Op europäeschem Niveau wäert d'DP sech dofir asetzen, datt déi nächste Reform vun der Gemeinsamer Agrarpolitik (GAP 2020) och wierklech manner Bürokratie bréngt. Op nationalem Niveau wëll d'DP d'Ofwécklung vun Demanden acceleréieren an eng effikass Digitaliséierung ustriewen. Mat der Aféierung vum Landwirtschaftsportail ass den éischte Schrëtt zu enger iwwersiichtlecher, digitaler Informationsplaz geschafe ginn. „Best Practices“ vun anere Landwirtschaftsverwaltungen sollen och an Zukunft op enger zentraler Ulaflaz iwwerholl ginn.

Flexibiliséierung an de Krisejore bäibehalen

Den DP-gefouerte Landwirtschaftsministère huet an dëser Legislaturperiod eng sougenannten „Année blanche“ agefouert, déi et de Baueren a Krisenzäiten erlaabt, fir de Remboursement vun hire Bankprête während engem Joer ze stoppen. De Staat iwwerhëlt an dëser Zäit d'Scholdzënsen an d'Fraise bis zu 15.000 Euro pro Betrib. Mir wäerten och an Zukunft dofir suergen, datt d'Baueren a schlechte Joren entlaascht ginn. Dofir ass mat der leschter Steuerreform och de Prinzip vum „Carry back, carry forward“ agefouert ginn. D'Baueren an d'Wënzer kënnen hei Jore mat schlechte Recolten duerch Jore mat gudde Recolten op der Steuererklärung ausgläichen. Niewent dëse Mesure sollen d'Baueren och a kommende Krisefäll – am Kader vun nationalen an europäeschen Dispositiounen – duerch aussergewöhnlech Mesuren entlaascht ginn.

Landwirtschaftleche Buedem fir d'Produktioun vu Liewensmëttelen reservéieren

D'DP gëtt der Produktioun vu Liewensmëttelen Prioritéit op landwirtschaftlech guddem Buedem, fir dem Präisrock fir d'Baueren entgéintzewierken. Dowéinst begréisst d'DP, datt am neien Naturschutzgesetz déi néideg Strukture sinn, fir datt kommend Kompensatiounsmesuren e sënnavollen a kohärenten Ëmweltschutz erméiglechen a gläichzäiteg de Landverbrauch verringeren. De Kafrock op de landwirtschaftleche Buedem ass zu Lëtzebuerg extrem an d'Luucht gaangen an dierf duerch Kompensatiounsmoossnamen net weider klammen. Als Protektioun fir héichwäerteg Agrarflächen ënnerstëtzt d'DP d'Ëmsetzung vu strukturéierten an intelligente Kompensatiounen a Poolen, déi laangfristeg ofgeséichert ginn. Fir d'DP muss eng Collaboratioun mat de Proprietären a mat de Pächter gesicht ginn, fir d'Kompensatiounen ëmzesetzen. Doriwwer eraus fäert d'DP eng ökologesch Opwärtung vu forstwirtschaftleche Fläche fir ze kompenséieren.

Mat der DP wäert et keng Photovoltaikanlagen op landwirtschaftlech guddem Buedem ginn.

Ländlech Flächen nohalteg notzen

cf. Kapitel Natur- an Ëmweltschutz: Nohaltegkeet als Leetfuedem

Lokal Nischeprodukter féieren

D'DP setzt verstärkt op nei, qualitativ, héichwäerteg a lokal Nischeprodukter; nom Motto „Qualitéit viru Quantitéit“. Den Opbau vun Knowhow am Nischeberäich soll zur Diversifizéierung an zur Stärkung vun eiser Landwirtschaft bäidroen. Gutt Beispiller dofir sinn den Ubau vun Hanf, Soja oder vu glutefräie Liewensmëttelen. Och an der Landwirtschaft soll Pionéiergeescht ënnerstëtzt ginn.

Regional Produite féieren

D'DP wäert d'Kaderbedéngungen verbessern, fir datt den Eegebedarf u Liewensmëttelen an Zukunft besser duerch déi national Produktioun assuréiert gëtt. Dat gëllt z.B. fir d'Geflügel a fir d'Geméis. Den Ament produzéiert d'Lëtzebuerger Agrikultur just 1,6% vun der nationaler Demande u Geflügel a knapps iwwer 1% beim Geméis. Zesumme mat de Bauere soll déi Eegebedarfsquot systematesch verbessert ginn.

Mir wäerte weider dorunner schaffen, datt méi regional Produiten an de Kantine verschafft ginn, besonnesch an de Schoulen, Maisons Relais, Kannerbetriebsstrukturen, Spideeler an an Alters- a Fleegeheemer. Dat soll iwwert d'Ausschreibe vu regionale Critère goen. Dat neit Gesetz iwwert d'Soumissiounen erlaabt an ënnerstëtzt dee Wee, andeems Critère wéi Qualitéit, Nohaltegkeet a sozial Bedingungen bei der Produktioun vun de Liewensmëttelen berécksiichtegt ginn. An der Vergaangenheet huet dacks just de Präis bei öffentlechen Soumissiounen entscheet.

D'DP wäert déi Strukturen an der Weiderveraarbechtung méi staark fërderen, déi et erlaben, fir déi Produiten esou ze preparéieren, datt se den Ufuerderunge vu Kantinnen entsprechen. Doriwwer eraus soll e sougenannten „Matcher“ d'Zesummenaarbecht vun e puer Landwirtschaftsbetriber ënnerstëtzen, fir datt och méi kleng Produzente kënnen bei enger grousser Ausschreiwung matmaachen.

Luucht an de Marken-Dschungel bréngen

Den Ament existéiert ronn 20 Labeler fir Lëtzebuerger Liewensmëttelen. De Consommateur bléckt do awer net ëmmer direkt duerch. D'DP wëll dofir en nationale Qualitéitssigel fir déi verschidde Labeler aféieren. Dat bréngt de Clienten e besseren Iwwerbléck. Un dee Qualitéitssigel ginn och staatlech Hëllef geknäppt. Hie wäert fir héichwäerteg Produkter stoen, an d'Originellen an eng nohalteg, déiererecht Haltung garantéieren. Dat suergt fir eng Stärkung vum Vertraue vum Konsument an déi regional Liewensmëttelproduktioun a soll den öffentleche Kantine beim Kaf vun nohaltege Produiten hëllefen.

Bei Liewensmëttelskandalen konsequent reagéieren

D'DP setzt sech op EU-Niveau fir eng konsequent Reaktioun am Fall vun Etiketteschwindel a vu Liewensmëttelskandalen an. Esou kriminell Machenschaftere mussen konsequent sanktionéiert ginn. Mir wëllen d'Kontrollen och national verstärken.

D'Bewosstsi fir regional Produkte schäerfen

D'DP wëll d'Promotioun vun der nationaler Landwirtschaft fërderen, fir méi e Bewosstsi fir regional Liewensmëttelen ze schafen a fir déi national Bedeitung vun der Agrikultur ervirzeprägen. Doriwwer eraus wäerte mir eng Onlineplattform fir d'Vente vun nationale landwirtschaftleche Produkte schafen.

Biolandwirtschaft fërderen

D'DP wëll den Undeel vun der biologescher Landwirtschaft däitlech an d'Luucht schrauwen, fir op déi steigend Demande bei verschiddene Produkter ze reagéieren. Bio sinn den Ament just knapps 5% vun de Betriber a 4% vun der Agrarfläch. Wéinst enger substantieller Erhéijung vun der Bioprimm an der Kompatibilitéit vun där Primm mat aneren Ëmweltmesuren ass Lëtzebuerg dat Land, dat d'Biolandwirtschaft am meeschte fërdert. Elo muss de Consommateur op d'Virdeeler vun den nationale Bioprodukter opmierksam gemaach ginn. D'Kafverhale vun de Clienten bestëmmt nämlech, wéi eng Liewensmëttel schlussendlech an de Rayone vun de Supermarchéen offréiert ginn. D'DP wëll déi wëssenschaftlech Recherche an der biologescher Landwirtschaft finanziell begleeden an de Bio-Aktiounsplang an dem Sënn nei gestalten.

E Ministère fir d'Ernierung, de Konsumenteschutz, d'Landwirtschaft an de Wäibau

Ernierung a Landwirtschaft sinn déi zwou Säite vun der Medail. D'DP wëll d'Kompetenze vum Landwirtschaftsministère ausbauen an ëm d'Ernierung ergänzen. Liewensmëttelsécherheet, gesond Ernierung, Sensibiliséierung géint d'Verbëtze vu Liewensmëttelen an e klären an transparenten Etiquetage vun de Produkte gehéieren zu deem zousätzleche Portefeuille. Eng eenzeg, modern Administratioun soll fir de d'Liewensmëttelsécherheet zoustänneg ginn. Si soll hir Kontroll kënnen effizient an transparent maachen. D'DP wäert de Verbraucherschutzministère, deen an där Legislaturperiod agefouert ginn ass, ausbauen a seng Kompetenzen erweideren. D'DP ass fir en eegestännege Landwirtschaftsministère, deen enk mam Ëmweltministère zesummeschafft.

De ländleche Raum entwéckelen

D'DP steet fir eng nohalteg Entwécklung vum ländleche Raum a wäert sech dofir asetzen, datt déi respektiv europäesch Mëttel och dofir profitéiert ginn. D'DP ënnerstëtzt d'Wirtschaftskraaft an de ländleche Regiounen an déi nohalteg Bewirtschaftung vun de natierleche Ressourcen.

Déi gemeinsam Agrarpolitik (GAP) no 2020 gestalten

Och nom Austrëtt vu Groussbritannien aus der Europäescher Unioun muss et eng staark EU-Agrarpolitik ginn. Grad esou kloer ass, dass den Austrëtt direkt Repercussiounen op den europäesche Budget, an domadder och op d'Finanzéierung vun der europäescher Agrarpolitik, wäert hunn. Sollt et zu enger Kierzung vun de Finanzmëttel kommen, da wäerte mir eis dofir asetzen, dass de Feelbetrag duerch eng national Ko-Finanzéierung ausgeglaach gëtt. Dat betrëfft virun allem déi éischte Sail vun der GAP an zemol déi direkt Paiementer un d'Bauern.

Ma och déi zweet Sail vun der GAP muss verdeedegt ginn. D'Budgetsännerungen dierfen net eleng op Käschte vum Agrarsecteur a vun der GAP gemaach ginn. De Virschlag vun der EU-Kommissioun iwwert d'Moderniséierung vun der GAP kann a senger Grondiddie begréisst ginn. D'Politik sollt sech deemno un den Ziler vun der Nohaltegkeet orientéieren an de Memberstaaten méi Fräiheet loossen, mat wéi enge Mesuren se wëllen hir Ziler erreechen.

D'DP wäert sech dofir asetzen, dass de Specificitéite vu Lëtzebuerg Rechnung gedroe gëtt. Dozou gehéiert eng reell Vereinfachung, déi op enger raisonnabler Käschten-Notzen-Rechnung baséiert (kleng Programmer brauchen z.B. einfach Kontroll- a Verhalensregelen) a virun allem muss dat wirtschaftlecht Ëmfeld berécksiichtegt ginn, mat deem d'Landwirtschaft zu Lëtzebuerg sech moosse muss. Lëtzebuerg huet traditionell e ganz proaktiven a gutt equipéierten Ënnerstëtzungsprogramm fir den Agrarsecteur, well d'Méiglechkeete vun der GAP bal ganz profitéiert ginn. Déi annoncéiert Reformen op EU-Niveau dierfen net zu enger Schwächung vun där Geschirrkëscht féieren.

De Wäibau féieren

D'DP wäert déi grouss Efforten zur Steigerung vun der Qualitéit a vun der Produktivitéit am Wäibau weider ënnerstëtzen, fir d'Zukunft vum Lëtzebuerger Wäibau ofzesécheren. Mir wäerten och verstärkt Mëttel zur Verfügung stellen, fir d'Auswierkunge vum Klimawissel op de Wäibau z'analyséieren an eventuell Léisungen auszeschaffen.

D'DP wäert d'Vermaartung vum Lëtzebuerger Wäin duerch geziilt Campagne weider virundreiwen. Och de Beräich vum Oenotourismus soll besser vermaart ginn.

Weider fir e staarken Déiereschutz asetzen

Den DP-Landwirtschaftsministère huet dat modernsten a fortschrëttlechst Déiereschutzgesetz an Europa ëmgesat. Déiere gi vun elo un als Wiese mat Gefiller a mat enger Dignitéit betruecht, deenen eege Rechter müssen zouerkannt ginn. Dat neit Gesetz wäert et an Zukunft och méi einfach maachen, fir op Verstéiss ze reagéieren. D'DP wäert sech weider fir e staarken an aartgerechten Déiereschutz asetzen, och op EU-Niveau.

Weider géint d'Verbëtze vu Liewensmëttelen virgoen

Schonn am Joer 2016 hat de Ministère fir Landwirtschaft a fir de Konsumenteschutz en nationale Plang „Zesumme géint Liewensmëttelverschwendung“ mat konkreten Ziler an Aktiounen virgestallt an zanterhier ëmgesat. D'DP wäert sech weider fir eng nohalteg Politik – och an deem Beräich – asetzen an intensiv mat der Zesummenaarbecht mat de verschiddenen Acteuren aus dem Liewensmëttelberäich an aus de Gemenge virufueren.

Natur- an Ëmweltschutz: Nohaltegkeet als Leetfuedem

Fir d'DP ass en effizienten Natur- an Ëmweltschutz noutwenneg fir d'Biodiversitéit an d'Liewensqualitéit vun de Mënschen an eisem Land. Fir d'DP stinn eng aktiv Wirtschaftspolitik an e konsequenten Natur- an Ëmweltschutz net am Widdersproch. Am Géigendeel, d'Natur kennt kee Verbëtzten, si ass markéiert duerch eng Abberzuel un zouenen a stabile Kreesleef. Eng nohalteg Wirtschaft, déi op dësem Erkenntnis opbaut, suergt och fir nohaltege Wuelstand a fir méi Liewensqualitéit. Ekonomie an Ekologie si keng Géigesätz, ma Synergien. Mesuren, déi gutt fir d'Ëmwelt sinn, wierke meescht regional a schafen doduercher Aarbechtsplazen no bei de Leit.

Déi DP-gefuert Regierung huet an dësem Sënn de sougenannten „Rifkin-Prozess“ lancéiert, mat deem fir d'éischte Kéier e Konzept fir eng laangfristeg an nohalteg Entwécklung vun eisem Land ausgeschafft ginn ass. An dëser Legislaturperiod ass och en neit Naturschutzgesetz gestëmmt ginn; mat kloere Reegelen fir den administrativen Opwand ze reduzéieren a mat engem Flächepool, fir d'Kompenséierungsmesuren an Zukunft méi einfach a méi effizient duerchféieren ze kënnen. Doriwwer eraus ass en neien Aktiounsplang Naturschutz decidéiert ginn.

D'DP stréift no enger respektvoller Notzung vun eise Ressourcen, fir d'Iwwerliewe vun eisem Planéit op laang Siicht ze sécheren, a fir eise Bierger eng beschtméiglech Liewensqualitéit ze bidden. D'DP setzt sech an fir protegéiert Liewensraum an domadder och fir eng Landesplanung, déi eng weider Zersiidlung vun der Landschaft verhënnert. Weider wäert d'DP geziilt Moossnamen ergräfen, fir de Verloscht vun der Biodiversitéit ze stoppen, z.B. duerch eng weider Reduzéierung vu Planzeschutzmëttel. D'DP deet dorobber uecht, datt Naturschutzpolitik net zu enger Verhënnierungspolitik gëtt a Bauprojekten net onnéideg verdeiert an an d'Längt gezu ginn. D'DP steet fir kloer, novollzéibar, séier a gerecht Prozeduren, déi de Bierger an de Betriber Planungssécherheet ginn.

Gréngflächen an den Uertschaften erhalen an ausbauen

Fir de Flächeverbrauch ze miniméieren, ass et sënnavoll fir dicht an de Siidlungsraum ze bauen. D'DP leet allerdéngs e groussen Wäert dorobber, datt et dobäi net zu enger iwwerméisseger Versigelung vum Buedem kënnt. D'DP wäert d'Gemengen encouragéieren, fir Gréngflächen an den Uertschaften anzeplangen an z'erhalen. D'DP wäert sech och fir den Erhalt vun der Biodiversitéit op ëffentleche Plaze beméien.

D'Effikassitéit vu Flächepoolen bewäerten

Dat neit Naturschutzgesetz gesäit Flächepoolen vir, déi d'Zerstéierung vun natierlechem Liewensraum kompenséieren wäerten. Dat wäert zu enger Vereinfachung vun där Kompenséierung féieren. D'DP wäert d'Effikassitéit vun deene Poolen bewäerten, wat hir Effizienz betrëfft an och den Opwand u Bürokratie fir déi betreffen Acteuren.

Fir de Landverbrauch fir Kompenséierungsmesuren ze bremsen, wäert d'DP d'Kompenséieren an Zukunft op Waldumbau, Renaturéierungsmoossnamen a produktiounsintegrierte Kompensatiounsmesuren (Lerchenfenster, Blumestrafen op ofwiesselenden Terrainen, duebele Reienofstand beim Setze vu Wantergeescht) op Flächen, déi an net-ëffentlecher Hand sinn, erlaben.

Biologesch Statiounen ausbauen

D'DP wäert den Ausbau vun engem flächendeckende Netz u biologesche Statiounen weiderdreiwen an déi aktuell weiderféieren, mam Zil fir dat ganz Land ofzedecken. Mat de

concernéierten Acteuren (Awunner, Baueren, Gemengen, Gemengesyndikater, Natur- a Forstverwaltung an Naturschutzorganisatiounen) solle konkret Moossname fir d'Protektioun vun der Natur ausgeschafft an ëmgesat ginn.

Ländlech Flächen nohalteg notzen

De Remembrement muss der Realitéit ugepasst ginn. D'DP wäert dofir en neit Gesetz deponéieren, fir de Remembrement am Austausch mat de betroffenen Acteuren ze moderniséieren. Dat neit Gesetz soll d'Produktivitéit vu Land- a Forstwirtschaft a vum Wäibau verbessern. Dobäi steet déi nohalteg Notzung vun de Biedem am Virdergrond.

E schounenden Ëmgang mat eise Ressource sécherstellen

Déi natierlech, erneierbar an net-erneierbar Ressource sinn d'Grundlag vun eisem Liewen. Fir d'Verbesserung vum Natur-, Waasser- a Buedenschutz sinn déi lescht fënnef Joer eng Rei u Gesetzprojeten zum Votte kommen. Fir d'DP ass e schounenden a responsablen Ëmgang mat eise Ressourcen eng Fro vun der Generatiounegerechtkeet an en zentrale Punkt fir déi nohalteg Entwécklung vun eisem Land. D'DP wäert déi digital Entwécklung notzen, fir eng ressourcëschoonend Produktioun ze férdere. D'DP vertritt och den Usaz vum Liewenszyklus, dee vum Rohstoff iwwer de Recycling bis bei d'Weiderverwäertung vun de Rohstoffen geet.

Offall vermeiden

Fir onnéidegen Offall ze vermeiden, setzt d'DP op eng kloer Offallhierarchie: Offallvermeidung, Weiderverwäertung, Recycling, soss Verwäertung an als leschte Méiglechkeet eng méiglechst ëmweltschoonend Eliminatioun. Bei der Offallvermeidung geet et besonnesch dréms fir de Pollueur ze sensibiliséieren.

D'DP wäert d'Kaderbedéngunge fir eng innovativ Kreeslafwirtschaft konsequent verbessern. Déi DP-gefouerte Regierung huet schonn e puer Projeten nom Prinzip vun der Kreeslafwirtschaft geplangt, z.B. de Wunnprojet „Wunne mat der Woltz“ oder de „Luxembourg Automotive Campus“ zu Biissen. D'DP wäert dofir suergen, datt de Staat an deem Beräich eng Virbildfunktoun iwwerhëlt.

Eng nohalteg Offallwirtschaft férdere

Eng nohalteg Offallwirtschaft mat modernen an effizienten Offallbehandlungstechniken déngt dem Ressourcen- Klimaschutz. D'DP setzt konsequent op d'Weiderentwécklung vun der Offallwirtschaft op europäeschem an internationalem Niveau a férdert nohalteg Konzepter, mat deene kënne Matières premières oder Energie aus Offall gewonnen ginn.

E Kooperative Waasserschutz garantéieren

cf. Kapitel Land- an Ernierungswirtschaft: am Interessi vun de Baueren, de Konsumenten a vun der Ëmwelt

Planzeschutz neigestalten

cf. Kapitel Land- an Ernierungswirtschaft: am Interessi vun de Baueren, de Konsumenten a vun der Ëmwelt

Aktiv Roll vun der Juegd am Naturschutz stäerke

D'DP ass sech der Roll vun der Juegd bei der Reguléierung vum Wäld an zur Preventioun vu Wäldschied bewosst. D'DP wëll d'Jeeër dofir an Aarbechtsgruppen abannen, wou si hir Experienz beim Opstelle vun Aktiounspläng am Kontext mam Wollefs- a Fuussbestand kënnen abréngen. D'DP wäert mat de Jeeër no méigleche Léisunge sichen, datt déi gesetzlech Ofschosspläng besser kënnen agehale ginn. D'DP wäert d'Entwécklung vum Fuussbestand a

vun deene Fiiss mam Fuussebandwurm am A behalen, fir enger ze staarker Zounam kënnen entgéintzewierken.

De Bësch schützen an nohalteg bewirtschaften

Iwwer een Drëttel vun eisem Land besteet aus Bësch. D'DP wäert de Bësch erhalen, fir datt en och an Zukunft ka seng wichteg Funktiounen erfëllen. De Bësch ass net nëmmen déi gréng Long vun eisem Land, ma och de Liewensraum fir eng sëllegen Déieren- a Planzenzorten. Doriwwer eraus ass de Bësch e wichtegen Erhuelungsraum fir d'Mënschen a liwwert de wichtege Rohstoff Holz.

D'DP wäert de „Code forestier“ a Collaboratioun mat de Privatbëschbesëtzer an den Ëmweltorganisatiounen virundreiwen, fir d'Funktiounen vum Bësch weider garantéieren ze kënnen. Den neien „Code forestier“ soll zu engem effikasse Schutz vum Bësch bäidroen an eng nohalteg wirtschaftlech Exploitatioun am Respekt virun der Propriétéit vun de Privatbëschbesëtzer sécherstellen. D'DP wäert sech och dofir setzen, datt Holz aus Lëtzebuerg méi heiheem gebraucht gëtt, amplaz wäit ewech exportéiert gëtt.

De ländleche Raum entwéckelen

cf. Kapitel Land- an Ernierungswirtschaft: am Interessi vun de Baueren, de Konsumenten a vun der Ëmwelt

Reparatiounen an elektresch Autoe steierlech bevirdeelegen

cf. Kapitel Steuerpolitik: d'Bierger gerecht entlaaschten an d'Entrepreneariat fërderen

Lues aus dem Tanktourissem erausklammen

cf. Kapitel Steuerpolitik: d'Bierger gerecht entlaaschten an d'Entrepreneariat fërderen

Der Virbildfunktioun vum Staat an der Nohaltegkeet gerecht ginn

D'DP wäert dofir suergen, datt de Staat a Saachen Nohaltegkeet mat guddem Beispill virgeet. Dofir fuerdert d'DP, datt en Daagkadaster vun allen ëffentlechen Gebaier opgestallt gëtt, fir zousätzlech Plaze fir d'Installatioun vu Solaranlagen ze fannen. Dovunner ofgesinn, wäert d'DP d'Haiser vum Staat systematesch energetesch sanéieren.

D'DP wäert och eng Nohaltegkeetsstrategie fir all d'Ministèren an d'Verwaltungen entwéckelen. D'Chancë vun der Digitaliséierung solle genotzt ginn, fir Ressourcen ze spueren.

„Cahier de charges“ fir ëmweltschounend Acquisitiounen ausschaffen

D'DP wäert e moderne Cahier de charges fir eng ëmweltschounend Acquisitioun fir ëffentlech Träger an Etablissementer ausschaffen. Doduercher kënnen nohalteg Kritäre besser an ëffentleche Soumissiounen agebonne ginn.

Regional Produite fërderen

cf. Kapitel Land- an Ernierungswirtschaft: am Interessi vun de Baueren, de Konsumenten a vun der Ëmwelt

Biolandwirtschaft fërderen

cf. Kapitel Land- an Ernierungswirtschaft: am Interessi vun de Baueren, de Konsumenten a vun der Ëmwelt

D'Virreiderroll am Beräich vun den nohaltege Finanzen a vun der „green finance“ stäerken

cf. Kapitel Finanzplaz: gutt reglementéiert an international konkurrenzfähig

Klima- an Energiepolitik: Erneierbar Energien an Energieeffikassitéit am Fokus

D'DP steet fir eng éiergäizeg Politik, fir géint de Klimawandel ze kämpfen. 2005 ass de Kyoto-Protokoll a Kraaft getrueden, an deem sech d'Industrienatiounen fir d'alleréischst bannent Ziler gesat hunn, fir d'Zäregasen ze reduzéieren. Eng zweet Phas vun der Emissiounsreduzierung gouf 2012 zu Doha festgehalen. Déi deemoleg CSV-LSAP-Regierung huet an de Joren 2008 bis 2012 d'Zil – d'Emissiounen ëm 28% par Rapport zum Referenzjoer 1990 ze reduzéieren – net erreecht an huet musse 14,2 Milliounen Tonnen CO₂ fir ronn 110 Milliounen Euro am Emissiounshandel bäikafen.

An der aktueller Legislaturperiod konnt d'DP-gefouert Regierung dogéint hir Ziler erreechen an huet eng Reduktioun vun 30% pro Awunner gepackt. Den Ament gëtt et déi realistesch Chance, dass Lëtzebuerg seng Ziler bis 2020 erfëlle kann, ouni mussen op extern Zertifikater zeréckzegräifen.

D'Signature vum Paräisser Accord, deem d'Reduktiounsziler no 2020 festleet, war e Meilesteen an der weltwäiter Klimapolitik. 195 Länner weltwäit hunn dat historiescht Ofkommen matënnerzeechent, och wann d'Vereenegt Staaten méttlerweil hiren Austrëtt ugekënnegt hunn. D'DP steet kloer zu den Ziler, déi am Paräisser Klimaofkommen festgeluecht gi sinn, fir d'Äerderwärmung däitlech ënnert 2 °C ze halen. D'EU huet sech zu enger Reduzierung vu 40% verpflichtet.

Déi vun der DP-gefouert Regierung huet am Laf vun de leschte Joren den Ausbau vun den erneierbaren Energien ënnerstëtzt a Mesurëfir méi Energieeffikassitéit geholl. Zënter 2013 konnt besonnesch duerch d'Moderniséierung an d'Neiinstallatioun vu Wandrieder d'Energie, déi sou produzéiert gëtt, verduebelt ginn. Och d'Solarenergie gouf méi staark ënnerstëtzt, andeems Photovoltaikanlage mat enger Stärkt vu bis zu 200 kW zënter 2016 och subventionéiert ginn. Dës huet dozou gefouert, dass méi Kooperative zesumme Photovoltaikanlage bedreiwen.

Fir de Lëtzebuerger Bäitrag zum Klimaschutz ze leeschten, wäert d'DP d'Potenzial vun den erneierbaren Energien hei am Land nach méi wéi bis elo notzen. Gläichzäiteg wäert och e staarke Fokus op d'Energieeffikassitéit geluecht ginn.

Nohalteg Energietechnologien privilegieren

D'DP ass konsequent géint Energietechnologien, déi e Risiko fir Mënsch an Ëmwelt duerstellen. Fir d'DP gehéiert d'Zukunft de propperen an nohaltegen Energien. Dofir si mir och dogéint, fir fossil Energietechnologien op iergendeng Manéier ze fërderen. Dës geheien déi energetesch Transitioun op erneierbar Energien nëmmen onnëtz zeréck. D'DP ass kategoresch géint d'Atomenergie, grad ewéi net-nohalteg Technologien, z.B. de Fracking oder d'„Carbon capture and storage“-Technologie.

D'DP stellt sech och géint de sougenannte Bio-Bensin, deem dacks aus Palmenueleg produzéiert gëtt. Grouss Palmenueleg-Plantagen hunn e groussen Undeel un der Zerstéierung vum Reebësch, an déi extensiv Monokulturen hunn fatal Konsequenzen an den Entwécklungslänner.

Fir d'DP gehéiert d'Zukunft den erneierbaren Energien. D'DP ass kloer fir eng energetesch Transitioun a wäert d'Potenzial vun den erneierbaren Energien hei am Land nach méi wéi bis elo notzen. Fir eng Energiewend fäerdeg ze bréngen, mussen fir d'éischt déi néideg Kapassitéit

geschaf ginn. Dowéinst muss massiv an déi respektiv Technologien investéiert ginn, fir dass se och an Zukunft kompetitiv um Energiemaart kënnen sinn. D'DP leet grouse Wäert op en energetesche Mix aus Solar, Wind, Hydro, Biogas asw., fir déi national Energieversuergung ze garantéieren. An deem Kontext schwätzt sech d'DP och fir eng weider Integratioun vum europäeschen Energiemaart aus, fir déi ënnerschiddlech geographesch Konditiounen optimal fir d'Energieproduktioun notzen ze kënnen an d'Versuergungssécherheet ze garantéieren.

Dialog mat Frankräich weiderféieren, fir Cattenom zouzemaachen

D'DP wäert sech weider dofir setzen, datt Frankräich endlech d'Atomzentrall vu Cattenom zoumécht. Fir d'DP ass et eng Fro vun der nationaler Sécherheet, dass dat an den 80er Jore gebaut Atomkraftwierk vum Netz geholl gëtt. Am Géigenzuch setzt sech d'DP fir e gemeinsame Projet, fir déi erneierbar Energien an der Grenzregioun ze fërderen, an.

Wandenergie-Anlagen am Dialog mat den Awunner fërderen

D'DP wäert verstärkt d'Wandkraft fir d'Energieproduktioun hei am Land notzen. Wandrieder sollen awer nëmmen op deene Plaze stoen, déi och passen. Mir wëlle genee iwwerpräiwen, wéi machbar déi eenzel Projekte sinn a wéi d'Verhältnis vum Notzen a vun der Belästegung vun de Bierger vun de Wandrieder ass. D'Bierger mussen an d'Planifikatioun matabezu ginn, wëll d'Akzeptanz vun der Bevëlkerung wichteg fir d'Realiséierung vun esou engem Projet ass.

Lues a lues aus dem Tanktourissem erausklammen

cf. Kapitel Steierpolitik: d'Bierger gerecht entlaaschten an d'Entrepreneariat fërderen

Energieverbrauch reduzéieren

Déi ëmweltfrëndlechste Energie ass déi, déi net gebraucht gëtt. Den DP-gefouerte Logementsministère huet z.B. mat der Klimabank konkret Ureizer geschaf, fir energiespuerend Mesuren am Beräich vum Wunnen. D'DP wäert esouwuel bei Privatstéit wéi och bei Entrepreneuren d'Thema Energieeffikassitéit verstärkt op d'Agenda setzen. D'DP wäert deementspreechend Förderprogrammer fir Privatleut an Entrepreneuren ëmsetzen.

Der Virbildfunktioun vum Staat an der Nohaltegkeet gerecht ginn

cf. Kapitel Natur- an Ëmweltschutz: Nohaltegkeet als Leitfuedem

„Cahier de charges“ fir ëmweltschounend Acquisitiounen ausschaffen

cf. Kapitel Natur- an Ëmweltschutz: Nohaltegkeet als Leitfuedem

Klimabank ausbauen

cf. Kapitel Wunnengsbau a Landesplanung: Wunnraum schafen a Lëtzebuerg kohärent weiderentwéckelen

Kreeslafwirtschaft an der Bau- an Immobiliëbranche fërderen

D'Bau- an d'Immobiliëbranche verbraucht net nëmmen e signifikanten Undeel u fossille Brennstoffen, mee och u fossille Baustoffen. An deem Kader setzt sech d'DP fir d'Promotioun vun der Kreeslafwirtschaft an deem Secteur an. Duerch d'Benotze vun Stoffen, déi recycléiert kënnen ginn a biologesch degradabel sinn, kënnen dës ëmmer erëm an de Stoffkreeslaf zeréckgefouert ginn. Gebaier, déi mat net-toxeschen an recycléierbaren Materialien a Verbindungselementer, déi demontéiert kënnen ginn, gebaut ginn, kéinten als Rohstofflager genotzt ginn, fir méi spéit nei Gebaier opzerrichten.

Wunnengsbau a Landesplanung: Wunnraum schafen a Lëtzebuerg kohärent weiderentwéckelen

De Mangel u bezuelbarem Wunnraum zu Lëtzebuerg ass zanter ville Joren eng grouss Erausforderung. Déi haiteg Situatioun ass dorobber zréckzeféieren, datt de Wunnengsbau de tatsächlechem Besoin zanter Joerzénge net decke kann. Obwuel dat Thema schonn zanter Joren op der politescher Agenda steet, hunn déi viregt Regierungen et verpasst, déi noutwenneg landesplaneresch Weichen ze stellen an dem Wunnengsbau déi héchste Prioritéit z'accordéieren. Déi vun der DP-gefouert Regierung huet et an dëser Legislaturperiod fäerdeg bruecht, de Stau an der Landesplanung opzeléisen. Duerch d'Publikatioun vun de Plans sectoriels an dem Starte vum Participatiounsprozess gouf de Wee fir kloer landesplaneresch Virgabe fräigemaach, déi d'Kaderbedingunge fir d'Entwécklung vum Land virginn. Parallel dozou goufen eng sëllege Mesurë geholl, fir méi bezuelbare Wunnraum ze schafen a fir d'Leit beim Kaf vun engem Eegehëm oder beim Bezuele vum Loyer ze ënnerstëtzen.

D'Steierreform entlaascht net nëmme déi kleng a mëttel Revenuen, mä déi vun der DP-gefouert Regierung huet och geziilt d'Bauspuerer an d'Leit mat engem Immobiliëkredit iwwert d'Eropsetze vun Ofschreibungsméiglechkeete fir d'Bauspueren an Immobiliëpräten ënnerstëtzt. Fir d'Locatairëgouf dat sougenannte Wunngeld („subvention loyer“) agefouert, dat ronn zwee Drëttel vun all de Locatairen eng finanziell Ënnerstëtzung offréiert. Aner Mesuren hunn als Zil fir méi Wunnraum ze schafen. Déi zäitlech begrenzten a reduzéiert „Quart-taux-Besteuerung“ schafft konkret Ureizer fir méi Wunnraum beim Verkaf vu Bauland oder vun Immobilien. Dës gëllt och fir déi erofgesate Besteuerung beim Verloune vun enger Wunneng un akkreditéiert Träger, ewéi der „Agence immobilière sociale“ (AIS). Zousätzlech gouf d'Effizienz vun den ëffentlechen Bauträger däitlech erhéicht: bannent zwee Joer huet d'„Société Nationale des Habitations à Bon Marché“ (SNHBM) d'Zuel u gebaute Wunnengen verdräifacht. Ausserdeem goufen e sëllege grouss Projete an d'Weeër geleet, ënnert anerem op fréieren Industriebrachen.

Ënnert der Regie vun der DP, huet d'Regierung während de leschte fënnef Joer rigoros Efforte gemaach, fir d'Offer un disponiblen Wunnraum z'erhéien. Aus dem Monitoring vum „pacte logement“ geet ervir, datt 2017 zu Lëtzebuerg ëm déi 6.000 Wunnunitéite gebaut gi sinn, am Verglach zu nëmme 2.300 am Joer 2012. Mir wëllen un dës Succès uknäppen an eis Haaptprioritéit an der Wunnengspolitik och an Zukunft op d'Stärke vun der Wunnoffer leeën, fir esou den Drock um Maart an de Grëff ze kréien.

Wunnengsbau

Bauperimeter mat Hëllef vun de Baulandverträge erweideren

D'DP wäert de Gemengen dat richtegt Instrument a Form vu Baulandverträge zur Verfügung stellen, fir sécherzestellen, datt bei der Erweiderung vum Bauperimeter dat zousätzlech Bauland bannent enger festgeluechter Frist, och tatsächlech bebaut gëtt. De Baulandvertrag wäert d'Spekulatioun mam Bauland oninteressant maachen an de Gemengen déi néideg Planungssécherheet ginn, fir neie Wunnraum ze schafen a gläichzäiteg nohalte ze wuessen.

Méi dicht bauen

D'DP wäert do, wou et sënnavoll ass, méi dicht bauen. Dës soll awer net an existéierende Wunnquartieren oder Dierfer geschéien, mä bei neien urbane Wunnprojete, zum Beispill an fréieren Industriegebäiden. D'Bauen an d'Héicht erlaabt et, fir zousätzlechen a bezuelbaren Wunnraum op de Marché ze bréngen a gläichzäiteg de Flächenverbrauch ze bremsen.

Analys iwwert de Wunnbesoin an Optrag ginn

D'DP wäert eng Etüd an Optrag ginn, fir den tatsächleche Wunnbesoin zu Lëtzebuerg feststellen. Nützlich Informatiounen wieren z.B. de reelle Besoin un neie Locatiounswunnungen oder déi gewünschte Gréisst vu Wunnunitéiten. D'DP wäert och Entrepreneuren uschwätzen, fir ze kucken ewéi grouss de Besoin u Wunnenge fir nei Mataarbechter ass.

Mat enger Grondsteuerreform fir méi Gerechtegkeet suergen

cf. Kapitel Steuerpolitik: de Bierger gerecht entlaaschten an d'Entrepreneuriat fördern

Staatlech a kommunal Terrainen direkt mobiliséieren

D'DP wäert sech dofir setzen, datt kommunal a staatlech Terrainen direkt kënne bebaut ginn. Op dësen Terrainen solle virun allem Locatiounswunnungen entstoen. Et soll evitéiert ginn, datt d'Gemengen an de Staat Bauland un den Héchstbiddende verkafen an sech esou un der Präisspiral um Immobiliemarché bedeelegen.

Gemenge méi staark beim Bau vu Wunnungen ënnerstëtzen

D'DP wäert d'Gemenge méi staark dobäi ënnerstëtzen, dir selwer am Wunnensbau aktiv ze ginn. Am Kader vun der Reform vum „Pacte Logement“ wäerte mir de Gemengen e Pool u Wunnbauberoder zur Säit stelle fir virun allem déi kleng a mëttelgrouss Gemengen de néidege Knowhow ze vermëttelen. D'DP huet schonn an der leschter Legislaturperiod eng Subventioun vu bis zu 75% fir d'Gemengen agefouert, déi soziale Wunnensbau schafen. Mir wäerten dës finanziell Ureizer ausbauen, andeems mir d'Subventionéierung vun zukünftege Projeten un en kontinuéierlechen, kommunalen Engagement koppelen. Konkret stelle mir eng gestaffelt Subventionéierung vu bis zu 100% an Aussicht, fir déi Gemengen déi ënnerhalb vun dräi Joer all Joer op mannst ee Projet fir soziale Wunnensbau areeche.

Geneemegungsprozedure beschleunegen

Déi vun der DP gefouert Regierung huet mam Omnibus-Gesetz an der Reform vum Naturschutzgesetz scho wichteg Prozedurvereinfachungen decidéiert. D'DP wäert an de nächste Joren d'Geneemegungsprozedure weider beschleunegen. Mir wäerten e systematesche Monitoring vun der Legislatioun ariichten, fir esou séier op Bremsen an der Praxis reagéieren ze kënnen. Well déi aktuell Legislatioun am Beraich Wunnen a Bauen nëmme vu spezialiséierten Affekoten ze iwwerblécken ass, wäert d'DP en iwwersichtlechen „Code de la construction“ zesummestellen. Mir wëllen ausserdeem der „Cellule de facilitation urbanisme et environnement“ an der „PAP-Plattform“, déi zur Beschleunegung vun de Prozedure bäidroen, zousätzlech Mëttel ginn. Ausserdeem wäert d'DP derfir suergen, datt d'Geneemegungsprozeduren online duerchlaf kënne ginn. D'DP wäert ausserdeem eng Vereinfachung vun de Prozedure fir déi allgemeng Bebauungspläng an Deelbebauungspläng virundreiwen.

All Kompetenze fir de Wunnensbau an engem Ministère verankeren

D'Geneemegung fir Wunnprojeten ënnerleien de Moment der Verantwortung vum Ëmweltministère a vum Ministère fir Banneschtes, also vun zwou Verwaltungen. Well all d'Parteien de Wunnensbau zur politescher Prioritéit erkläert hunn, wëll d'DP d'Kompetenze fir de Wunnensbau konsequenterweis am Logementsministère bündelen. Dës Schrëtt géif eng däitlech Entbürokratiséierung vun de laangwierige Geneemegungsprozedure bedeiten.

Keng nei Enteegnungsinstrumenter schafen

D'DP wäert keng nei Enteegnungsinstrumenter aféieren, wéi se vun anere Parteien gefuerdert ginn. D'DP wäert net zouloossen, datt d'Eigentum vun de Bierger, déi méiglecherweis Bauland fir hir Kanner oder Enkelkanner am Familljebesëtz hale wëllen, géint hire Wëllen enteegnet

ginn, fir Wunnraum fir drétt Persounen ze schafen. Déi ëffentlech Hand huet elo schonn iwwert genuch Instrumenter, fir Wunnraum ze schafen. Dës Instrumenter gëllt et awer verstärkt ze notzen. D'DP leent och eng national Spekulationssteuer op net bebauten Terrainen an onbewunnten Immobilien oft, well dës d'Wunnungspräisser just zousätzlech an d'Luucht dreuwe géifen. Positiv Steuerreizer, wéi d'„Quart-taux-Besteuerung“ hunn hir Wierksamkeet dogéint schonn ënner Beweis gestallt.

Nationale Biergerfong fir Finanzéierung vu staatlechen Immobiliëprojete schafen

D'DP wäert e Fong schafen, an deem d'Bierger a staatlech Immobiliëprojeten investéiere kënnen. De Fong wäert all Investisseur eng Mindestrendit garantéieren. D'DP wäert ausserdeem préiwen, op steuerlech Ureizer agefouert kënnen ginn, fir dës Investitiounen ze fërderen.

Investitioune vum Pensiounsfong a bezuelbare Wunnraum ënnerstëtzen

Den ëffentleche Pensiounsfong verfüügt iwwer grouss Reserven an Héicht vu ronn 18 Milliarden Euro. Mat dëser Reserve ginn no klaren Kritäre breet gefächert Investitioune getäteg. D'DP trëtt derfir an, datt de Pensiounsfong zu engem gewëssen Undeel a Projete fir méi bezuelbare Wunnraum am eegene Land investéiert.

Net bebaute Bauland lounen

Aus ënnerschiddleche Grënn wëllen eenzel Privatproprietairen hiren Terrain net direkt bebauen. D'DP wäert dës Bierger d'Méiglechkeet bidden, hiren Terrain der ëffentlecher Hand fir e festgeluechten Zäitraum (z.B. 30 Joer) ze verlounen, fir dësen ze bebauen. No Oflaf vun der Vertragszäit kann d'Konventioun mam Staat verlängert ginn oder den Terrain geet erëm zrëck un de Proprietär. Fir dës Modell ze fërderen, iwwerpräiwe mir steuerlech Ureizer, ähnlech wéi beim Modell vun der Steuerbefreiung vu 50% op Locatiounsrecettë vu Wunnengen, déi am Kader vun der „gestion locative sociale“ zur Verfügung gestallt ginn.

Wunnraum fir Studente schafen

D'DP wäert d'Offer u bezuelbare Studentewunnengen no um Campus erhéijen a privat Initiative fir de Bau vu Studentewunnengen encouragéieren.

Wunngemeinschaften a Wunnsbaugenossenschaften fërderen

D'DP wäert de legale Kader fir Wunngemeinschaften stäerken, fir datt Locataire a WG-Proprietäre kloer Virgaben iwwert hir jeeweileg Rechter a Flichten hunn. Esou soll virun allem eng méi grouss Offer u Wunngemeinschaften fir jonk Mënschen geschaaft ginn.

De vun der DP gefouerte Logementsministère huet an de vergaangene Joren Interessente fir d'Grënnung vun enger Wunnsbaugenossenschaft mat Rot an Dot zur Säit gestanen. Fir d'Entwécklung vun esou neie Wunnformen zu Lëtzebuerg méi staark virunzedreiwen, wäert d'DP an dësem Kontext déi wirtschaftlech a rechtlech Hürden eliminéieren.

Verwaltung vu sozialer Locatiounswunnengen („gestion locative sociale“) weider ausbauen

An der aktueller Legislaturperiod gouf zousätzlechen, sozialer Wunnraum geschaaft, ë.a. duerch d'Aféiere vu Steuerermäessungen bei der Immobilielocatioun un agreéiert Organisatiounen zur Verwaltung vu Sozialwunnengen. Dat Konzept vun der Verwaltung vu sozialer Locatiounswunnengen soll ausgebaut ginn. D'DP wäert och Gesellschaften Steiervirdeeler zougestoën, falls dës eng Immobilie un zougeloossen Organisatiounen verlounen. Mir wäerten ausserdeem den zougeloossenen Organisatiounen méi Mëttel fir Personal zur Verfügung stellen, fir déi sozial Betreuer am Kader vun der Verwaltung vu sozialer Locatiounswunnengen ze verbesseren.

Klimabank ausbauen

No dem Schafe vun der Klimabank, wär d'DP dës elo ausbauen. Fir d'Förderung vun der nohalteger Sanéierung vu bestoende Wunnengen ze stäerken, wäert d'DP d'Kritäre vum Klimaprêt esou upassen, datt all Proprietären en Klimaprêt ouni Zënse kréie kann. Dës nei Offer vun der Klimabank wäert derzou bäidroen, déi national Klimaziler ze erreechen. Gläichzäiteg kënne Proprietäre vu Wunnengen, respektiv d'Locatairë vun dëse Wunnengen, hir Energiekäschten däitlech verréngeren.

Wunnengsbäihëllefen iwwerschaffen

D'DP wäert déi staatlech Wunnengsbäihëllefen un déi aktuell Situatioun um Immobiliëmarché an un d'Inflatioun upassen. Esouwuel d'Héicht vun de Bäihëllefen ewéi och d'Plafonge vun de Revenuë vun den Demandeuren ginn no uewen ugepasst. Wat d'Beaarbechtung ubelaangt, konnt d'Beaarbechtungszeit vun den Demandë schonn däitlech verkierzt ginn. D'DP wäert d'Moderniséierung an d'Digitaliséierung vun der verantwortlecher Verwaltung virundreiwen.

Ëffentlech Bauträger besser opstellen

De vun der DP gefouerte Logementsministère huet d'Produktivitéit vum Fonds du Logement an der SNHBM ënnerhalb vu fënnf Joer däitlech gesteigert. Mir wäerten dorunner uknäppen an an de nächste Joren d'Ziel vun de Wunnunitéiten, déi vun den ëffentleche Bauträger gebaut ginn, weider steigern. Nieft dem Bau vun Immobilië sollen déi ëffentlech Bauträger an Zukunft och privat Wunnenge lounen kënnen, fir d'Waardezeit op eng Sozialwunneng däitlech ze verkierzen.

„Guichet unique“ fir Demandeurinnen op eng Sozialwunneng schaffen

Bis elo hunn Demandeurinnen op eng Sozialwunneng sech op ënnerschiddleche Lëschten, jee no Bauträger, androe mussen. D'DP wäert dës Prozedur däitlech vereinfachen, andeems mir eng zentral Ulaflaz fir all d'Demandeurinnen ze schaffen.

Sozial Mixitéit an de Wunnquartiere garantéieren

D'DP wäert an alle Wunnprojete vun den ëffentleche Bauträger eng sozial Mixitéit sécherstellen. Aus deem Grond sollen esou Wunnprojeten net nëmmen aus Locatiouns- a Sozialwunnenge bestoen.

Superreduzierten TVA-Taux op de Renovatiounen vun Immobilien vun iwwer 10 Joer
cf. Kapitel Steuerpolitik: d'Bierger gerecht entlaaschten an d'Entrepreneuriat fördern.

Zesummenaarbecht mat privaten Acteuren ausbauen

D'Steigerung vun der Offer u bezuelbarem Wunnraum ass nëmmen an Zesummenaarbecht mat privaten Acteuren méiglech. D'DP wäert weiderhi gemeinsam Modeller mat de privaten Acteuren ausschaffen, fir d'Offer an Nofro no Wunnraum zesummenzeféieren.

Landesplanung

Eist Land nohalteg plangen

D'DP wäert mat enger kohärenter Landesplanung enger weiderer Landschaftszersiedlung zu Lëtzebuerg entgéintwierken. Déi véier sektoriell Pläng fir de Wunnengsbau, d'Landschaften, den Transport an d'Wirtschaftszonen sinn déi wichteg Steierelementer. D'Regierung huet de Stau an der Landesplanung vun der viregter Regierung opgeléist an d'sektoriell Pläng op den Instanzewege bruecht. D'DP wäert déi geplangte Projete esou séier wéi méiglech ëmsetzen an d'Zeitpläng verkierzen. Mir wäerten dem Bau vu Contournementen d'Prioritéit ginn, well d'Verkéiersopkommes an de Wunnquartieren der Liewensqualitéit vun de Bierger schuet.

Doriwwer eraus wäert d'DP een neien "Programme directeur d'aménagement du territoire" (PDAT) ausschaffen, deen déi grouss Linne vun der Landesplanung virgëtt.

„Zones franches“ déi Säit vun de Grenze schafen

cf. Kapitel Wirtschaftspolitik: Standuert stäerken a Mëttelstand fërderen

Gemeengefusiounen nëmmen op fräiwëlleger Basis

Mat der DP an der Regierung gëtt et keng erzwonge Gemeengefusiounen. Mir wäerten et ëmmer den Awunner iwwerloossen, ob si, a wa jo, mat wem, wëlle fusionéieren. Mir wäerten och net op de Wee vun engem nationale Referendum iwwer Gemeengefusiounen goen. Dëst ass an eisen Aen ondemokratesch, well grouss Gemengen iwwer d'Lous vu klengen Gemengen géinge bestëmmen. D'DP wäert op zousätzlech finanziell Ureizer setzen, fir d'Zesummenaarbecht tëschent de Gemengen ze fërderen an d'Fusiounsprojeten an d'Wee ze leeden.

Gemengenautonomie stäerken an de Gemenge méi finanziell Mëttel zougestoën

D'Gemenge spillen eng ëmmer méi grouss Roll, wann et ëm d'Liewensqualitéit vun de Bierger geet. D'DP wäert d'Kompetenze vun de Gemengen nei definéieren an hinne méi finanziell Mëttel zur Verfügung stellen, fir datt si hiren Déngscht um Bierger kënnen verbesseren. D'DP-gefouert Regierung huet déi séier noutwenneg Gemeengefinanzreform op de Wee bruecht a fir eng méi gerecht Verdeelung vu de finanziellen Mëttel gesuergt. D'DP ass der Meenung, datt de Staat de Gemenge muss zousätzlech Suen zur Verfügung stellen, fir hir Verflüchtungen géint iwwer de Bierger z'erfëllen. Mir wäerten dofir esouwuel den urbanen, ewéi och de ländlechen Gemenge méi finanzielle Spillraum zougestoën. Ausserdeem soll och déi aktuell Subventiounspolitik fir kommunal Projete reforméiert ginn. Käschtenintensiv Infrastrukturen sollen och net automatesch méi staatléche Hëllef kréien, mä d'Subventiounen sollen éischter un d'Plus-value fir d'Bierger geknäppt ginn.

Mobilitéé: modern Verkéiersinfrastrukture fir haut a muer

Lëtzebuerg brauch eng modern Verkéiersinfrastruktur, fir datt d'Bierger bequem a méiglechst séier vun A op B kënne kommen. Ronn annerhallef Stonn brauch all Bierger am Schnëtt den Dag fir sech virunzebeweegen. D'DP wëll dës Zäit däitlech reduzéieren.

An der aktueller Legislaturperiod huet déi vun d'DP-gefouert Regierung ugefaangen, de chronischen Nohuelbedarf am Beräich vun de Verkéiersinfrastrukturen opzehuelen. D'Trams-Gesetz gouf gestëmmt an de Bau vum Tramsnetz läit am Zäitplang. Déi nei Gare am Pafendall mam Funiculaire op de Kierchbierg gouf gebaut, wat däitlech Zäiterspuernësser a Richtung Kierchbierg bedeit. Den dréngend néidegen Ausbau vun der Stater Gare huet ugefaangen a wäert zousätzlech Zuchkapassitéite schafen. Den Ausbau vun zwou op dräi Spuere vun der Autobunn A3 a Richtung Süde wäert deemnächst ufänken a mëttelfristeg fir Entlaaschtung op dëser iwwerlaaschter Streck suergen. Och d'Gesetz iwwert dat nationaalt Vëlosnetz ass an der Chamber gestëmmt ginn, fir d'Lächer am Netz zouzemaachen a fir d'Sécherheet vun de Cyclisten ze garantéieren.

Trotz Rekordinvestitiounen an d'Verkéiersinfrastrukture wärend de leschte 5 Joer, huet Lëtzebuerg nach ëmmer e chronischen Nohuelbedarf u Verkeiersinfrastrukturen. Well d'Mobilitéitsplanung allerdéngs mat der Entwécklung vum Land Schrëtt hale muss, wäert d'DP d'Investitiounen an d'Mobilitéit däitlech erhéijen.

Fir d'DP soll am Endeffekt den eenzele Bierger selwer entscheiden, wat fir e Verkéiersmëttel e benotze wëll. Den ëffentlechen Transport soll an deem Mooss gestärkt ginn, datt e gréisstendeels eng gläichwäerteg oder esouguer besser Alternativ zum Individualtransport bitt. Den Ament falen ëmmer nach ze vill Zich aus, hu Verspéidung oder sinn zu Spëtzenzäiten iwwerfëllt. Ronn zwee Prozent vun de Leit fuere regelméisseg mam Vëlo fir sech virun ze beweegen. Besonnesch op kuerzen Distanzen ass de Vëlo eng reell Alternativ. Dofir wäerte mir massiv an d'Offer an an d'Sécherheet vu Vëlosweeër investéieren. D'DP wäert och konsequent Stroossebauprojetë virundreiwen, a ganz besonnesch de Bau vu Ëmgéiungsstroossen, déi zu enger Verkéiersberouegung a villbefuerenen Uertschafte féieren an d'Liewensqualitéit vun den Awunner däitlech erhéijen.

D'DP wäert d'Erausfuerderung an der Mobilitéit als e Ganzt ugoen: dat geet vun der grondsätzlecher Vermeidung vun onnéidegem Verkéier – zum Beispill duerch dezentral Aarbechtsplazen an duerch den Télétravail – bis zu massiven Investitiounen an den ëffentlechen Transport an an d'Verkéiersinfrastruktur. Mir wäerten dat vun der DP-gefouerter Regierung ausgeschaffte Mobilitéitskonzept MoDU 2.0. an de Plan sectoriel „Transport“ ëmsetzen. D'DP wäert zousätzlech dofir suergen, datt déi geplangte Mesurë mat däitlech méi finanzielle Mëttelen equipéiert an domat spierbar méi séier realiséiert ginn. Mir wäerten doriwwer eraus d'Prioritéitelëscht vun de grouse Verkéiersinfrastrukturprojeten iwwerschaffen a wichteg Projekte virzéien. Dës konzentréiert Approche am Sënn vun engem nationale Mobilitéitsplang wäert dofir suergen, datt d'Bierger däitlech méi frei wéi geplangt. vum Ausbau vun der Verkéiersinfrastruktur profitéiere kënnen.

Verkéiersinfrastrukturprojete méi séier ëmsetzen an Investitiounen däitlech erhéijen

D'DP wäert d'Mobilitéitskonzept an de sektorielle Plang „Transport“ méi séier a méi konsequent ëmsetzen, ewéi bis elo geplangt. Mir wäerten donieft och d'Prioritéitelëscht vun de geplangten Infrastrukturprojeten iwwerschaffen an zäitlech virzéien. Wichteg Projeten, wéi d'multimodal Plattformen, d'Tramverbindung op Esch-Belval an den Ausbau vun der Stater

Gare, hunn absolut Prioritéit. Stroossebauprojeten a Contournementen ginn eenzel op de Leescht geholl a wann néideg gëtt hir Prioritéit ugepasst. D'DP wäert an den nächste Joren de Budget fir d'Infrastrukture par Rapport zur leschter Period däitlech erhéijen. D'DP wäert sämtlech Investitiounen an d'Stroossen-, d'Schinnen- an an d'Vëlosnetz iwwerpräiwen an d'Investitiounen pro Joer erhéijen, fir Projete esou méi séier kënnen ëmzesetzen.

Nei Finanzéierungsmodeller fir Verkéiersinfrastrukturen

De Besoin u Verkéiersinfrastrukturen ass nach ëmmer ganz grouss. D'DP wäert en ambitiësen Investitiounsprogramm op d'Been stellen an Infrastrukturprojete fir eng besser Mobilitéit däitlech méi séier ëmsetzen, ewéi bis elo geplangt. Fir dës Projete méi zolidd a méi effikass kënnen ze finanzéieren wäerte mir, niewent dem Erhéije vum entsprecheende Budget, och alternativ Finanzéierungsmodeller a Kooperatioun mat der europäescher Investitiounsbank a mat private Partner a Betruecht zéien.

Mobilitéitsberoder fir Gemengen aféieren

Besounnesch méi kleng Gemengen feelt et dacks um néidege Knowhow, fir en eegent Mobilitéitskonzept opzestellen. D'DP wäert de Gemengen am Kader vum Klimapakt e Mobilitéitsberoder zur Säit stellen, fir zesummen e kommunalt Mobilitéitskonzept auszuschaffen.

Mobilitéitskonzepter fir Betriber féieren

D'Entreprise hunn eng grouss Verantwortung, wat de Mobilitéitsmanagement vun hire Mataarbechter ugeet. D'DP wäert déi Betriber ënnerstëtzen, déi Mobilitéitskonzepter fir hir Mataarbechter ëmsetzen. Sougenannten „Mobility Manager“ sollen den Entrepreneuren hëllefen, fir dës Konzepter auszuschaffen an ëmzesetzen.

Nei innovativ Verkéiersmëttel studéieren

Eng gutt an effizient Organisatioun vun der Mobilitéit ass net nëmme wichteg fir eis Ekonomien, ma och fir d'Liewensqualitéit. Grad ewell d'Mobilitéit eng vun eise gréissten Erausforderungen ass, wäert d'DP sech neien, innovative Verkéiersmëttel net verschléissen.

D'Qualitéit vum Stroossennetz an d'Liewensqualitéit vun den Awunner erhéijen

D'DP wäert d'Qualitéit vun eisem Stroossennetz verbessern a geplangte Contournementen konsequent ëmsetzen. D'DP wäert Projete vu Contournementen, déi zesummenhängen (wéi z.B. Nidderkäerjeng an Dippech oder Ettelbréck a Feelen) séier ëmsetzen, fir datt eng Uertschaft net wéinst der Verkéiersberouegung an där anerer Uertschaft Uertschaft leide muss.

D'Capacitéit vun de Stroossen duerch eng flexibel Notzung vun de Fierbunnen a vun de Säitesträifen ausbauen

D'DP wëll intelligent Systemer asetzen, déi d'Unzuel u Fierbunnen, jee no Verkéier, an déi eng Richtung erhéijen an an déi Aner reduzéiere kann. Esou kéint mir eis virstellen, datt moies méi Fierbunnen a Richtung Stad zur Verfügung stoe géifen an owes wier et ëmgekéiert. D'DP wäert och präiwen ob e mobile Leitplankesystem op eisen Autobunnen a Landstroosse machbar ass, fir och esou d'Capacitéit an de Stousszäiten ze erhéijen.

D'DP wäert och d'Méiglechkeet präiwen d'Säitesträifen op den Autobunnen während den Hauptberufszäiten als zousätzlech Spuer ze notzen. Esou kéint d'Standspur bei staarkem Trafic als zousätzlech Fierbunn erkläert ginn. Dës Prinzip funktionnéiert schonn an Holland an a Bayern.

Intelligent, digitaliséiert Verkéiersleetsystemer aféieren

D'DP wäert intelligent Verkéiersinformatiouns- a Verkéierleetsystemer op den Autobunnen an op vill befuere Stroossen asetzen. Dës Technik wäert d'Stroossecapacitéit duerch eng intelligent Systemtechnik a Verkéiersmanagement erhéijen. An Echtzäit kënnen esou Daten iwwert d'Auslaaschtung vun de Stroossen gesammelt an a Verbindung mat den Date vun den Automobilisten an engem intelligente Verkéiersmanagement zesummelafen.

Donieft wäert d'DP d'Rout Luuchten intelligent steieren an och de Prinzip vun der grénger Well esouwäit wéi méiglech ausbauen.

Gratis öffentlechen Transport

Fir méi Leit op den öffentlechem Transport ze kréien, wäert d'DP landeswäit e gratis öffentlechen Transport aféieren. Elo schonn ass den öffentlechen Transport gréisstendeels vum Staat subventionéiert. 2018 huet dat knapp 900 Milliounen Euro kascht. De Verkauf vu Billjeeën an Abonnementer deckt just e klengen Deel vun de Käschten, nämlech ronn 30 Milliounen Euro. Duerch d'Aféiere vum gratis öffentlechen Transport kann een Deel vun dese Recetten duerch d'Ewechfale vu Kontrollen a Billjeesverkeef kompenséiert ginn. D'DP wäert iwwregens och d'Sécherheetspersonal am öffentlechen Transport opstocken.

Mobilitéit grenziwwerschreidend denken

D'DP wäert d'Groussregioun an d'Mobilitéitsplanung matabezéien. Et geet net duer, fir P&Ren ze bauen, ma et mussen der och an der Grenzregioun geplangt ginn. Dofir mussen d'Tariffer vum öffentlechen Transport an der Grenzregioun deenen zu Lëtzebuerg méi no kommen. D'DP wëll en MPass fir d'Groussregioun ubidden. Donieft setze mir eis fir besser'Zuchverbindungen an d'Ausland an (z.B. op Bréissel).

Tram ausbauen

D'DP wäert déi geplangten Tramslinnen (Esch, Leideleng, Stroossen a Mamer) méi séier realiséieren. Fir d'DP muss och an Zukunft e schnellen Tram, iwwert de Waldhaff a Jonglënster bis op Iechternach fueren. Beim Ausbau vum Tramsnetz wäert d'DP déi nei Strecken däitlech méi séier ëmsetzen an och méi finanziell Mëttelen zur Verfügung stellen, fir datt d'Bierger net eréischt an 10 Joer vun dësen zousätzleche Verbindunge profitéiere kënnen.

Expressbuslinnen a Verbindungen tëschent den Uertschafte stäerken

D'DP wäert op den Hauptverkéiersachsen zousätzlech Expresslinnen asetzen, déi nëmmen op e puer zentrale Bushaltestelle stoebleiwen. Regional a kommunal Buslinne sollen d'Verbindung tëschent mat méi klengen Uertschaften an dësen Expresslinnen garantéieren. Duerch dës Reorganisatioun vun de Buslinnen erhoffe mir eis eng däitlech Verbesserung vum öffentlechen Transport. D.h. datt d'Leit méi séier vun A op B kommen!

Vereelzten Zich konsequent ersetzen

D'DP wäert eng Materialoffensive am Schinneverkéier lancéieren. Et ass net méi der Zäit ugepasst, datt besonnesch op de Linne Richtung Norden, ëmmer nach Zich agesat ginn, déi quasi net accessible fir Rollstill, Poussetten a Vëloë sinn. D'DP wäert flächendeckend modern an accessibel Zich mat Wifi asetzen.

D'Horairë vu Bus an Zuch besser openeen ofstëmmen

D'DP wäert d'Horairen am öffentlechen Transport iwwerschaffen, fir d'Bus- an d'Zuchverbindunge besser openeen ofzestëmmen. Besonnesch déi regional Linnen, déi d'Garen ufueren, mussen verbessert ginn.

D'Mobilité douce fërderen

Ob mam Vëlo, mat der Trottinette oder zu Fouss, d'Mobilité douce ass net nëmmen ëmweltschounend, mä entlaascht och de Stroosseverkéier. Dofir wäerte mir dës Mobilitéit konsequent fërderen andeems mer méi a Foussgänger- an a Vëlosweeër investéieren, fir dës Zort vu Fortbewegung méi attraktiv ze maache géintwuer vun Auto a Bus.

Verkéisers- a Foussgängersécherheet verbesseren

D'DP wäert verstärkt an d'Verkéiserssécherheet investéieren, fir d'Accidenter op e Minimum ze reduzéieren. Mir wäerten mat der Strategie „Vision 0“ virufueren, déi als ambitiëst Zil huet, fir déi Verkéisersdoudeg op Null ze kréien. E besonnesche Fokus muss op d'Sécherheet vun de Foussgänger geluecht ginn, well si sinn dat schwächste Glidd am Verkéier. Mir wëllen e grousst Konzept ausschaffen, dat d'Sécherheet an d'Visibilitéit vun de Foussgänger, besonnesch an der kaler Joreszäit, garantéiert. Dat bedeit z.B. eng konsequent an effektiv Belichtung vun den Zebrasträifen a vu de vill benotzen Trottoiren.

Fräien Accès am ëffentleche Raum garantéieren

Mënsche mat Aschränkungen an eeler Leit mussen och um gesellschaftlechen Liewen deelhuele kënnen. Dofir wäert d'DP sech konsequent fir d'Accessibilitéit am ëffentleche Raum an am ëffentlechen Transport asetzen.

Séier Vëlosweeër an de Vëlosreseau konsequent ausbauen

D'DP wäert e „séiere“ Vëloswee vun der Stad bis op Esch bauen. Esou e Wee géif eng sécher, séier a méiglechst flaach Verbindung fir Vëlos- a Pedelecuerer virgesinn. Och aner Strecke kéinte fir esou Weeër a Fro kommen.

D'DP wäert dat an dëser Legislaturperiod gestëmmte Gesetz iwwert den nationale Vëlosreseau konsequent ëmsetzen an och fir e séieren Ausbau vum Vëlosreseau a vu Vëlosparking suergen. Déi néideg finanziell Mëttel wäerten dofir deblockéiert ginn.

D'Elektromobilitéit fërderen

Eng flächendeckend Infrastruktur fir Luetstatiounen ass d'Grundvoraussetzung fir de Succès vun der Elektromobilitéit. D'DP wäert dofir de landeswäiten Ausbau vu Luetstatiounen fërderen. Doriwwer eraus wäert d'DP de superreduzierten TVA-Taux vun 3% op elektresch Gefierer (E-Auto, E-Bike, Pedelec, elektresch Trottinetten etc) applizéieren, esoubal dës am Kader vun den europäesche Bestëmmungen erlaabt ass.

Covoiturage fërderen

Vill Automobiliste sëtze wärend dem Beruffstrafic eleng am Auto. Wa méi Leit zesummen an engem Auto géinge fueren, wiere vill manner Autoen op de Stroossen. D'DP wäert de Covoiturage op verschidde Busspuren erlaben. D'DP-gefouert Regierung huet eng Covoiturage-App opgemaach, fir d'Benotzer vu Matfuergeleeënheeten einfach mateneen a Verbindung ze bréngen. D'DP wäert d'Vernetzung vu Fuergemeinschaften ausbauen.

Carsharing-Offere mateneen vernetzen

Et gi méi Carsharing-Systemer hei am Land, déi et de Leit erméiglechen en Auto fir eng begrenzten Zäit auszeléien. Fir de Carsharing nach méi attraktiv ze maachen, wäert d'DP d'Bedreiwer vun dëse Systemer fir eng Zesummenaarbecht motivéieren. Denkbar wier z.B. fir déi verschidde Systemer an enger Carsharing-App ze regroupéieren an d'Parkplaze, déi fir déi Autoe virgesi sinn, ze deelen.

Méi bëlleg Taxien duerch komplett Liberaliséierung vum Marché

D'Taxisreform vun 2016, huet hiert Zil, fir Präisser vun den Taxië méi bëlleg ze maachen, verfeelt. D'DP huet schonn deemools an der Chamber gefuerdert, fir den Taxissektor komplett ze liberaliséieren an d'Taxislizenzen net méi ze begrenzen. Dofir wäerte mir d'Reform op deem Punkt nobesseren a jidderengem, deem eng Demande mécht an d'Kritären erfëllt, eng Taxislizenz ginn. Donieft wäert d'DP d'Andeelung a Regiounen ofschafen, esou datt all Taxischauffer Clienten aus dem ganze Land féiere kann. Mir erwaarden eis duerch dës Liberaliséierung méi eng héich Offer an esou och e verstärkten Drock op d'Präisser.

Gesetzleche Kader fir autonomt Fueren

Autonom Autoë kléngen nach no Zukunftsmusek, ma si sinn op ville Plaze schonn an der Testphase. D'DP wäert de gesetzleche Kader schafen, fir d'autonomt Fueren op eise Stroossen ze reglementéieren, esou datt mir prett sinn, wann d'technologesch Entwécklung esou Gefierer zouléisst. Och den Asaz vun Dronen, z.B. bei Rettungssätz, muss reglementéiert ginn.

Sport a Beweegung: E gesond Liewe fërderen

D'DP moosst dem Sport eng héich gesellschaftspolitesch Bedeitung zou. De Sport fërdert d'Gesondheet, vermëttelt Toleranz a Teamgeescht, hëlleft sozial Diskrepanzen z'iwwerwannen an ass e wichtege Integratiounsfaktor. Mir wëllen dës Bedeitung bei de Leit stäerken an de Breede-, Leeschtungs-, a Behënnertesport an deem Sënn fërderen.

Déi finanziell Ënnerstëtzung fir d'Jugendarbecht ass an der leschter Legislaturperiod ganz vill an d'Luucht gesat ginn. Mat der Aféierung vum „Subside Qualité Plus“ ass de Montant vun der Ënnerstëtzung u kloer Ausbildungskritäre vun de Trainere geknäppt ginn. Fir déi lokal Veräiner ass dës een zousätzlechen Ureiz, fir an eng qualitativ héichwäerteg Betreierung vun de jonke Sportler z'investéieren.

Nieft de Veräiner sinn och d'Sportsverbänn Piliere vum Lëtzebuerger Sport. Dës grouss Verantwortung gëtt dagdeeglech vun ee puer wéinege Fräiwëllege gedroen, ouni där hiren onermiddlechen Asaz keng Kompetitioun am Land méi kéint stattfannen. D'Federatioune stousse besonnesch bei den administrativen Uspréich un hir Grenzen. Mir wäerten dofir d'Sportsverbänn ënnerstëtzen, fir sech méi professionell opzestellen an d'Professionaliséierung vum Verbandssport an deem Sënn virundreiwen.

D'DP wëll och dem Bewegungsmanktem bei de Kanner konsequent entgéintwierken. De Manktem u kierperlecher Aktivitéit ass zu engem eeschte Problem vun de Famillje ginn. D'Konsequenze gi vun enger schlechter Fitness iwwer eng schlecht Kierperhaltung, bis zu enger schlechter Leeschtungsfäegkeet. Mir wäerten dofir d'Bewegungserzéiung, bannent a baussent vun der Schoul, extra ënnerstëtzen.

Laangfristeg 1 % vum Staatsbudget an de Sport investéieren

D'Gesondheitsfërderung an d'Krankheetspräventioun hunn hire Präis. D'DP wëll sech dofir an de kommende Joren dofir asetzen, fir de Budget vum Sportsministère laangfristeg op 1 % vum Staatsbudget z'erhéijen. D'Wuelbefanne vun der Gesellschaft ass eis dat Wäert. Dobäi solle virun allem zousätzlech finanziell Mëttel a Mesure géint de Bewegungsmanktem a fir de Breedessport investéiert ginn.

Dem Bewegungsmanktem bei klenger Kanner entgéintwierken

Klenger Kanner bewegen sech scho vun sech aus gären, et muss een hinne just d'Méiglechkeet dozou ginn. D'DP wäert dofir suergen, datt déi ënnerschiddlech Bildungsstrukturen (Schoulen, Maison Relais an aner Kannerbetrieungsstrukturen) genuch an adequat Raimlechkeeten hunn, fir datt d'Kanner sech kënne gär a fräi bewegen.

Mat Beweegung léieren: Projet „Beweegt Schoul“ ausbauen

cf. Kapitel Bildung: Fair Zukunftschancë fir eis Kanner

Bei der Trainerformatioun op Qualitéit setzen

D'Bewegungserzéiung fënnt net nëmmen an der Schoul statt. Och d'Trainer droen an de Sportsveräiner hir Verantwortung fir eng Fërderung vum Bewegungsapparat. Aus deem Grond wäert sech d'DP fir eng geziilt Fërderung vun der Trainerausbildung asetzen. D'Veräiner solle weider duerch Subsidien ënnerstëtzt ginn, wa si op qualifizéiert Trainer fir d'Betreierung vun de jonke Sportler zielen.

Sportsverbänn administrativ entlaaschten an d'Professionaliséierung virundreiwen

D'Sportsverbänn sinn d'Basis vum Lëtzebuerger Sportswiesen. Déi administrativ Uspréich an d'Aufgabe vun de Sportsverbänn si mat der Zäit gewuess. Fir datt d'Sportsfederatiounen net eleng op déi vill Aarbecht vun de Fräiwëllegen ziele mussen, wäert d'DP si konsequent administrativ entlaaschten an d'Professionaliséierung virundreiwen.

Leeschtings- a Spëtzesport fördern

Leeschtings- a Spëtzesport si wonnerbar Ambassadeuren an eng Visitekaart fir eist Land am Ausland. Si si gläichzäiteg en Ureiz an eng Erausforderung fir den Eenzelen an den Ausdrock vu Leeschtingswëllen an -fäegkeet vun der Gesellschaft. Mir stinn zum Konzept vun enger sougenannter „Dual Carrier“, duerch déi de Sportler säi Leeschtingssport a seng Ausbildung ka matenee verbannen. Doriwwer eraus sollen och Ureizer geschafe ginn, fir privat Entreprisë mat an d'Förderung vum Héichleeschtingssport anzebannen.

D'Ënnerstëtzung vum Behënnertesport steet genausou am Fokus vun eise Beméiungen. Déi formidable Leeschtingen an deem Beräich sinn net nëmmen eng Motivatioun fir d'Sportler, mä fir all d'Leit mat enger Behënnerung. D'DP wäert d'Sportler wieder ënnerstëtzen, fir datt si hire Sport barrièrefräi kënnen ausüben.

Sportförderungsprogramm vum COSL ëmsetzen

D'DP gesäit am sougenannten „Concept Intégré pour le sport au Grand-Duché du Luxembourg“ vum COSL eng wichteg a richtungsweisend Gesamtstrategie fir d'Förderung vun der Lëtzebuerger Sportlandschaft. Esouwuel den Olympia-Stützpunkt ewéi d'Förderung vun der „Dual Carrier“ oder déi méi professionell Ënnerstëtzung fir d'Sportsverbänn komme aus dem Förderekonzept. D'DP wäert déi Mesuren an Zesummenaarbecht mat alle betroffenen Institutiounen, Partner a Verbänn ëmsetzen.

De „Congé sportif“ evaluéieren

De „Congé sportif“ ka Spëtzesportler, sportlech Betreier an Arbitteren accordéiert ginn, fir un internationale Kompetitiounen deelzehuelen. D'DP wäert dës Zort vu Congé bilanzéieren an eventuell d'Dauer, d'Prozedur an d'Beneficiairen no transparente Kritären upassen.

Sport huet eng gesellschaftlech Virbildfunktoun

D'DP bekennt sech zu engem propperen, dopingfräie Spëtzen- a Breeddesport. Mir wäerten de Kampf géint den Dopping konsequent weiderféieren. Op déi nämmlecht Manéier wäerte mir Rassismus, Haass an Homophobie am Sport déi rout Kaart weisen an an alle Fäll op eng Null-Toleranz-Politik setzen.

Gesondheet a Sécurité sociale: e séieren Accès zu enger qualitativ héichwäerteger Medezin an d'sozial Systemer laangfristeg sécheren

An der Gesondheetspolitik leet d'DP de Fokus op e séieren Accès vun de Patienten zu enger qualitativ héichwäerteger Medezin. Gläichzäiteg huet fir d'DP déi laangfristeg Ofsécherung vum Gesondheets- a Rentensystem déi héchste Prioritéit.

An der aktueller Legislatur huet d'DP sech fir däitlech Verbesserungen am Gesondheetssystem agesat. Am Kader vum neie Spidolsplang huet d'DP beispillsweis fir eng regional flächendeckend Versuergung an eise Spideeler gesuergt. D'Offer u basismedezineschen Déngschter ass ausgebaut ginn. Doriwwer eraus hu mir eis fir e méi staarkt Matsproocherecht vun den Dokteren a vun der Personaldelegatioun an de Verwaltungsréit vun de Kliniken agesat. Opgrond vun héijen Iwwerschëss an der Gesondheetskeess konnten doriwwer eraus d'Leeschungen am Beräich vun der Zännmedezin ausgebaut ginn.

D'Leeschungen vum Lëtzebuerger Gesondheetssystem zielen zu den avantagéiste weltwäit a kënnen sech international weise loosse. D'DP gëtt sech domadder awer net zefriden a wäert de Gesondheetssystem weider verbessern. Besonnesch bei der Effikassitéit an der Transparenz ass am Gesondheetswiesen nach vill Loft no uewen. E Mangel un Datë bei de Qualitéitsstandarden, mëttelméisseg Qualitéitsdaten an en onverhältnisméisseg héijen administrativen Opwand maachen de Wee hin zu neien, innovativen an besoinsorientéierte Betreuungskonzepter an der Medezin an an der Fleeg méi schwéier. D'DP wäert sech dofir staarkmaachen, datt voll besate Waardezëmmer an der Urgence a méintelaang Waardezäite fir en IRM oder e CT-Scan net méi virkommen.

Opgrond vun der demographescher Entwécklung an enger Liewenserwaardung, déi ëmmer méi an d'Luucht geet, waarden déi nächst Joren nei Erausforderungen op d'Gesondheetswiesen. De Gesondheetssystem wäert an Zukunft mat Sécherheet méi staark an Usproch geholl ginn an deemno och méi deier ginn. Fir eng flächendeckend, éischtklasseg Patienterversuergung unzebidden, wäerte mir an Zukunft méi geziilt a méi effikass an eise Gesondheetssystem investéieren. D'DP wäert dofir besonnesch op d'Méiglechkeete vun der Digitaliséierung zeréckgräifen. Ganz nom Motto: „Virsuerg ass déi beschte Medezin“, wäerte mir däitlech Moyenen an d'Gesondheetspreventioun an an -fërderung investéieren.

Wat de Gesondheets- a Rentensystem concernéiert, steet d'DP zum Prinzip vun der Generatiounengerechtkeet. Déi aktuell Situatioun vun de Sozialversécherungssystemer ass gesond. Lëtzebuerg huet den Ament Pensiounsreserven an Héicht vu bal deem 4,5fache vun den Depense pro Joer. D'DP wäert reegelméisseg d'Situatioun evaluéieren, fir direkt op Fluktuationen reagéieren ze kënnen.

Gesondheet

Digital Gesondheetskaart aféieren

D'DP schwätzt sech fir d'Aféiere vun enger digitaler Gesondheetskaart aus. Dës wäert an Zukunft net nëmme wichteg Informatiounen fir de Patient späicheren, mee och e vereinfachte Bezuelssystem fir Dokteschrechnungen mat sech bréngen. Doriwwer eraus wäert et zu méi Transparenz an der Medikatioun vu Patienten kommen, duerch d'Méiglechkeet fir elektronesch

Rezepter ausstellen. Dëst dréit dozou bäi, datt geféierlech Wiesselwierkungen an Medikamentemëssbrauch kënnen besser verhënnert ginn.

Präventioun a Fréierkennung fërderen

D'DP well déi medezinesch Preventioun an d'Fréierkennung vu Krankheeten am Kader vun enger nationaler Gesamtstrategie fërderen. Engersäits wëlle mir duerch Sensibiliséierungscampagnen e gesondheetsbewosst Liewen a Schaffe fërderen, an anerersäits awer och d'Fréidiagnostik a -behandlung. Mir leeën an dësem Zesummenhang och vill Wäert op schoulmedezinesch Déngschter, déi gesondheetlech a psychesch Problemer bei Kanner duerch Virënnersichunge beim Kannerdokter fréizäiteg erkenne sollen.

Lëtzebuergesch-Coursen am Gesondheetswiese fërderen an ausbauen

Grad bei engem Openthalt an der Klinik, deen de Patient jo scho genuch belaauscht, ass et fir verschidde Leit schwier, sech an enger friemer Sprooch auszudrécken. Besonnesch déi vill medezinesch Begrëffer kënnen zu Verständnegungsproblemer tëschent Patient a Flegepersonal féieren. D'DP wäert dofir d'Offer u Lëtzebuergesch-Coursen am Gesondheetswiese virundreiwen, fir d'Kommunikatioun tëschent Patient a Personal ze verbessern. Doriwwer eraus soll eng Persoun, déi Lëtzebuergesch schwätzt zur Verfügung stoen, fir eventuell Verständnegungsproblemer iwwerwannen ze kënnen. Mir wäerten och dee vum DP-gefëierte Kulturministère zesummegeallten Online-Dictionnaire fir medezinesch Begrëffer „med.lod.lu“ weider fërderen.

Waardezäit fir IRM-Ënnersichung verkierzen

Eng Waardezäit vu 4 bis 6 Méint fir eng IRM-Ënnersichung ass keng Seelenheet zu Lëtzebuerg. Patiente loossen sech esouguer stationär behandelen oder ginn a Kliniken an der Grenzregioun, fir méi séier un e Rendezvous ze kommen. Déi DP-gefëiert Regierung huet kierzlech dem Kaf vu 4 neien IRM-Apparaten zougestëmmt. Dës nei Apparater sollen den neisten techneschen Normen entsprechen a villsäiteg asetzbar sinn. Mir wäerten doriwwer eraus préiwen, a wéi wäit méi laang deeglech Betribszäiten d'Waardezäiten an de Kliniken kënnen zousätzlech erfisetzen.

Telemedezin ausbauen

D'Telemedezin wäert an Zukunft eng wichteg Roll am gesondheetleche Versuergungssystem spillen. D'Iwwerdroung vu medezinesche Biller fir eng Ferndiagnostik (Telepathologie) ze maachen, Home-Monitoring vu Patienten, Tele-Formatioun: d'Méiglechkeete vun der Telemedezin si villfälteg. Mir wëllen eng flächendeckend Applicatioun vun dëser Technologie an domadder eng besser, méi effikass a méi flexibel Versuergung vun de Patiente garantéieren.

Medezinesch Versuergung am ländleche Raum stäerken

D'DP wäert dofir suergen, datt d'Opmaache vun enger eegener Praxis fir Hausdokteren a Spezialiste méi attraktiv gëtt. Besonnesch am ländleche Raum sinn Dokteschcabineten d'Basis fir eng flächendeckend, no an héichwäerteg ambulant Versuergung. Och duerch déi demographesch Entwécklung an de méi groussen Undeel un eelere Patiente gëtt eng gutt Offer an deem Beräich gebraucht. Mir wäerten dofir de Fonctionnement an déi geographesch Lag vun de Maisons médicales op hiren Notzen iwwerpréiwen an deemno wéi upassen. Doriwwer eraus wëlle mir d'Grënnung vu Gemeinschaftspraxissen duerch finanziell Ureizer méi staark fërderen. Dës wäerten duerch flexibel Ëffnungszäiten eng besser Versuergung vum Patient sécherstellen.

Gesondheetsversuergung doheem fërderen

Doheem fillt een sech am Beschten. Dëst trefft och bei der Gesondheetsvirsuerg zou. Ëmmer méi Mënschen am héijen Alter, mat chronesche Krankheeten oder permanente Behënnerungen,

wëllen doheem wunne bleiwen. Mir wäerten d'Gesondheitsvirsuerg an deem Sënn upassen an en Out-of-hospital-Aktiounsplang ausschaffen, fir et dem Patient méiglech ze maachen a bekannter Ëmgéigend wunnen ze bleiwen an nawell eng Opsiicht duerch en Dokter a Fleegeer ze hunn.

Remboursement am Fall vu Liewensmëttelallergien iwwerpräiwen

Glutefräi, laktosefräi, fructoseaarem – An de Supermarché ze goen ass fir vill Allergiker net ëmmer einfach. Hire Kierper reagiert op bestëmmte Liewensmëttel iwwerempfindlech, wat am schëllemste Fall liewesgefëierlech ka ginn. Well vill traditionell Liewensmëttel duerch speziell Produiten ersat gi mussen, mussen net nëmmen d'Liewensmëttel bewosst erausgesicht ginn, mee et féiert och zu substantielle Méikäschten. D'DP wäert präiwen a wéi wäit, de Remboursement vun dese Méikäschten duerch d'Gesondheitskeess de Besoine vun den Allergiker entsprécht an wäert des Montanten deemno wéi eropsetzen. Doriwwer eraus wäert d'DP déi administrativ Prozedur fir e Remboursement präiwen an eventuell vereinfachen.

Kloerheet bei de Patienteverfügungen a bei den Organspende schafen

De Mënsch huet d'Recht op selbstbestëmmten Entscheedungen, zu deenen och d'Decisioun iwwer dat eegent Liewensenn gehéiert. De Wëlle vum Patient huet an dese Fäll iewescht Prioritéit. Eventuell Verfügungen oder den Accord fir eng Organspende sollen onbedéngt op déi perséinlech digital Gesondheitskaart gespäichert ginn. Dës féiert zu méi Kloerheet am Fall vum Doud vun engem Patient a stellt d'Famill an deser traureger Situatioun net och nach virun eng schwiereg Decisioun. D'DP steet zum Prinzip, datt all Bierger e potenziellen Organspender ass, et sief dann, en hätt sech zu Liefzäite schréftlech anescht manifestéiert. Doriwwer eraus wäerte mir mat cibléierten Informatiounscampagnë versichen méiglech Viruerteeler an der Bevëlkerung géint iwwer vun Organspenden opzeklären.

Entsiedegungsfont fir „aléa thérapeutique“ aféieren

D'DP wäert direkt en ëffentleche Font fir Entsiedegungen am Fall vun Tëschefäll schafen, bei deene kee Feelverhale vun de Gesondheitsdénagschtleeschter virläit („aléa thérapeutique“). D'Rechter vun de Patiente ginn domadder gestärkt. De Font soll Patienten entsiedegen, bei deene während der Behandlung en Accident geschitt ass, deen e Geriicht net op en zivilrechtleche Feeler zeréckféiert.

Ausbau vun de Medezinsstudien hei am Land bewäerten

cf. Kapitel Héichschoul

Ausbildung a Beruff vum Krankfleegepersonal opwäerten

Opgrond vun enger Liewenserwaardung, déi klëmmt wäert d'Zuel vun eeleren a fleegebedierftege Mënschen an de nächste Joren däitlech eropgoen. Fir engem zukünftege Mangel u qualifiziertem Fleegepersonal entgéintzewierken, wäert d'DP de Berufsstand opwäerten an d'Ausbildung fir zukünfteg Krankfleegeer méi attraktiv gestalten. Mir wäerte Bachelor- a Masterstudie fërderen an d'Kompetenze vun de Fleegefachleit deementspriedend erweideren.

Dokteren a Fleegepersonal weiderbilden

Weiderbildung ass en integrale Bestanddeel vun dem Doktesch- a Fleegeberuff an eng wichteg Sail vun der Qualitéitssécherung. D'DP schwätzt sech fir eng obligatoresch a kontinuéierlech Weiderbildung vun den Dokteren an dem Fleegepersonal aus. Déi genee Konditiounen musse mat de betraffene Berufsständ verhandelt ginn.

Zäitopwand fir administrativ Tâchë reduzéieren

An de Fleegeberuffer muss de Mënsch am Mëttelpunkt stoen an net d'Bürokratie. D'DP wäert den Opwand fir d'Administratioun an d'Dokumentéieren an de Fleegeberuffer reduzéieren, esouwuel bei der stationärer ewéi och bei der ambulanten Versuergung. Domadder wäert d'Fleegepersonal erëm méi Zäit fir d'Patienten hunn. Eng Léisung bitt hei eng konsequent Notzung vun digitalen Hëllefsmëttelen.

„Programme de recherche en nursing“ (PRN) ofschafen

D'DP wäert de „Programme de recherche en nursing“ ofschafen. Duerch déi permanent Berechnung vun de Personalkäschten an deem domadder verbonnenen administrativen Opwand, bleibt de Krankefleeger ëmmer manner Zäit fir de mënschleche Kontakt mam Patient. Doriwwer eraus sinn d'Spideeler haut schonn a punkto Fleegepersonal chronesch ënnerbesat. Wéinst der demographescher Entwécklung an enger Liewenserwaardung, déi klëmmt wäert sech d'Situatioun an den nächste Jore verschlëmmen. Fir weiderhin eng beschtméiglechst Patienterversuergung ze garantéieren, brauche mir all eenzele Krankefleeger do, wou en am meeschte gebraucht gëtt: an der Statioun beim Patient.

Konzept vum Referenzdokter bewäerten

De Referenzdokter soll de Patient am Beschte kennen a bei gesondheetleche Problemer den éischten USPriedhpartner sinn. De Modell vum Referenzdokter huet sech allerdéngs knapp 6 Joer no senger Aféierung net duerchsetze kënnen. Esouwuel d'Unzuel vun de Versécherten ewéi och d'Dokteren, déi dorunner deelhuelen ass éischter enttäuschend. D'DP wäert de Konzept dofir bilanzéieren, op säin Notzen hin iwwerpräiwen an deemno wéi upassen.

Budgetiséierung no Qualitéit amplaz no Quantitéit

D'DP wäert eng leeschtungsabhängeg Budgetiséierung vun de Kliniken no klore, transparente Qualitéitskritären aféieren. Amplaz de Kliniken e globale Budget ze ginn, wäerte mir de Budget no der prestéierter Leeschtung an no klore Kritäre berechnen. Dëst erlaabt et an alle Kliniken eng käschteneffizient medezinesch Qualitéit sécherzestellen.

Depensen, déi dës Kritären net entsprechen, sollen an Zukunft net méi vun der Gesondheetskeess iwwerholl ginn.

Zentralen Informatiks- an Informatiounssystem aféieren

Den Ament gëtt et zu Lëtzebuerg keen eenheetleche System, deem d'Daten am Gesondheitswiese verschafft. Kliniken, Dokteschcabineten, Apdikten an Laboratoire si weder ënnereneen, nach mat der Gesondheitskeess vernetzt. Dat ass weder käschteneffizient, nach transparent a kann, am schlémmste Fall, esouguer Mënscheliwe kaschten.

D'P wäert dofir suergen, dass dat medezinescht Personal landeswäit iwwer en eenheetlechen Informatiounssystem verfüügt, op deem all déi relevant Daten an Diagnose vum Patient drop sinn. D'Käschten- an d'Zäiteffizienz gëtt verbessert. Dëst huet de Virdeel, dass net nëmmen Abusen agegrenzt ginn, mee och versuergungswëssenschaftlech Daten effizient opgeschafft kënnen ginn. Datschutz an Datsécherheet hunn hei déi héchste Prioritéit a ginn duerch gesetzlech an technesch Mesurë séchergestallt.

Qualitéits- a Käschteneffizienz vun de Spideeler duerch Synergie förderen

Spideeler gehéieren ouni Zweiwel zu de wichtegste Piliere vun eisem Gesondheitswiesen. Bei der aktueller Entwécklung vun de Spidolskäschten müssen awer nei Weeër fonnt ginn, fir d'Finanzéierung ze garantéieren an domadder kënnen mat enger héichwäerteger Versuergung vun de Patienten virunzefueren.

Fir eng besser Qualitéits- a Käschteneffizienz ze erreechen, wäert d'DP bestëmmte Servicer vun de Spideeler zentral organiséieren an eventuell zesummeleeën. Dozou gehéieren op alle Fall déi ganz Informatik, d'Hygiens- a Sterilisatiounsservicer, d'Qualitéitskontroll, d'Aus- a Weiterbildung an d'Laboratoiren. Et soll och zu enger Standardiséierung vun all de medezinesche Prozedure kommen, déi sech soll no international unerkannte Kritäre riichten.

Spezialisatioun puschen

Net all Spidol kann all méiglech Operationen an Therapien ubidden. D'DP wëll dofir d'Spezialisatioun an de Spideeler ënnerstëtzen. Dofir wäerte mir d'Schafe vu Kompetenzreseauen tëschent de Spideeler respektiv Expertenequipe fërderen. Dozou gehéiert och d'Iddi vun engem nationalen Onkologiezenter an d'Behandlung an d'Betreiung vu rare Krankheeten.

Doriwwer eraus wäerte mir d'Patientebetreiung bei Reha-, Erhuelung- oder soss Kure verbessern, déi vum Dokter verschriwwen ginn. Domadder kann d'Durée vum Patient am Spidol verkierzt ginn.

All de spezialiséierten Dokteren den Zougang zu den nationale Kompetenzzentren erméiglechen

D'DP wäert all de Spezialisten Accès zur Infrastruktur vun den nationale Kompetenzzentren bidden. Doduercher kënnen déi medezinesch Apparater besser ausgelascht ginn an d'Patienten uechter d'ganz Land kënnen besser versuergt ginn.

D'Sitë vun de regionalen Urgencen ofsécheren an ausbauen

A liewesgeféierleche Situatiounen sollen d'Patienten net musse wäit fuere mussen. D'DP wäert d'Site vun de regionalen Urgencen an de Spideeler zu Wolz an zu Nidderkuer, an och an der Zitha an der Stad, laangfristeg garantéieren. D'DP wäert esouguer dofir suergen, datt am Oste vum Land en neit Urgence-Spidol dobäi kënnt. Esou e Schrëtt wäert déi gréisser Spideeler entlaaschten a gläichzäiteg d'Noutversuergung vun de Leit an de Stied an uechter d'Land verbessern.

De SAMU muss op de Leescht geholl ginn

Den neie CGDIS („Corps grand-ducal d'incendie et de secours“) huet de SAMU un d'Administratioun vun de Rettungsdéngschter ugeglicdert. Et bleift nach ëmmer bei 3 SAMUen fir d'ganz Land. Dat ass e potentielle Risiko, besonnesch fir Leit, déi nuets an iwwer Land eng Urgence hunn. Mir wëllen dofir d'SAMU-Unitéiten net nëmmen an de Spideeler mat den Urgence loossen, ma och kucken, awéiwäit zousätzlech SAMUen am Zentrum an iwwer Land géinge Sënn maachen.

D'Geriatric verstärken

Fir datt aus der héijer Altersmoyenne zu Lëtzebuerg och e Plus u gudden an aktive Joren am Alter gëtt, kënnt et fir d'DP drop un, gesond ze bleiwen oder am Krankheitsfall erëm séier op d'Been ze kommen. D'DP setzt hei op eng Stärkung vun den altersspezifischen Diagnosen an Traitementen. Mir wëllen och méi spezialiséiert Infirmiere fir d'Geriatric forméieren.

Mënsche mat e puer Krankheete gläichzäiteg, besser ophuelen a versuergen

D'DP wäert dofir suergen, datt d'Strukturen an d'Infrastrukturen an de Spideeler de Besoine vun de Leit mat e puer Krankheete besser ugepasst gëtt. Demenzkrank Leit, déi sech d'Hëft briechen, brauchen z.B. net nëmmen eng Behandlung vum deem Broch, ma och eng spezifesch Behandlung op Demenz. D'DP wäert dofir systematesch multidisziplinär Equipen an den Urgencen asetzen. Mir wëllen adaptéiert Strukturen an Ofleef an de Spideeler fërderen, z.B. eng séier Prise en charge mat weidere „Rooming-in“-Méiglechkeete fir d'Famill oder Frënn.

Am Kader vun enger Reform vun der Tutelle wëlle mir de betraffene Patienten en onbürokrateschen a séieren Accès zu all de noutwennege Behandlungen garantéieren.

Privatioun vun der Fräiheet bei demenzkranke Leit ganz streng reegelen

Esou Mesure bei der Betreierung an der Behandlung vun demenzkranke Patienten si ganz sensibel. D'Dokteren, d'Famill an d'Flegepersonal stinn dobäi ëmmer erëm virun etheschen a juristeschen Dilemmaen tëscht de Rechten an der Protektioun vun deene Leit (z.B. Gitter fir d'Bett bei engem héije Risiko, datt de Patient aus dem Bett fält). D'DP wëll an deem Beräich fir Rechtssécherheet suergen a fir kloer Linnen am Interesse vun alle Bedeelegten.

Schmerzlinik („Clinique de la douleur“) schaffen

D'DP wäert ganz staark an der Lutte géint chronesch Péng aktiv ginn. Déi aktuell Programmer géint d'Péng mussen séier ugepasst an duerno ëmgewandelt ginn. Mir wäerten eng Schmerzlinik („Clinique de la douleur“) opmaachen, wou d'Patienten eng fachgerecht a multi-disciplinaire Therapie géint d'Péng kënne kréien.

Cannabis fir medezinesch Zwecker notzen

De Cannabis an der Medezin huet eng Joerdausenden al Traditioun. D'Regierung huet viru kuerzem decidéiert, fir de Cannabis – ënner bestëmmte Konditiounen – an der Therapie géint d'Péng z'erlaben. An enger éischter Phase sollen d'Cannabis-Präparate fir Patienten mat chronischen Erkrankungen mat vill Péng reservéiert sinn, bei deene soss Mëtzel net wierken. D'DP wäert déi zwéi Joer laang Testphas ofwaarden, fir méi iwwert d'Méiglechkeeten an d'Wirkungen vum „medezinesche Cannabis“ gewuer ze ginn. Grundsätzlech sti mir positiv zum Ausbau vun de Méiglechkeeten vum medezinesche Cannabis.

Doriwwer eraus schwätzt d'DP sech och fir d'Méiglechkeet vun enger allgemenger, staatelech kontrollierter Ausgab vu Cannabis un Erwaussener aus. Et muss awer drop ugepasst ginn, datt doduercher d'Consumptioun vun Drogen, och vun Alkohol, net verharmloost gëtt.

Palliativ Struktur fir Kanner

Fir de leschte Wee am Liewe vu schwéierkranke Kanner esou léif wéi méiglech ze halen, wëll d'DP kucken, ob et méiglech ass, fir déi palliativ Strukturen an d'Besoinen vun de Kanner unzepassen. Mir wëllen och Aus- a Weiderbildungen an deem Beräich ënnerstëtzen.

Transparent Kontrollkriterien a kloer Qualitätsnormen aféieren

Mir wäerten eng onofhängeg, extern Prüfinstanz domadder beoptragen, fir déi medezinesch Qualitéit vun all de Services ze kontrolléieren. Dës Mesure soll d'Qualitéit an d'Transparenz vun der Flieg verbesseren an eventuell Mängel opdecken.

D'CNS an de Gesondheitsministère solle Programmer fir systematesch Qualitätskontrollen aféieren an déi Resultater och publizéieren. Dat gëllt och fir Statistiken iwwer d'Zuel vun de Behandlungen an all Spidol.

D'Effikassitéit vun der Gesondheitskeess verbessern

D'DP wëll d'Verwaltung vun der Gesondheitskeess grundleeënd reforméieren an en Audit iwwert de Fonctionnement vun der CNS maachen loossen. Mir wëllen d'Effikassitéit vun der CNS verbesseren. An deem Beräich ka vill duerch d'Digitaliséierung verbessert ginn. Eng éierlech, pointéiert a wirksam Kontroll vum „Contrôle médical“ vun der Sozialkeess a vun der CNS wäert d'Qualitéit vun de Services verbesseren, fir substantiell Aspierungen suergen an eventuell Mëssbräich reduzéieren.

D'Nomenclature grondleeënd iwverschaffen

Déi schwéierfällég Prozedure musse séier vereinfacht ginn. En vue vun der haiteger Entwécklung vun der Medezin wëll d'DP d'Nomenclature vun de medezineschen a vun den zänn-medezinesche Behandlungen grondsätzlech iwverschaffen an duerno méi dacks upassen. Mir wäerten och d'Anticumulregele vun Traitementer iwverpräiwen an eventuell entschärfen.

Doriwwer eraus wëll d'DP, datt d'basis-medezinesch Aktivitéiten, d'Garden an den Nuetsdénsgscht besser bezuelt ginn. Als Géigeleeschtung an an Zesummenaarbecht mat de betroffenen Interessegruppen, wëlle mir de Supplement fir d'„1-Klass“ ofschafen.

Upassung vun der Fleegeversécherung am Sënn vun de Patienten

cf. Kapitel Gesellschaftlecht Zesummeliwwen: oppen, tolerant, solidaresch an inklusiv

Liberal Infirmieren ënnerstëtzen

D'DP wëll de fräiberufflechen Infirmieren d'Méiglechkeet ginn, fir hir Servicer méi an der Betreuung vun de Leit doheem unzébidden, andeems déi fleegebedierfeg Patienten net automatesch mussen eng Krankefleeg iwwert e Réseau an Ussproch huelen

Den „Tiers payant“ iwwerdenken a méi flexibel halen

D'DP ass dovunner iwverzeegt, datt de System vum „Tiers payant“ muss ganz neutral op de Leescht geholl ginn. D'geet dobäi besonnesch drëms, fir d'Käschte vun de Patienten ze reduzéieren an d'Prozedur fir de Remboursement duerch d'CNS méi einfach a méi séier ze maachen. Déi genee Modalitéite musse mat all den Acteuren, also den Dokterinnen, der Gesondheitskeess an der Patientevertriebung verhandelt ginn.

D'Collaboratioun tëschent de Recherchezentere am Santéberäich förderen

D'DP wäert d'Zesummenaarbecht vun den ënnerschiddleche Fuerschungsinstituter (Luxembourg Institute of Health (LIH), Luxembourg Centre for Systems Biomedicine (LCSB), Integrated Biobank of Luxembourg (IBBL)) a vun der Uni Lëtzebuerg ënnerstëtzen. Domadder kënnen déi ëffentlech Gelder méi effikass genotzt ginn. Ma virun allem erhéicht dat d'Qualitéit an den Echange vu wëssenschaftleche Resultater.

Kaderbedéngunge fir déi bioethesch Recherche schafen

D'DP wäert e Kadergesetz ausschaffen, fir eng progressiv, bioethesch Fuerschung ze reglementéieren. Mir brauchen eng passend Legislatioun fir déi medezinesch-technesch Bedingunge vun der Fuerschung, d'Qualifikatioun vun de Medeziner, d'Rechtslag am Kontext mat de Fortpflanzungszellen an den Embryodaten an d'Notzung vun den Embryoen, déi ze vill sinn, zu wëssenschaftlechen Zwecker.

Sozial Sécherheet

D'Situatioun vun de Renten all 3 Joer iwverpräiwen

Am Verglach mat eisen Nopeschlänner ass d'Altersarmut zu Lëtzebuerg relativ seelen. Dorobber kënne mir houfreg sinn. A fir datt dat esou bleift, wäerten d'Pensiounen mat der DP an der Regierung weider op engem héije Niveau bleiwen. Eise Rentensystem ass finanziell gesond an d'Reserve sinn op Rekordniveau, dofir besteet keng Ursaach fir d'Renten ze kierzen. D'Regierung huet virgesinn, fir d'Situatioun all 3 Joer op de Leescht ze huelen. Mir wëllen dee Rhythmus bäibehalen, fir séier op nei Situatiounen kënnen ze reagéieren.

D'Generatiounengerechtkeet bäibehalen

D'DP wëll, datt déi kommend Generatiounen och kënne vun enger sécherer Pensioun ausgoen. Den Ament gesi mir keng Problemer fir d'Zukunft vum System. Während de leschte fënnf Joer

sinn d'Reserve vun der Pensiounskeess weider an d'Luucht gaangen. D'DP wäert d'Entwécklung vun de Bäiträg op där enger Säit a vun den ausbezuelte Pensiounen op där anerer Säit genoe am A behalen. Wann et muss sinn, da kënne mer esou déi néideg Upassunge maachen, fir datt de System och nach fir déi kommend Generatiounen garantéiert bleift.

Méi flexibel Schaffen am Alter erméiglechen

D'DP wäert de legale Pensiounsalter vu 65 Joer net erhéijen. Mir wëllen allerdéngs, datt déi Leit, déi duerno nach schaffen kënnen an nach schaffen wëllen, och d'Méiglechkeet kréien, fir méi spéit oder just zum Deel an d'Pensioun ze goen. D'DP wäert dofir déi aarbechts- a steierrechtlech Reegelen kucken an iwwerschaffen, fir datt déi concernéiert Leit an hir Patrone kënnen zesummen eng Léisung fannen. Mir wëllen si dobäi ënnerstëtzen, fir datt de gesetzlechen an de reelle Pensiounsalter sech méi no kommen.

Betrib- a Privatpensioun ënnerstëtzen

D'Ofsicherung am Alter fousst zu Lëtzebuerg op dräi Saken: op der gesetzlecher Pensiounsversicherung, op der betriblecher an op der privater. D'DP wäert dofir suergen, datt déi gesetzlech Rentenversicherung den Haaptpillier vum System bleift. Fir d'Ofhängegkeet vum generatiounsiwwergräifende System méi kleng ze halen, muss an Zukunft méi op déi zweet an déi drëtt Säit zeréckgegraff ginn. D'DP wäert dës zwou Ergänzungen weider ënnerstëtzen an eventuell méi Ureizer dofir schaffen.

Rechtlech Barrière fir de Rentensplitting eliminéieren

D'DP-gefouert Regierung wollt de Rentensplitting schonn an dëser Legislaturperiod aféieren. Dat ass awer wéinst rechtleche Barrieren näischt ginn. D'DP wëll déi Barrieren elo aus dem Wee räumen an dofir suergen, datt Koppelen an Zukunft kënnen op de Splitting zeréckgräifen. Mir wäerten och d'Individualiséierung vum Rentensystem an d'Aféierung vun enger obligatorescher Versicherung préiwen, och während Ënnerbriechungen vun der beruflecher Carrière.

Staat an ëffentlechen Déngscht: modern an effizient

Eng modern an effizient ëffentlech Administratioun vun de kuerze Weeër ass e wichtege Bestanddeel vum Erfollegsmooll Lëtzebuerg an dréit zu der Kompetitivitéit an der Attraktivitéit vun eisem Land bäi. Am Laf vun de leschte fënnef Joer ass den ëffentlechen Déngscht gestärkt ginn, andeems eng sëllege nei Plaz bäikomm sinn. Domadder ass der deels chronesch Ënnerbesetzung an de verschiddenen Administratiounen entgéintgewierkt ginn.

Fir DP ass et vun nationaler Wichtigkeet, dass Lëtzebuerg och an Zukunft op kompetent, gutt ausgebildeten a motivéierten Fonctionnaires am ëffentlechen Déngscht zeréckgräife kann. D'DP wäert d'Moderniséierung an d'Digitaliséierung vum Staat virundreiwen. Dobäi si fir d'DP den Dialog mam Bierger, d'Transparenz an d'Effikassitéit wichteg Piliere vun engem moderne Staat. D'DP huet d'Zil, dass Lëtzebuerg déi modernsten, biergerfrëndlechesten a digitalsten Verwaltung an Europa kritt.

Eng Offensiv am ëffentlechen Déngscht starten

D'DP huet d'Zil fir d'berufflech Carrièren am ëffentlechen Déngscht méi attraktiv an ofwieslungsräich ze maachen. D'Reform vun der CSV-LSAP-Virgängerregierung huet sech deels als kontraproduktiv erausgestallt, virun allem am Beräich vun der Formatioun an der Längt vum Stage. D'DP-gefuert Regierung huet dofir d'Stagezäit fir déi zukünftige Fonctionnaire vum dräi op zwee Joer erofgesat. Fir DP soll des verkierzte Stagezäit an Zukunft fir eng perséinlech Formatioun genotzt ginn, déi op de Kandidat ofgestëmmt ass. Dobäi sollen d'Kompetenzen, déi an der initialer Formatioun schonns vermëttelt goufen, méi staark berücksichtegt ginn. Fir d'DP setzt dëst eng Reform vum INAP (Institut national d'administration publique) viraus, fir d'Bildungsoffer z'erweideren an ze verdéiwen. D'DP setzt sech och fir eng „Ecole d'Administration“ an, déi als weiderféierend Schoul an enger Zesummenaarbecht mat bestoende Bildungsinstitutiounen soll en Diplom ubidden, fir Beamten op hir Carrière am ëffentlechen Déngscht ze preparéieren.

Keng Sozialbäiträg op den Iwwerstonnen

cf. Kapital Aarbecht: Beruff a Privatliewe matenaner verbannen

De Sozialdialog am ëffentlechen Déngscht ënnerhalen

D'DP wäert all d'Moossnamen, déi gréisser Auswierkungen op de Fonctionnairesstatut an d'Organisatioun vun der Administratioun hunn, mat der zoustänneger national repräsentativer Beruffsorganisatioun verhandelen. D'DP ass der Meenung, dass eng Administratioun nëmme gutt ka fonctionnéieren, wann e permanenten Dialog mat de Fonctionnaire stattfënnt.

Wiessel tëschent Privatsecteur an ëffentlechem Déngscht méi attraktiv maachen

D'DP ass der Meenung, dass Leit, déi aus der Privatwirtschaft an den ëffentlechen Déngscht wiesselen, d'Beruffsjoeren, déi si bei engem private Patron geschafft hunn, an hirer Fonctionnaireskarriär integral mussen unerkannt kréien.

Méi Ausbildungsplazen am ëffentlechen Déngscht schafen

De Staat stellt vill Leit mat enger Beruffsausbildung an. D'DP ass der Meenung, dass de Staat och als Patron eng Responsabilitéit huet, fir dozou bäizedoen, dass jonk Leit eng Beruffsausbildung kréien. D'DP wäert dofir suergen, dass am ëffentlechen Déngscht d'Zuel un Ausbildungsplazen dem reelle Besoin u Fachleit entsprécht.

Administrativ Prozedure vereinfachen

D'DP wäert d'Initiativ „Einfach Lëtzebuerg“ weiderentwéckelen, fir déi administrativ Prozedure méi Biergero ze maachen. De betraffene Bierger ka selwer am Beschten d'Effikassitéit vu Prozedure beuerteelen. Dofir wäert d'DP déi administrativ Prozeduren an engem breede Biergerbedeelegungsprozess grondleeënd iwwerpräiwen an am Sënn vum Bierger adaptéieren. All déi administrativ Prozedure wäerten op hir Effikassitéit a Komplexitéit iwwerpräift ginn a wann néideg vereinfacht ginn. Dobäi soll och iwwerpräift ginn, a wéi wäit, de Prinzip „le silence de l'administration vaut accord“ agefouert ka ginn. Ausserdeem soll verhënnert ginn, datt déi selwecht Informatioun méi ewéi eng Kéier gefrot gëtt, och wa méi Administratioun mam Dossier befaasst sinn (Tell-us-once-Prinzip).

Digital Administratioun ëmsetzen

D'DP wëll all Aarbechtsschrëtt vun den ëffentlechen Administratiounen souwuel ënnerteneen ewéi och am Kontakt mam Bierger an de Betriber bis 2023 digitaliséieren. All Kontakt tëscht Staat an Drëtte muss online méiglech sinn. Fir onnéideg administrativ Weeër ze verhënnere, setzt sech d'DP dofir an, datt den Echange vu schonn agerechten Ënnerlage funktionéiert. D'administrativ Weeër fir Grënner vu Betriber mussen esouwäit erofgesat ginn, datt eng Grënnung bannent engem Wochendag an och online méiglech ass. Souwuel d'Bierger ewéi och d'Betriber sollen zu all Ament iwwer en Tracking-System doriwwer informéiert ginn, wou hir Demande drun ass an a wem säin Zoustännegkeetsberäich si fält.

Den DP-gefëierte Konsumenteschutzministère huet doriwwer eraus e Pilotprojet lancéiert, fir Froen am Beräich vum Konsumenteschutz online iwwer „Chatbots“ ze beäntweren. D'DP wäert dëse System och an anere Beräicher applizéieren, dat an Zesummenaarbecht mat Guichet.lu.

Kommunizéieren ouni Barrière duerch déi einfach Sprooch („leichte Sprache“)

D'Bierger sollen d'Recht hunn, wichteg Informatiounen, déi si vun Administratiounen matgedeelt kréien, och ze verstoen. Dofir wäert d'DP sech dofir asetzen, datt dës Informatiounen net nëmmen a méi Sproochen, mee op Nofro hinn och an der sougenanntener „leichte Sprache“ kommunizéiert ka ginn.

Constitutioun, Justiz a Sécherheet: e friddlecht a gesellschaftlecht Matenaner fërderen

D'Demokratie brauch staark Institutiounen an e kloert Reegewierk am Interessi vun alle Bierger an zum Schutz vun all Eenzen. De SREL-Skandal huet 2013 d'Vetrauen an de Staat an a seng Institutiounen grondleeënd un d'Wackele bruecht an huet schlussendlech zu virgezunne Wale gefouert. D'DP huet an hirer Regierungsverantwortung déi néideg Impulser ginn, fir dat verluerent Vertrauen erëmhierzestellen. De Geheimdénsgscht gouf grondleeënd reforméiert an d'Kontroll vu sengen Aktivitéiten daitlech verstärkt.

D'Chamber, d'Regierung an de Staatsrot hu sech an der lafender Legislaturperiode kloer Behuel- an Transparenzreegele ginn. En Deontologieskodex verflucht beispillsweis zur Verëffentlechung vu finanzielle Participatiounen a vu beruflechen Aktivitéite fir esou virun Interessekonflikter virzebeugen. An der zoustänneger Chamberkommissioun gouf iwwregens d'Reform vun eiser Constitutioun ofgeschloss, esou datt kuerz no de Chamberwale am Hierscht kann an engem Referendum iwwert de Verfassungstext ofgestëmmt ginn.

Am Kampf géint den Terrorismus huet d'DP-gefouert Regierung e Gesetz fir eng méi effizient Terrorbekämpfung ëmgesat. D'Kompetenze vun der Police a vun der Justiz am Fall vun enger Terrorbekämpfung an enger Gefor fir déi national Sécherheet sinn erweidert ginn, fir esou méiglech Attentater ze evitéieren.

Am Beräich vun der bannenzeger Sécherheet gouf d'Police nei organiséiert, fir méi effizient a méi no um Bierger agéieren ze kënnen. Eng nei Ära gouf dann och am Beräich vum Rettungswiesen agelaut. Eng grondleeënd Professionaliséierung vun de Strukture gouf ëmgesat, fir kënnen e landeswäit performante Rettungsdénsgscht unzebidden.

D'DP wäert och an Zukunft Mesuren ergräifen, fir d'Sécherheet am Land ze garantéieren an e friddlecht Matenaner ze fërderen.

Constitutioun

Referendum iwwert d'Constitutioun organiséieren

Iwwert ee Joerzängt laang gouf an der Chamber un der Reform vun der Constitutioun geschafft. An der aktueller Legislaturperiode konnten d'Aarbechten um Verfassungstext ofgeschloss ginn. Déi véier gréisste Parteien aus der Chamber droen dësen Text an hu sech zesumme fir d'Organiséiere vun engem Referendum an der nächster Legislaturperiode ausgesprach. Well d'Constitutioun déi eigentlech Rechtsgrondlag fir eist Land ass, muss dëse Referendum am Virfeld mat enger breeder an objektiver Informatiounscampagne a vun enger grousser Biergerbedeelegung begleet ginn.

Vollzäitbuergermeeschter aféieren

D'DP wäert de gesetzleche Kader fir d'Aféierung vun engem Vollzäitbuergermeeschter an de grousser Gemengen schafen. De Congé politique an de finanzielle Kader mussen dofir iwwerschafft ginn. Eréischt dono kann eng Entscheidung zesumme mat den anere Parteien iwwert en eventuell Ofschafe vun den Duebelmandater geholl ginn.

Justiz

Strofdote konsequent verfollegen a bestrofen

D'DP ass der Meenung, datt grondsätzlech all kriminell Handlung muss verfollegt ginn. De Prinzip vum Ermessungsspillraum („opportunité des poursuites“) erlaabt et awer dem Parquet eegestänneg ze entscheiden, op e Gerichtsverfahren opgeholl gëtt oder op de Fall classéiert gëtt. Mir wëllen dëse Prinzip begrenzen, andeems mir fir eng Rei vu Strofdote verlaangen, datt de Parquet ëffentlech begrënne muss, wann en e Fall classéiert.

„Comparution immédiate“ aféieren

Nodeems schonns eng „procédure accélérée“ agefouert ginn ass, fuerdert d'DP zousätzlech d'Méiglechkeet vun enger „comparution immédiate“ fir Täter, déi op frëscher Dot ertappt ginn oder géint déi eendeiteg Beweiser virleien. Si sollen sou séier wéi méiglech kënne viru Geriicht gestallt, fir ë.a. d'Gerichter z'entlaaschten. Selbstverständlech mussen bei enger „comparution immédiate“ all déi üblech Rechter vum Ugeklote respektéiert ginn.

Verjährungsfrist fir Vergewaltigungen ofschafen

cf. Kapitel Gesellschaftlecht Zesummeliewen: oppen, tolerant, solidaresch an inklusiv

Alternativ Strofen aféieren

D'DP wäert den aktuelle Strofkatolog iwwerpräiwen a wann néideg un déi haiteg Constellatiounen upassen.. Mir wäerten d'Aféiere vun alternative Strofen, wéi zum Beispill pädagogesch Strofe bei Verkéiersdelikter oder Aarbechten am ëffentlechen Interessi, iwwerpräiwen a se während Pilotprojeten testen. Mir setzen eis och fir en differenzéierte Prisong an, deen et Klengkrimineller erlaabt wäert sech erëm méi séier an d'Gesellschaft z'integréieren.

Mediatioun an zivilrechtliche Froe fërderen

Vill zivilrechtlech Prozesser kéinte mat Hëllef vun enger Mediatioun evitéiert ginn. D'DP wäert dofir dës Form vu Konfliktléisung weider fërderen.

Tutelle-Gesetz reforméieren

D'DP wäert eng Reform vum Tutelle-Gesetz duerchféieren, fir besonnesch Mënsche mat enger Behënnerung méi staark doranner ze ënnerstëtzen, fir datt si erëm selwer iwwert hiert Liewen entscheeden kënnen. D'Instrument vun der Tutelle gräift momentan ze staark an d'Rechter vu ville Betraffenen an, zum Beispill duerch den automateschen Entzug vum Walrecht. Och fir krank an eeler Leit ass eng Reform vum Tutelles-Gesetz absolut néideg. D'DP wëll dobäi de rigide System vun der Tutelle duerch e System ersetzen, wou déi Betraffenen eng Persoun zur Säit kréien, déi hinnen hëlleft (Bäistand). Besonnesch wichteg ass och datt eng reegelméisseg Iwwerpräiwung vum Besoin a vun der Verhältnisméissegkeet vun de Mesure gemaach gëtt.

Personal an der Justiz massiv opstocken

D'DP wäert d'Längt vun de Prozesser op de Lëtzebuerger Gerichter däitlech verkierzen andeems si der Justiz déi néideg personell a finanziell Mëttel gëtt, fir sou effizient wéi méiglech schaffen ze kënnen. De Manktem u Personal an der Justiz wëlle mir ënnert anerem duerch eng Vereinfachung vun der Astellungsprozedur fir Magistrate behiwen.

D'Justiz digitaliséieren

D'DP wäert d'Prozeduren vum Justizapparat digitaliséieren an esou d'Duerchschnëttsdauer vun de Prozesser däitlech verkierzen. Do dernieft wäerte mir d'Justiz méi transparent gestalten, andeems all d'Gerichtsuerteeler um Internet verëffentlecht wäerte ginn.

D'Kompetenze vun de Pecherten („Agents municipaux“) erweideren

D'DP wäert de Gesetzprojet iwwert d'Kompetenze vun de Pecherten („Agents municipaux“) schnellstméiglech ëmsetzen, fir esou d'Police ze entlaaschten. No enger éischter Phase wäert d'DP iwwerpräiwen, ob déi nei Kompetenzen an Ausbildungen och um Terrain gräifen. D'DP wäert uschléissend d'Kompetenze vun de Pecherte weider opmaachen, beispillsweis andeems si och an Zukunft och kënnen Autoen ofschleefe loossen.

Stroosseprostitutioun evitéieren

cf. Kapitel Gesellschaftlecht Zesummeliwen: oppen, tolerant, solidaresch an inklusiv

Police

Policereform: déi territorial Organisatioun evaluéieren

Bal 20 Joer no der Fusioun vu Police a Gendarmerie huet d'Police Grand-ducale wärend dëser Legislaturperiod eng gréisserer Reform erlieft. D'Asazgebiddener goufen duerch eng Territorialreform a véier Regiounen agedeelt. Zil vun der Reform ass eng méi effizient a méi biergerno Organisatioun. D'DP wäert dës territorial Neiorganisatioun evaluéieren a wann néideg upassen.

D'Polizisten entlaaschten

Am Kader vun der Policereform gouf d'Méiglechkeet, administrativ Aarbechte vun zivillem Personal anstatt vu Polizisten maachen ze loossen, ausgebaut. Fir d'Polizisten méi effizient a virun allem méi um Terrain kënnen anzesetzen, wäert d'DP iwwerpräiwen, a wéi engem Mooss d'Asetze vun Zivilpersonal d'Poliziste weider administrativ entlaaschte kann. Dernieft wäert d'DP präiwen, ob et net méiglech ass, fir de Gefaangenentransport – sou wéi dat an Däitschland de Fall ass – an Zukunft vu Giischtercher am Plaz vu Polizisten duerchféieren ze loossen.

Der Police méi Moyenen zur Verfügung stellen

D'Police kann hir wichteg Aufgaben am Dénkscht vum Bierger nëmmen erfëllen, wa se genuch Personal huet. D'DP wäert dofir de Beruff vum Polizist fir jonk Leit méi attraktiv maachen. Och d'Weiderbildung gëtt verbessert .

D'DP wäert och d'Informatik bei der Police op den neiste Stand bréngen. D'DP wäert modern, digital Techniken aféieren, fir datt déi alldéiglech Policeaarbecht daitlech méi einfach ka gemaach ginn.

Platzverweis aféieren

D'DP wäert der Police déi gesetzlech Moyene ginn, fir en zäitlech begrenzte „Platzverweis“ fir Persounen auszeschwätzen, déi eng Gefor fir d'ëffentlech Uerdnung oder Sécherheet duerstellen. D'Aféiere vum „Platzverweis“ wäert et der Police erlaben, on-iwwersiichtlech Situatiounen op ëffentlech Plaze méi séier a méi effizient ze léisen, ouni datt dobäi onschëlleg Leit zu Schued kommen.

D'Aféierung vu Kierperkameraen („Body-Cams“) a vun „Dashcams“ a Policegefierer iwwerpräiwen

D'DP wäert no enger Testphase d'Aféierung vu „Body-Cams“ an „Dashcams“ iwwerpräiwen. Den Asaz vun esou Apparater ka fir d'Dokumentatioun vun Evenementer wärend engem Policeasaz benotzt ginn. D'DP wäert d'Detailer fir e méiglechen Asaz vun dësen Apparater mat der Policegewerkschaft diskutéieren.

Kontrolléiert Legaliséierung vum Cannabis

cf. Kapitel Gesellschaftlecht Zesummeliwen: oppen, tolerant, solidaresch an inklusiv

Rettungswiesen

D'Reform vum Rettungswiesen an der Praxis begleeden an de Benevolat fërderen

Während dëser Legislaturperiode gouf déi dringend néideg Reform vum Lëtzebuerger Rettungswiesen endlech ëmgesat. Wichteg Punkten an der Reform sinn déi nei Organisatioun vun de Servicier, eng besser Ënnerstëtzung vum Benevolat an d'Schafe vun den neien Infrastrukturen um Rond-Point Gluck. D'DP wäert dofir suergen, datt déi déifgräifend Reform optimal um Terrain ëmgesat gëtt. Fir d'DP gehéieren wosouwuel déi Professionell wéi och déi Fräiwëlleg zum Häerz vun eise Rettungsdéngschter. Dofir wäert d'DP och wieder hiren Asaz belounen a stäerken.

De SAMU muss op de Leescht geholl ginn

cf. Kapitel Gesondheet a Soziaversecherung: e séieren Accès zu enger qualitativ héichwäerteger Medezin a Systemer laangfristeg secherens

Armée

Moderniséierung vun der Armée virundreiwen

D'Lëtzebuerger Armée huet déi lescht Joerzéngte bewisen, datt si capabel ass sech den internationalen Exigenzen a Saache Militärverdeedegung unzepassen. Et handelt sech heibäi ëm eng permanent Entwécklung, där sech eis Armée stänneg stelle muss. D'DP ënnerstëtzt d'„Lignes directrices de la défense luxembourgeoise à l'horizon 2015 et au-delà“, an deenen déi zukünfteg Ausriichtung vun der Verdeedegung festgeluecht gëtt. Mä och an Zukunft wäert d'Prioritéit vun eiser Armée an Iwwerwaachungs- an an Opklärungsmissiounen leien. Dofir gëtt och wieder an d'Moderniséierung vun eiser Leeschtungsfaegkeet investéiert, wéi zum Beispill a modern Technologien. D'DP ënnerstëtzt och d'Investitiounen an d'Militärmedezin oder an déi militäresch Satellittekommunikatioun, vun där d'ganz Lëtzebuerger Gesellschaft an d'Lëtzebuerger Ekonomie profitéiert.

Sécherheet a Verdeedegung vun der EU garantéieren

cf. Kapitel Europa an international Politik. Lëtzebuerg als zuverlässige Partner

D'Carrière bei der Armée méi attraktiv gestalten

De Rekrutement bleift eng vun de gréissten Erausforderungen vun der Lëtzebuerger Armée. Duerch d'Schafe vun neie Carrièren an zousätzleche Formatiounen solle méi Leit mat ënnerschiddlechen Fäegkeeten a Profiller ugesproch ginn. D'DP wëll d'Carrière bei der Armée méi attraktiv gestalten andeems se de Beruff an d'Familljeliewen besser kann openeen ofstëmmt ginn. D'DP wëll de Rekrutement fir verschidde Karriären bei der Armée och punktuell fir Net-Lëtzebuerger opmaachen.

Europa an international Politik: Lëtzebuerg als zuverlässige Partner

Als vollwäertge Member vun der UNO ass Lëtzebuerg en Deel vun enger grousser Staatgemeinschaft. Als Member vun der Europäescher Unioun huet Lëtzebuerg eng Stëmm, déi och an der Welt Gehéier fënnt. Nëmme esou ka Lëtzebuerg sech op Aenhéicht mat anere Länner beweegen. D'Weltaktualitéit ännert permanent. Niewesächlechkeeten entwéckelen sech ganz schnell zu Erausforderungen, mat deene mir eis och zu Lëtzebuerg befaassen müssen. International Krisen hunn also och hir Auswierkungen op Lëtzebuerg. Séier ass engem da kloer, datt sou Problemer eng grenziwwerschreidend, also eng kollektiv Léisung brauchen. Leider si sech verschidden EU-Memberstaaten dären net bewosst a sichen hiert Gléck am Nationalismus, Populismus an am Protektionismus. Mir müssen dës Iwwel un der Wuerzel huelen an decidéiert reagéieren.

Genauso wichteg ass de Constat, datt eis Welt nach ni sou vill Wuelstand, Sécherheet, Friden an international Zesummenaarbecht kennt huet. Dës ass zu engem groussen Deel de Verdéngscht vun der Europäescher Unioun. D'EU huet e ganz Arsenal un Instrumenter, déi eng Zesummenaarbecht do erlaben, wou et Sënn mécht a wou en Ellengang kee Wäert huet. D'Reegelwierk vun der Unioun bitt Méiglechkeeten, déi esou Kooperatiounen erlaben.

Als Grënnungsmitglied a Vermittler tëscht sengen Nopeschlänner huet Lëtzebuerg an der EU traditionell méi e grouss Gewiicht wéi d'Gréisst vum Land et schéngt léisst. Déi erfollegräich Presidence ënnert dem Premier Xavier Bettel am Joer 2015 ass heifir dat bescht Beispill. Mat der DP wäert Lëtzebuerg och weider eng wichteg Roll an der Europäescher Unioun spillen an den europäesche Projet virundreiwen. Lëtzebuerg wäert awer dobäi uecht ginn, datt d'EU a Wirtschaftsfroe weider weltoppen an international kompetitiv bleift an dat de Prinzip vum „Level Playing Field“ bestoe bleift.

D'DP ënnerstëtzt eng aktiv Europapolitik, déi sech neien Erausforderungen net verschléisst. Nëmme deen, deen och aktiv no Léisunge sicht, kann dobäi bäidroen d'Zukunft matzestalten. D'Europäesch Unioun soll weider u senger Verdeiwung schaffen an den Integratiounsprozess wieder virundreiwen, fir säi Potenzial voll ausschöpfen ze kënnen. Déi Memberstaaten, déi esou eng Entwécklung ënnerstëtzen, sollten dës Wee och konsequent goe kënnen. Dës gelt zum Beispill fir d'Beräicher vun der Verdeedegungs- a vun der Ëmweltpolitik, wou d'Plus-value vun enger grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht däitlech erkennbar ass.

D'EU kann allerdéngs nëmme dann effizient sinn, wa se sech op dat wesentlecht konzentréiert an op eng iwwerflësseg Iwwerreglementéierung verzicht, déi de Bierger d'Liewen nëmme méi schwéier mécht. Dofir gëllt et och fir erauszefannen, wat fir Aufgaben och-oder-besser national gemeeschtert kënnen ginn. Nëmme e staarkt a vereenten Europa ka seng Bierger schützen, andeems et sech fir eng Zesummenaarbecht op deem Gebitt setzt andeems et seng Zesummenaarbecht zur Léisung vum Problem bäidréit. D'EU muss sech an den Déngscht vum Bierger stellen. Dës ass déi indispensable Prämiss vun der DP.

Europäeschen Noriichtendéngscht schaffen

A Punkto Sécherheet kann ee gutt gesinn, datt eng Zesummenaarbecht op europäeschem Niveau fir méi Sécherheet vun eise Bierger suergt. D'Geheimdéngschter sinn nämlech en zentraalt Instrument am Kampf géint den Terrorismus. D'Attake vu Paräis a vu Bréissel hunn eis awer gewisen, datt den Informatiouns Austausch tëschent de Länner ausbaufäeg ass. Am

Kader vun enger EU-wäiter Poursuite missten d'Organisationen EUROPOL an EUROJUST kuerzfristeg méi Kompetenze kréien, well béid europawäit während hiren Aktivitéite vill Informatiounen zesummesammelen an esou op eng effizient Manéier fir méi Sécherheet kënnen suergen. Laangfristeg fuerdert d'DP d'Schafe vun enger europäescher Sécherheetsagence. Well nëmmen e permanente Informatiouns Austausch kann eis am beschte viru potenziellen Terroristen a weideren Attentater schützen.

Eng kohärent aussepolitisch Vetriedung vun der EU garantéieren

D'Aussenduerstellung vun de wirtschaftlechen Interessie vun der Europäescher Unioun ass am Prinzip kohärent, och wann et zum Beispill beim Ënnerschreiwe vum CETA-Ofkommen zu Startschwierigkeete komm ass. Lëtzebuerg profitéiert jiddefalls vun der EU fir seng wirtschaftlech Interessen ze verdeedegen. Dat huet een zum Beispill och gesi bei der Annonce vu Washington fir Stroftaxen op Stol- an Aluminiumsimporte ze erhiewen. Onst Land – wéi all déi aner Memberstaaten och – ka sech an esou engem Fall och nëmmen duerchsetzen andeem s een zesumme mat sengen europäesche Partnerlänner zur Wier setzt. Déi aktuell europäesch Aussepolitik ass allerdéngs wéineg bis guer net existent. Dat huet ee gutt gesi während dem Ukrain-Konflikt, wéi zwee gréisser Staats- a Regierungschefen (aus Däitschland an aus Frankräich) d'Rudder an d'Hand geholl haten an dem europäeschen Aussebeoptraage kee Spillraum méi gelooss hunn. Och am Syrienkonflikt huet ee gesinn, wou Europa méiglecherweis eppes mat senger Diplomatie areeche hätt kënnen, wann dës direkt an energetesch geschitt wier. Well fir sech an der Welt Respekt, Glafwierdegkeet a Gehéier ze verschafen, muss d'EU mat enger Stëmm schwätzen: an dat souwuel am Kader vun der UNO, wéi och an aneren internationalen Organisationen, bezéiungsweis während Verhandlungen am Kader vu Konfliktsituatiounen.

Sécherheet a Verdeedegung vun der EU garantéieren

D'EU muss sech verstärkt kënnen selwer verdeedegen a seng Sécherheet selwer kënnen garantéieren. Am Kader vun enger strategescher Partnerschaft mat der NATO kéint eng europäesch Verdeedegungs-Unioun autonom am Ausland operéieren a beispillsweis fir Sécherheet a Stabilitéit an den EU-Grenzstaaten suergen. Heibäi geet et net ëm d'Schafe vun neie Strukturen, mä ëm eng besser a méi effizient Zesummenaarbecht vun de Arméien an der EU.

Regulär Migratiounsweeër ausbauen

Am Kontext vun der Migratioun gesäit dat europäescht Reegelwierk en administrativen an e präventive Volet vir. Den normalen Volet gesäit en nohaltege Schutz vun den europäesche Baussegrenze vir. Fir d'DP ass dëst eng solidaresch Erausforderung, fir déi all d'Memberstaaten riicht stoe mussen. D'Grenze sollen awer op sinn, fir déi Leit, déi e Recht hunn se z'iwwerschreiden. Dëst gëllt, ohne Wenn und Aber, fir Flüchtlingen, déi aus humanitäre Grënn bei eis kommen. Soss muss individuell gekuckt ginn, ob déi betrafte Persounen an eisen Aarbechtsmaart integréiert kënnen ginn. D'EU wäert präventiv hëllefen, d'Liewensbedingungen an d'Perspektiven an den Hierkonftslänner esou ze verbesseren, dass d'Leit sech net méi mussen op de Wee maachen, fir hiert d'Gléck enzwousch anescht ze sichen. Fir dëst Zil kënnen z'erreechen, muss déi europäesch Entwécklungs-, Handels-, a Sécherheetspolitik, zesumme mat den Empfänger aus den Entwécklungslänner, effizient Partnerschaften ofschléissen.

Déi gemeinsam europäesch Entwécklungskolaboration an Entwécklungshëllef stäerken

D'EU-Representatiounen an den Entwécklungslänner sinn déi éischt Ulafstell fir Demande fir Hëllefen. Dofir ass et wichteg, datt dës politesch Schnëttstelle gutt openeen ofgestëmmt si fir eng nohaltege an effizient Aarbecht kënnen ze garantéieren. Déi europäesch Entwécklungshëllef

suergt nëmmen da fir dauerhaft Verbesserungen op deene Plaze wann si net duerch aner Beräicher, wéi den Handel, d'Ëmwelt oder d'Landwirtschaft beanträchtegt gëtt. Eng Koordinatioun vun deene verschidde Politiken ass indispensable fir datt d'EU ka koherent an nohalteg handeln. Am Mëttelpunkt vun der europäescher Entwécklungspolitik steet déi mënschlech Dignitéit, getrei dem Motto vum europäesche Joer vun der europäescher Entwécklung vun 2015: „Eis Welt, eis Dignitéit, eis Zukunft“ .

Déi international Strukture stäerken

International Organisatiounen, wéi d'UNO, d'Weltbank, d'Weltgesundheitsorganisatioun oder déi international Aarbechtsorganisatiounen sinn zentral fir den internationalen Austausch a fir Léisunge fir länneriwwergräifend Erausforderungen ze fannen. D'DP wäert sech dofir setzen, déi international Strukture weider ze stäerken, an esou den Dialog tëscht de Länner ze fërderen.

Nei Mechanismen aféieren, wann e Memberstaat europäesch Wäerter verletzt

D'Wäerter an d'Regelwierk vun der EU, wéi se am Artikel 2 vum Traité iwwert d'Europäesch Unioun festgeschriwwen sinn, missten duerch de Gardien vun de Verträge, also duerch d'EU-Kommissioun, garantéiert ginn. Verschidde vun deene méi jonke Memberstaaten schéngen dës Wäerter no hirer Adhesioun awer séier vergiess ze hunn. Eng Ursaach dofir ass bestëmmt datt d'Prozedur, déi esou Verstéiss sanktionéiere kënnen ganz laangwiereg sinn. D'Prozedur déi zum Verloscht vum Stëmmrecht am EU-Conseil véiert ass esou schwéierfällg, dass et zimlech onwahrscheinlech ass, datt et eng Kéier dozou komme wäert. D'DP verlaangt dofir datt een der EU-Kommissioun méi Mëttele gëtt fir géint esou Verstéiss virzegoen. D'EU sollt konsequent géint d'Memberstaaten virgoe kënnen, déi d'EU-Wäerter méi wéi eng Kéier brechen.

D'Bezéiunge mat den EU-Partner reegelen

Et muss ee vir allemol kloergestallt ginn, datt d'EU-Memberschaft net nëmme Rechter, mä och Flichte mat sech bréngt. D'DP ass der Meenung, datt d'EU, hir Aart a Weis, wéi se funktionnéiert, stäerken oder esouguer verbessere muss. Eréischt dann ass si an eisen Ae bereet fir nei Memberstaaten kënnen opzehuelen. Wirtschaftlech Partnerschaften mat Länner, déi vun de selwechten Avantagen profitéiere kënnen wéi Memberstaaten, sinn awer weider méiglech. Dës wäerten awer kee Stëmmrecht hunn an och net an den europäeschen Institutiounen vertrauede sinn.

National Intressen an Europa verrieden

Europapolitik an Nationalpolitik sinn net vuneneen ze trennen. E groussen Deel vun eisen nationalen Gesetzer geet op EU-Direktiven zrëck. D'DP wäert also dofir suergen, datt eis national Intressen op EU-Niveau optimal vertrauede ginn. Dozou gehéiert och eng personell Verstärkung vun der RP zu Bréissel a vun de Schlësselministèren, déi Lëtzebuerg um Verhandlungsdësch verrieden. Donieft wäert d'DP Lëtzebuerg als Sëtz vun den europäeschen Institutiounen verdeedegen a stäerken.

Den europäesche Bannemaart stäerken

D'DP bekennt sech kloer zur Europäescher Unioun an zum Euro. Ouni den europäesche Bannemaart hätten d'Lëtzeburger Ekonomie a seng Finanzplaz sech net sou staark entwéckele kënnen, wéi dat haut de Fall ass. Och op der internationaler Bühn ass Lëtzebuerg als klengt Land dorobber ugewisen en Deel vun enger staarker Gemeinschaft ze sinn, fir sech kënnen Gehéier ze verschafen. D'DP setzt sech dofir konsequent fir e weidert Zesummewuesse vun der EU, ënner der Berücksichtigung vum Subsidiaritätsprinzip an. Am Domaine vun de Steieren, steet d'DP weiderhin zum Prinzip vun der Eestëmmegkeet.

Kohäsions- und Solidaritéitspolitik ënnerstëtzen

Eng kohärent EU ka Partner op unilateraler, multilateraler an op europäeschem Niveau (UNO, OSZE, G8, G20, a.ä.) dovunner iwwerzeegen, eng sozial Politik ze ënnerstëtzen. D'Alternativ wier sozialen Dumping an eng Stärkung vun den Ongläichheeten an eiser Gesellschaft.

Lëtzebuerg muss sech dergéint wieren, datt d'Gehälterschéier weider ausenee geet. Dëst gëllt besonnesch fir d'Ost-West- an d'Nord-Süd-Gefäll bannent vun EU. Europa muss un senger Kohäsionspolitik festhalen, enger Zort Solidaritéitspolitik, wéi se och vun der DP ënnerstëtzt gëtt. Allerdéngs muss d'Ausbezuule vu Gelder aus dem Kohäsionsfong un déi strukturell méi schwach opgestallte Memberstaaten un d'Anhale vun den europäesche Grondwäerter gekoppelt sinn.

Transatlantesch Bezéiunge fleegen

D'NATO ass d'Fundament vun enger sécherer EU. D'Bezéiungen tëschent Europa an den USA mussen verbessert ginn, well eng fragil Allianz ass eng schwach Allianz. D'EU kann sech bis haut nach net selwer verdeedegen. Mir brauchen kee Wettreschten, mä méi Solidaritéit a méi Interoperabilitéit. Europa muss sech ëm berechebar Bezéiunge mat den USA beméien.

Mobilitéit vun de Studente fërderen

Grad am Hibleck op d'Auswierkunge vum Brexit wäert d'DP d'Mobilitéit vun de Studente stäerken. D'Weiderféiere vu Programmer wéi Erasmus (+) ass dobäi vun zentraler Bedeitung.

Europa als Wäertegemeinschaft stäerken

D'EU gesäit Europa net nëmmen als Wirtschaftsgemeinschaft, mä virun allem och als Wäertegemeinschaft. D'DP wäert sech weider dofir setzen, fir datt déi 47 Länner aus dem Europarat, d'Prinzipie vun der Demokratie, de Mënscherechter an déi vum Rechtsstaat oprechterhalen. Dëst ass néideg, fir d'Grondfräiheete vun 820 Millioun Bierger ze garantéieren, besonnesch elo, wou verschidde Staaten dës Wäerter mat Féiss trëppelen.

the 1990s, the number of people in the UK who are employed in the public sector has increased by 1.5 million, from 2.5 million in 1980 to 4 million in 1995 (Department of Health 1996).

There is a growing emphasis on the need to improve the efficiency of the public sector, and to ensure that the public sector is able to deliver the services that are required by the public. This has led to a number of initiatives, including the introduction of competition, the restructuring of public sector organisations, and the introduction of performance targets.

One of the main reasons for the need to improve the efficiency of the public sector is the increasing pressure on public sector budgets. This is due to a number of factors, including the increasing cost of health care, the increasing cost of education, and the increasing cost of social services.

Another reason for the need to improve the efficiency of the public sector is the increasing demand for public services. This is due to a number of factors, including the increasing population, the increasing demand for health care, and the increasing demand for education.

There are a number of ways in which the efficiency of the public sector can be improved. These include the introduction of competition, the restructuring of public sector organisations, and the introduction of performance targets.

One of the main ways in which the efficiency of the public sector can be improved is by the introduction of competition. This can be done by allowing private companies to compete for public sector contracts.

Another way in which the efficiency of the public sector can be improved is by the restructuring of public sector organisations. This can be done by merging public sector organisations, or by transferring public sector functions to private companies.

A third way in which the efficiency of the public sector can be improved is by the introduction of performance targets. These targets can be used to measure the performance of public sector organisations, and to ensure that they are able to deliver the services that are required by the public.

There are a number of challenges associated with improving the efficiency of the public sector. These include the need to ensure that the public sector is able to deliver the services that are required by the public, and the need to ensure that the public sector is able to operate within its budget.

Despite these challenges, there is a growing consensus that the efficiency of the public sector must be improved. This is because the public sector is a major part of the economy, and it is essential that it is able to deliver the services that are required by the public.



DEMOKRATESCH
PARTEI

ZUKUNFT OP LËTZEBUERGESCH

#dp2018

WWW.DP.LU

Demokratesch Partei

148-150 boulevard de la Pétrusse
L-2330 Luxembourg
Tel. (+352) 22 10 21
Fax. (+352) 22 10 13
Email: secretariat@dp.lu

www.dp.lu

 [demokrateschpartei](https://www.facebook.com/demokrateschpartei)
 [dp_lu](https://twitter.com/dp_lu)
 [demokratesch_partei](https://www.instagram.com/demokratesch_partei)
 621 37 2018